Conseil communal

Séance publique du 23 septembre 2009

Durée de la séance: *10.00 à 11.15 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	
John Polfer, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance publique

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Administration générale
   - 2.1. Budget de l'exercice 2009: Service ordinaire, première modification des recettes et des dépenses - décision.
   - 2.2. Titres de recettes: Déclarations diverses.
   - 2.3. Décomptes de travaux extraordinaires
     - 2.3.1. Infrastructures routières: renouvellement des infrastructures du chemin « Schwaarzewee » à Pétange - approbation.
     - 2.3.2. Infrastructures routières: réaménagement de la rue Léonard Schroeder à Pétange - approbation.
     - 2.3.3. Infrastructures routières: réaménagement de la rue Belair à Pétange - approbation.
     - 2.3.4. Infrastructures routières: reprofilage de la rue Neuve à Lamadelaine - approbation.
     - 2.3.5. Canalisation: assainissement du collecteur des eaux mixtes posé en parallèle au cours d'eau « Maragole » à Rodange - approbation.
     - 2.3.6. Urbanisation: installation d'un chauffage central dans la serre du service des parcs - approbation.
     - 2.3.7. Sports et loisirs: construction d'un hall polyvalent et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation.
3. Personnel
   - 3.1. Création d'un poste dans la carrière de l'expéditionnaire administratif (m/f) - décision.
   - 3.2. Augmentation de la tâche d'un aide-éducateur (m/f) pour les Maisons Relais pour Enfants - décision.
4. Propriétés
   - 4.1. Vente de concessions de sépultures et de columbariums - 1er semestre 2009 - approbation.
   - 4.2. Installation d'une chaudière centrale dans la résidence Prince Jean à Pétange, rue Prince Jean 2 - vote d'un crédit spécial - décision.
5. Prévisions sociales
   - 5.1. Extension et rénovation de l'école précoce et de l'école primaire de Pétange - vote d'un crédit additionnel - décision.
   - 5.2. Aide aux sinistrés - subventions au profit des victimes des inondations au Burkina Faso - décision.
6. Enseignement
   - 6.1. Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

6.2. Organisation scolaire 2009/2010 - adaptation des indemnités - décision.

7. Cultes: Restauration de la statue de la Sainte Vierge Immaculée érigée au lieu-dit « Auf dem Titelberg » à Lamadelaine - attribution d'un subside spécial à la Fabrique d'Eglise - décision.
8. Transports et communications: Règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
9. Vie associative: Association « Boxerfrenn Lëtzebuerg » - statuts.
10. Questions des conseillers communaux.

Séance à huis clos

11. Personnel
    11.1. Nomination provisoire d'un fonctionnaire (m/f) dans la carrière de l'expéditionnaire administratif - décision.
    11.2. Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
    11.3. Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les besoins des Maisons Relais de Rodange et Lamadelaine - décision.
12. Enseignement: Reprise des chargés de cours par l'Etat - information.
13. Enseignement musical
    13.1. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour le poste de piano - décision.
    13.2. Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour le poste de violon - décision.
14. Environnement: candidature au poste de nouveau préposé de garde-forestier du triage de Differdange - avis.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Entschëllege wëll ech haut d'Madame Gansen an den Här Muller. Krankheetshalber kënne si net dobäi sinn, a mer wënschen hinne vun hei aus eng gutt Besserung, fir datt se geschwënn nees kënnen hire Stull hei anhuelen.

Da géif ech dem Här Breyer nach d'Wuert ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir hutt virun iech den Organigramm vun eise Betriber leien. Et ass dat de Stand vum 2. September 2009. Et ass interessant ze gesinn, wou eis Leit an de Betriber affektéiert sinn. Mir hunn do esou wäit wéi méiglech alles mat erageholl - also och déi Leit an de Structures d'accueil, vum Transport scolaire, asw. - esou datt mer e komplett Bild iwwer déi bal 300 Mataarbechter hunn.

Hannen am Dokument ass och eng Explikatioun zu verschiddene Posten, déi fir de Moment nach net definitiv besat sinn, oder wou nach Interimssituatioune bestinn.

Deen Organigramm evoluéiert ëmmer weider, esou och schonn erëm haut, wou mer nei Poste schafen an nei Leit designéieren. Mir wäerten och - wann et nees derwäert ass, eng nei Editioun vum Organigramm maachen. Et schwieft eis och fir - an dat si mer am gaange mat eisem Service 'Relations publiques' ze kucken - fir niewent déi Nimm och e Gesiicht ze kréien. Mir kucken, ob all Mënsch averstanen ass fir sech ofliichten ze loossen.

Et ass e flott Instrument, wat mer de Moment hunn. Versuergt et gutt, a mer kucke fir esou wäit wéi méiglech déi Mises à jouren ëmmer ze maachen déi noutwenneg sinn.

2.1.

Administration générale.

Service ordinaire: 1re modification des recettes et des dépenses de l'exercice 2009 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am September gëtt ëmmer e bësse gekuckt, wou mer an deenen eenzelnen Artikele stinn, wou schonn eng definitiv Ausgab festgeluegt ass, wou eventuell eng Reduktioun méiglech ass, oder wou et op der anerer Säit net genee duergeet mat deem, wat mer am Budget virgesinn haten.

Dir kënnt feststellen, datt mer net ganz vill Modifikatioune maachen. Et sinn eng Rei Modifikatiounen do, déi einfach doduerch entstane sinn, datt mer d'Chifferen elo definitiv kennen. Esou zum Beispill wat den Office social ubelaangt, wou mer déi definitiv Chiffere fir d'Joer 2009 virleien hunn. Do geet d'Recette an d'Dépense, déi mer engersäits un den Office social iwwerweisen, an anerersäits vum Stat kréien, ëm 17.000 Euro erop.

Dir gesitt och, datt mer e puer nei Artikele geschafen hunn, déi bis elo nach net bestanen hunn, an déi doduerch entstane si well am Februar dat neit Schoulgesetz gestëmmt ginn ass. Elo hu mer 'Comités d'écoles', an déi musse Kreditter hunn, sief et fir en Telefon - well se mussen erreechbar sinn - oder e Büro mussen hunn. Do hate mer eigentlech am Budget näischt virgesinn. A fir datt déi Rechnungen - betreffend hire Fonctionnement - kënne bezuelt ginn, hu mer déi Artikele geschaf. Et si keng riseg Zommen. Et ass fir den Telefon eng 400 Euro, déi mer pro Schoul festgehalen hunn, a fir d'Frais divers de fonctionnement vum Comité d'école hu mer 1.000 Euro agesat. D'Erfahrung vun deenen nächste Méint wäert weisen, wéivill Sue mer wierklech do brauchen. Well si musse jo och d'Eltere kontaktéieren, si musse Versammlungen ofhalen, Bréiwer schreiwen, Rapporte maachen, a fir déi Fraisen ze decke sinn déi Sue geduecht.

Mir wäerten och am Budget 2010 dee ganze Volet vun de Schoulen nei iwwerdenken, an do d'Struktur vun deem Artikel 4 nei definéieren an opdeelen, no deenen eenzelne Schoulen, dat heescht Schoul Péiteng, Schoul Rodange a Schoul Lamadelaine.

Dann hu mer awer ee Posten an der Modification budgétaire, deen dozou bäidréit, datt se défizitär ass. Dat ass de Personel enseignant. Dir wësst, datt mer all Joer eng Zomm an de Budget setze fir deen 1/3, dee mer dem Stat musse fir d'Schoulpersonal zeréckbe-

zuelen. Do setze mer ëmmer e Betrag dran, deen e bësse méi héich ass wéi deen, dee mer dat Joer virdrun haten. Mir haten 3 Milliounen agesat, et ass awer beim Dekont eng Zomm vun 3.045.298,27 Euro ginn. Dofir hu mer déi 45.298 Euro elo an d'Modifikatioun gesat fir op deem Artikel scho komplett ze sinn.

Dat ass och e Chiffer, dee mer an Zukunft wahrscheinlech net méi brauchen anzesetzen, well mer dee jo direkt vun der Dotation de l'Etat ofgezu kréien. An den nächste Woche wäerte mer gesinn, watfir Repercussiounen dat op de Budget wäert hunn.

E weidere Punkt, ob deen et interessant ass hinzeweisen, sinn d'Subventioune fir déi Leit déi e Supplément de rente, eng Allocation de vie chère, asw. kréien. Do hate mer 130.000 Euro virgesinn, an dat louch scho wäit iwwer deem, wat mer déi Joere virdrun am Budget stoen haten. Am leschte Joer hu mer jo och eng Upassung am Reglement gemaach, fir de Leit nach besser a méi efficace ënner d'Äerm ze gräifen. D'Leit sinn elo alleguerte laanscht, a mer hu festgestallt, datt mer dëst Joer op deem Artikel 150.000 Euro brauchen. Dofir hu mer och heifir 20.000 Euro weider an d'Dépense agesat. Wann een dat mat deem vergläicht wat mer virun 3, 4 Joer haten - wou mer bei 30.000 bis 35.000 Euro louchen - da gesi mer, datt mer mat 150.000 Euro wäit iwwer deem leie wat mer nach viru Joeren haten. Et sinn engersäits sécherlech méi Leit do, déi vun deene Saache Gebrauch maachen, an op der anerer Säit gi mer de Leit awer och méi eng héich Zomm, an d'Plafonge goufen eropgesat.

Dat wier et gewiescht fir meng Explicatiounen. Wann nach zousätzlech Froe sollte sinn, da beäntweren ech déi gären.

Jeannot Linden (LSAP):

Et steet eng Positioun 'Acquisition de mobilier pour la nouvelle assistante sociale' dran. Ass dat déi Assistante sociale, déi ersat huet?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm d'Assistante vun der Schoul. Den Här Engel, doduerch datt hie Buergermeeschter ass, schafft jo de Moment net méi bei eis. An déi nei Assistante hätt gären e Schaf an e Stull gehat. An dat hu mer hir och zoukomme gelooss.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat ass gemengt mat 'nettoyage des massifs'?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn - an dat wäert der gesi wann den Owend de syntheteschen Terrain zu Rodange ageweit gëtt - hanne laanscht d'Gäert dat héicht Gras, dat do stoung, duerch eng extern Firma botze gelooss, well eis Servicer net nokomm si mat der Aarbecht.

Accord à l'unanimité.

2.2.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 765.689,22 euros - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei gesitt der eng ganz Rei vu Recetten. Déi déckst Beträg si sécherlech déi zwou Zommen, déi mer vun der Participatioun vum Stat kréie fir eis Maisons Relaisen, wou mer jo vun engem gewëssene Moment 75% kréien, an net méi déi 50% wéi dat virdru war.

Dir gesitt awer och, datt mer eng ganz Rei Remboursementer gefrot hunn. Mir hunn emol eng Kéier duerchgeforst wiem mer wat vu Subventioune fir d'Transformatiounen am Haus ginn hunn. Mir gi jo do 50% vun der Zomm bäi, déi de Stat de Leit och zoukomme geloss huet. Mir hunn och déi selwecht d'Conditioune wéi de Stat, a wou d'Leit och verflicht si fir 10 Joer an deem Haus ze wunnen. Do waren awer eng ganz Rei Leit, déi dës Conditiounen net respektéiert hunn, a mir hunn deenen dann och elo - esou wéi d'Reglement dat och virgesäit - geschriwwen, datt se eis déi 'aide d'investissement' miissten zeréckbezuelen. Dat selwecht mécht de Stat och.

Approbation à l'unanimité.

2.3.1.

Administration générale.

Renouvellement des infrastructures du chemin 'Schwaarzewee' à Pétange - approbation du décompte.

Total des devis approuvés: 743.680,57 €
Total des crédits approuvés: 168.332,52 €
Total de la dépense effective: 51.561,24 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da komme mer zu enger Rei vun Dekonten. Et ass esou, datt mer an eise Betriber drop hale fir Dekonten ze maachen. Net datt mer zevill hannendra kommen. Hei sinn emol déi éischt siwen. Mir wäerten och hannendru bleiwe fir och déi aner Dekonten ze kréien, fir datt mer Dossieren ofgeschloss kréien, an déi Saachen net ëmmer erëm beim Contrôle vum Inneministère musse mat virunzeschleefen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wéi de Buergermeeschter gesot huet, kréie mer e bësse méi Loft an eise Budget, an et gëtt e bësse méi iwwersiichtlech, wa mer déi al Kamellen emol erausgeheien. Hei ass deen éischte Projet, an dat ass dee vum Schwaarze Wee. Do gesäit een, wéi heiansdo optimistesch eise Politiker ass, a wéi realistesch dann d'Fakte sinn. Hei hu mer 1992 fir d'éischt dovunner geschwat. An do war och en Artikel virgesi fir de Schwaarze Wee nei ze maachen. Fakt ass, datt mer op engem aneren Artikel elo haut déi Saache realiséiert hunn. Et waren deemools 743.680 Euro virgesinn. Et war e gréissere Projet, wou dee ganze Schwaarze Wee sollt aneschters gestallt ginn. D'Realitéit ass awer elo eng aner. Beim Projet sinn nëmme Prouwe gemaach a Waasserapparature kaf ginn, déi dann an de Servicer fir aner Zwecker profitéiert si ginn. An et koumen Honorairen dobäi. Vun deenen 743.000 Euro, déi optimistesch ugesat gi sinn, sinn 168.000 Euro Kreditter approuvéiert ginn an et goufen effektiv nëmmen 51.000 Euro verschafft. Dat war u sech nëmme fir d'Étuden, a fir déi Saachen, déi direkt zu den Étude gehéiert hunn. Et ass u sech näischt exekutéiert ginn.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt froen, ob d'Infrastrukturen awer esouwäit fäerdeg sinn am Schwaarze Wee, an ob déi Saache mat verschidden Ustéisser an der Rei sinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Deen heite Projet huet näischt mat deem ze dinn, dee mer elo am gaange sinn ze maachen. Dat hei war ee ganz anere Projet, bei deem de Schwaarze Wee sollt ganz nei gestallt ginn, an dat méi als Foussgängerzon, asw. . Wat mer elo de Moment maachen - an engem aneren Dekont - ass d'Elektresch an de Bouclage vum Waasser, vum Gas a vum Elektreschen. An da gëtt duerno de Schwaarzbelag driwwer gemaach, an do ass sech mat den Ustéisser esou arrangéiert ginn, datt déi kleng privat Banden och géife matgemaach gi fir datt et duerno eng propper Situatioun fir all Mënsch ass. Mä do si mer awer nach net ganz fäerdeg.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dann hat sech den Här Brecht nach zu Wuert gemellt.

Guy Brecht (LSAP):

Meng Fro ass beäntwert. Merci.

Approbation à l'unanimité.

2.3.2.

Administration générale.

Réaménagement de la rue Léonard Schroeder à Pétange - approbation du décompte.

Total des devis approuvés: 867.627,34 €
Total des crédits approuvés: 27.184,02 €
Total de la dépense effective: 23.761,44 €

Roland Breyer, Schäffen:

Dat hei ass och eng Kamell, déi 10 Joer aal ass. Et ass dat de Reaménagement vun der Léonard Schroeder-Strooss. Do war deemools e Kredit virgesi gi fir dat alles nei ze maachen. Et ass lass-gaangen, datt vun enger Firma Prouflächer gemaach si ginn. An et gouf festgestallt, datt dee ganze Coffrage vun däer Strooss guer net géif bestoen. Dat heescht, dee Projet wier vill méi grouss gi wéi urspréinglech virgesinn. Et ass dunn e 'changement de politique' komm, an dee Projet ass net méi weider verfollegt ginn. Mir dierfen awer soen, datt mer nach ëmmer haart un d'Léonard Schroeder-Strooss denken, an datt mer versiche fir et an de Budget vum nächste Joer mat eranzekréien, well et eng vun deene Stroossen ass, déi wierklech eng Kéier muss gemaach ginn. D'Infrastrukturen, déi dra leien, si wierklech ganz schlecht. Haaptsächlech d'Waasser. An dee ganze Coffrage ass nach ëmmer inexistent. Et ass also net besser ginn an deene leschten 10 Joer.

Wéi gesot, mir hunn dës Strooss op der Prioritéitelëscht stoe fir deen neie Budget, a mer versiche fir se do mat eranzehuelen.

Approbation à l'unanimité.

2.3.3.

Administration générale.

Réaménagement de la rue Belair à Pétange - approbation du décompte.

Total des devis approuvés: 1.710.465,32 €
Total des crédits approuvés: 41.973,38 €
Total de la dépense effective: 39.597,37 €

Roland Breyer, Schäffen:

Beim Belair ass et praktesch d'selwecht. Just virun de Walen 1998 ass dee Projet och mat erageholl ginn. Et war virdrun e Reprofilage gemaach gi vun däer ganzer Sprooch, an do ass awer gesot ginn, datt déi Strooss ganz schlecht wier an datt se och eng vun deene Stroosse wier déi op der Prioritéitslëscht stinn. Et ass och e Projet ausgeschafft ginn, deen déi Zäit scho relativ deier war, an zwar 1,710 Milliounen. Duerno koum och de politische Changement an dee Projet ass net direkt op der Prioritéitslëscht iwwerholl ginn. Dunn ass festgestallt ginn, datt och en neie Waasserbasseng misst um Hierschbierg gebaut ginn. Déi Studie sinn do ugefaange ginn, an et huet sech erausgestallt, datt, wann dee Waasserbasseng gebaut gëtt, och déi ganz rue Belair muss opgerappt gi well déi ganz Leitunge jo erofgeleet musse gi fir d'Verbindung mat dem Rollenger Basseng hirzestellen. Déi Projete sinn am Fong geholl verluecht ginn, esou datt et kee Sënn hat fir eng Belair Strooss virdru ganz nei ze maache wann se duerno nees komplett géif opgerappt ginn. Et muss fir d'éischt dee Waasserbasseng gebaut ginn. Do wësse mer och, datt et eng Prioritéit ass. Et steet am Budget dran, a mer wäerten ufanks 2010 ufänken ze bauen. An da gesi mer och schonn direkt respektiv parallel – et muss ee kucke wéi d'Technik do evoluéiert – d'Erneierung vun der rue Belair vir. Am ganze sinn 39.597 Euro ugefall un Étuden a Kanalinspektiounen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt froen, ob do och dru geduecht gëtt fir d'Iwwerflächewaasser an Ugrëff ze huelen, dat uewe vum Bësch erofkënnt, fir datt dat mat erof geleet gëtt?

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn de Moment schonn en Drainage. Et kënnt effektiv vill vun do uewen erof. Et ass net eleng d'Iwwerflächewaasser, mee mer hunn do och vill Quellen, déi dauernd ofschëdden. Mer hunn och festgestallt, datt, wann et emol ferm reent, Problemer a verschidde Gäert entstinn. Ech hat och eng Kéier déi ganz Terrass iwwerschwemmt. Alleguer déi an der rue des Alliés e bësse méi déif leie wéi den Hiwwel vum Hierschbierg erof, déi kënne Problemer kréien. Do ass och scho mat däer Firma geschwat ginn, déi d'Étude solle maache vum Waasserbasseng. A spéitstens wa mer elo iwwer d'Belair Strooss schwätzen, gëtt och nach mat dem Bureau d'études geschwat. Et wäert sech héchstwahrscheinlech dorauser erginn, datt mer mussen e klengen Opfangbecken installéieren an der Héicht wou d'Muttergottes steet, esou datt do e klenge Weier entsteet, wou d'Waasser dra leeft ier et da lues a lues weiderleeft. Well dee grousse Gruef, dee mer elo do hunn, muss all Kéier wann et nees geschott huet, propper gemaach gi well en dann nees zou ass. Et wier also besser, en Opfangbecken dohinner ze maachen. Dat ass am Kapp dran, mee et ass nach net vun den Techniker berechent.

Jeannot Linden (LSAP):

En Deel vu menge Froen ass scho beäntwert ginn. Ech mengen, ech sinn och averstanen domat, datt mer an der rue Belair waarde bis de Basseng gebaut ass. Mee ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, datt besonnesch d'rue Léonard Schroeder sech opdrängt. Well do kréie mer eng Kéier d'Gefor, well déi Waasser-leitungen total duerch d'Schlaken zersat sinn. Et läit jo näischt do am Sand. Déi Strooss huet wierklech Prioritéit.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass sécher eng vun deene Stroossen, déi ganz uewe steet op eisem Prioritéitskalenner, well et ass kee Fong do. Et ass näischt do gebaut, an déi Waasserleitung zerfält eng Kéier komplett – et ass jo och nach eng gosse Leitung, esou datt mer do dréngend eppes mussen ënnerhuelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et kann een emol den Teppech net an d'Rei setzen, well wann een d'Maschinn usetzt, dann ass een direkt an de Schlaken.

Approbation à l'unanimité.

2.3.4.

Administration générale.

Reprofilage de la rue Neuve à Lamadelaine - approbation du décompte.

Total des devis approuvés: 37.184,03 €
Total des crédits approuvés: 37.184,03 €
Total de la dépense effective: 23.173,79 €

Roland Breyer, Schäffen:

Dat war och e Projet, deen op d'Joer 1999 zeréckgeet, an dee mer elo endlech kënnen zoumaachen.

Camille Bosseler (CSV):

Do haten se viru Joren e Problem mam Stroum, an deemools war jo reklaméiert gi vun de Leit.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Aarbechte si gemaach. Dat hei ass just den Dekont.

Approbation à l'unanimité.

2.3.5.

Administration générale.

Assainissement du collecteur d'eaux mixtes posé en parallèle au cours d'eau 'Maragole' à Rodange - approbation du décompte.

Total des devis approuvés: 37.184,03 €
Total des crédits approuvés: 29.148,33 €
Total de la dépense effective: 19.148,31 €

Roland Breyer, Schäffen:

Dat geet och zeréck op d'Exercicen 1997-2001-2003. Do waren och Expertise gemaach gi fir ze gesinn, wat alles do misst geschéien. Et ass eng Firma aus Däitschland – KMG – déi d'Inspektiouns- an Botzaarbechten duerchgeféiert hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer opgefall, datt den Devis op den Cent genee d'selwecht ass mat deem vu virdun ënner Punkt 2.3.4.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat kucke mer awer no, well dat kann ech mer och net virstellen. Et ass awer net dramatesch.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass net dramatesch, mee et fält op.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn eng prinzipiell Fro zu deene ganzen Dekonten. Wéisou ass et méiglech, datt mär 10 Joer no den Aarbechten den Dossier hei zoumaachen. Kann do net e Suivi gemaach ginn am Haus fir datt dat éischter kann zougemaach ginn. Well ech fannen dat do net méi sérieux.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Här Becker, ech ginn iech Recht doranner. An ech kéint iech eis Rappeller an deem Kontext virleeën. Et ass sécherlech e Bewäis, datt eis Techniker net ganz frou si fir en Dekont ze maachen. Si schaffe ganz gutt wann de Schantjen um Lafen ass, a wann e fäerdeg ass, da kënnt nach déi lästeg Aarbecht vum Dekont, déi keen esou richteg wëll maachen. Hei si Saache vu virun 2000 a vun deene mer emol net woussten, datt se opstéingen. Am Kader vum Contrôle hu mer dann elo emol gesot kritt, datt déi nach ëmmer géifen opstoen. Do hu mer mol gesicht hei. Zum Deel sinn och déi Fonctionnairen, déi d'Projete gemaach hunn, net méi do. Den Här Schiltz, deen déi Zäit jo nach net do war, huet dat alles nogesicht. Da kënnen esou Saachen emol vir-kommen, well hien huet missen an alen Dossieren nosiche goen. Vun 1997 un huet d'Kontabilitéit geännert. 1996 huet ee mussen an engem anere System fueren. Also mer sinn derhannert, datt dat soll goen. Mee ech ginn iech Recht, datt mer 10 Joer duerno mat eppes kommen. Et mécht eis d'Liewen och schwéier fir déi Konten opzestellen. Ech géif och soen, datt mer relativ bäi sinn a mer versichen, och als Politiker, deen noutwennegen Drock ze maache mat der Ënnerstëtzung vum Sekretariat, vu wou mer regelméisseg Lëschte kréien. Der wësst, datt mer 2000 e risege Bréif krute mat 80 Dekonten, déi op-stoungen. Deemools hu se eis gesot, datt, wa mer net geschwë géifen eppes maachen, da géifen se e *commissaire spécial* asetzen. Et ass hei am Haus e bësse schwéier fir d'Techniker z'iwwer-zeegen, mee ech mengen, datt mer elo um gudde Wee sinn. Dat hei waren eben nach al Kamellen, déi hänke bliwwe waren.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass och heiansdo moralesch net gutt ze vertriede wann een hei als Politiker sëtzt an eppes muss ofstëmmen, wat anerer engagéiert hunn. Et wier jo vill méi propper, wann ee selwer géif ofschléissen a kontrolléieren. Et ass net ëmmer méiglech wann emol Saache sech iwwerschneiden. Mee wann et awer 10, 12 oder 13 Joer zerécklät, dat ass dann net méi normal.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll nach ee Beispill ginn, an zwar de *Bâtiment administratif*. Mer hunn de Projet ofgeschloss, a mer haten den Dekont knapps hei gestëmmt, do koum nach eng Rechnung no, déi den Architekt vun engem Betrib nach vergiess hat eranzeginn. Do si mer erëm eng Kéier an de Gemengerot komm fir dat nozestëmmen. Dat ass och penibel, an dofir musse mer och hanner den Architekte si fir ze froen, ob alles fäerdeg ass an datt se eis schréftlech kënne matdeelen, datt alles ofgeschloss ass. Mee och do hu mer miissten nostëmmen, well mer konnte jo net deem Betrib vu Péiteng keng Suen iwwerweise well den Architekt an der Stad seng Aarbecht net gemaach hat. Dat ass natierlech deen anere Risiko.

Approbation à l'unanimité.

2.3.6.

Administration générale.

Urbanisation: installation d'un chauffage central dans la serre du service des parcs - approbation du décompte.

Total du devis approuvé: 22.278,00 €
Total du crédit approuvé: 22.278,00 €
Total de la dépense effective: 21.120,54 €

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass en Dekont, deen op den Exercice 2002 zeréckgeet. Do huet eise Park-Service eng nei Heizung fir d'Zäre kritt. Den Devis, deen deemools ugeholl gi war huet sech op 22.278 Euro belaf, d'Ausgabe louche bei 21.120,54 Euro.

Approbation à l'unanimité.

2.3.7.

Administration générale.

Sports et loisirs: construction d'un hall polyvalent et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation du décompte.

Total des devis approuvés:
8.000.200,00 €
Total des crédits approuvés:
7.047.126,42 €
Total de la dépense effective:
6.873.033,01 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hate mer den 23. Abrëll scho wéi mer e provisoreschen Dekont an deem Kontext gemaach haten. Dat ass dee ganze Projet vun der Sportshal, der Strooss, déi jo Jos. Moscardo Strooss heescht, vun dem synthetesche Fuss-ballsterrain mee och vun däer neier Tribün, déi dohinner komme soll. Dat war e Projet, dee mer 2002 gestëmmt haten. Doropshin hu mer, fir elo schonn en éischten Dekont kënnen ze maachen a fir et net ze laang ze schlefen, de Projet an zwee gedeelt. An zwar d'Sportshal mat der Strooss, an op däer anerer Säit wäerte mer de syntheteschen Terrain zesumme mat der Tribün ofschléissen. Dofir war och den Devis bei 8 Milliounen, an haut si mer bei enger Ausgab vun 6.873.033,01 Euro. Déi 8 Milliounen hunn deemools dee ganze Projet ëmfaasst, an an der Ausgab vun 6.873.033,01 Euro ass just den Deel vun der Sportshal a vun der Strooss Moscardo mat deem enge Parking abegraff. Der wësst, deen zweeten Deel ass amgaang, deen ee Parking mat dem syntheteschen Terrain ass praktesch fäerdeg an e gëtt jo haut ageweit. Da bleift nach just d'Tribün iwwereg. Dann ass dee ganze Projet, dee mer 2002 hei gestëmmt hunn, ofgeschloss.

Guy Brecht (LSAP):

Här Buergermeeschter, esou wéi där war ech och an der Generalver-

sammlung vum FC Rodange 91 déi lescht Woch, an do sinn e ganze Koup Doléance komm. An ech schwätzen elo net vun deenen Doléancen, wat d'Sportshal ugeet, mee vun den Doléance wat d'Infrastrukture selwer ugeet. Ech mengen, do sinn e ganze Koup Saachen, déi nach net fäerdeg sinn. Lafe mer do net Gefor, datt mer do mussen nostëmmen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also wat do ugeschwat gouf, dat war jo gréisstendeels um Stade Jos. Philippart selwer, an dat war an dësem Projet jo net dran. Dat eenzegt, wat mat deem heite Projet direkt ze doen huet, dat sinn d'Kulangen, déi futti sinn, a wou mer elo vum Service gesot kruten, datt dat nach dëse Mount iwwer d'Bühn wäert goen. Wéinst dem Vandalismus musse mer jo haut alles aus Stol an Eise maachen. Hei hate mer gemengt, datt mer vun enger gewësser Héicht un normal Kulange kéinte maachen. Et huet sech awer erausgestallt, datt dat net richteg war, esou datt mer se elo mussen ersetzen. Déi Geschicht huet awer mat deem heite Projet näischt ze doen. Dat war esou ausgeschriwwen. Et war vläicht e Feeler fir dat esou auszeschreiwen, dat maach sinn. Dat ass dat Eenzegt, wat sech direkt op dee Projet bezitt, vun deem mer haut den Dekont maachen. Do kënne mer awer kee responsabel maachen, well dat jo awer esou am Cahier de charges virgesi war. Mer mussen dat ebe flicken, dat anert, wat an der Versammlung ugeschwat ginn ass, huet net direkt eppes mat der Sportshal ze doen.

Approbation à l'unanimité.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Sou, elo hu mer déi éischt 7 Dekonten duerch. Ech si frou, datt de Gemengerot der Meenung ass, datt mer dat solle weiderféieren. Opgronn vun däer Diskussioun, déi mer haut haten, wäerte mer bei deenen aneren och intervenéieren. Et sinn nach eng hallef Dosen, déi mer och nach virgesinn haten an déi mer nach wëllen an deenen nächste Gemengerots-sëtzungen op den Dësch leeën.

3.1.

Personnel.

Création d'un poste d'expéditionnaire administratif (m/f) - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hu virun zwou Sëtzungen hei entscheet, engem Expéditionnaire, dee sech gemelt hat fir eng Redaktesch-Plaz heibannen, en „congé sans solde" ze gi bis zur definitiver Nominatioun. Dee Moment feelt dann am Biergerzenter eng Persoun bis déi Nominatioun geschitt ass, esou datt mer do e Lach hunn obwuel mer do eng aner Persoun op en anere Poste genannt hunn. Hei gëtt dann nees en anert Lach opgerappt. Dofir ware mer der Meenung, do e Posten auszeschreiwe fir en „expéditionnaire administratif" deen am Biergerzenter soll hëllefen. Dee soll da genannt ginn an de Posten esou laang geschaf gi bis de Redakter seng definitiv Ustellung géif kréien. Duerno géif dee Posten nees ofgeschaf ginn. Mer géifen esou keng zousätzlech Plaz schafen, mee mer géife just opfëlle well mer eng Verschibung an eisem Personal haten. Deemools, mengen ech, war de Gemengerot och schonn der Meenung, datt dat eng gutt Léisung wier, esou datt mer iech elo géife virschloe fir e Posten als „expéditionnaire administratif" auszeschreiwen a fir dann esou séier wéi méiglech eng Persoun dohinner ze kréien. Mer sinn och der Meenung, datt mer de Statut esou sollte maachen, datt et eng Persoun wier, déi den Exame schonn hanneru sech huet an direkt kéint agesat ginn. Net datt se déi zwee Joer nees am INAP sëtzt an dann hu mer erëm näischt dovunner.

Accord à l'unanimité.

3.2.

Personnel.

Augmentation de la tâche d'un poste d'aide-éducateur (m/f) à temps partiel et à durée déterminée pour les Maisons Relais - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei solle mer d'Entscheedung huele fir d'Tâche vun engem „aide-éducateur" an der Maison relais vun 12 op 20 Stonnen ze erhéijen. Mer hunn den Accord vum Familljeministère schonn do. An zwar geet et bei däer Tâche speziell ëm eng „surveillance personnelle et permanente" vun engem Kand mat spezielle Bedierfnesser, wat mer an eis Maison relais erageholl hunn. Dat Kand ass schonn e puer Joer bei eis, an dat ass elo an der Primärschoul. Virdru war et an der Spillschoul an huet dunn net esou vill Opmierksamkeet gebraucht. Et brauch elo einfach méi Betreiung, esou datt mer geduecht hunn, mer miissten einfach déi Tâche eropsetzen. Da kann och eng Persoun do si fir dat Kand uerdentlech ze betreien. Et ass och zäitlech begrenzt, an zwar esou laang mer dat Kand bei eis hunn. Wann dat Kand elo iergendwann aus der Primärschoul erausgeholl géif gi fir an eng speziell Struktur ze goen, dann ass natierlech déi hei Tâche hifälleg. Si ass gekoppelt un dat Kand.

Accord à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Cimetières: vente de concessions de sépultures et de columbariums (1er semestre 2009) - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hei ass e Punkt, deen normalerweis all Joer een- bis zweemol erëmkënnt. An zwar solle mer haut och eis Zoustëmmung gi fir de Verkaf vu Konzessioune fir Griewer a Kolumbarien op eise Kierfechter. Do hu mer dräimol e Kontrakt mat Leit gemaach, déi gären e Graf hätten. Ee Kontrakt ass fir e Kolumbarium erausgaangen.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Propriétés.

Résidence 'Prince Jean' au n° 2, rue Prince Jean à Pétange: installation d'une chaudière centrale - vote d'un crédit spécial - décision.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An däer Residenz hei zu Péiteng si mär als Gemeng jo haaptsächlech Besëtzer mat iwwer 563 Millièmen. Do funktionéiert de Moment nach e Genre vun Installatioun, déi net méi adäquat ass fir déi heiteg Zäit. Et ginn och ganz vill Problemer an et si Reparaturstécker do, déi net méi ze fanne sinn, esou datt schonn an der leschter Generalversammlung entscheet gouf fir do eng ganz nei Installatioun ze maachen. Ob eis als Gemeng fält natierlech dee gréissten Deel fir ze bezuelen zeréck. Dat sinn am ganzen 31.852 Euro. Ech mengen, et wier ganz wichteg fir déi Saach elo emol ze aktualiséieren a fir do eng modern Installatioun ze maachen. Ech géif iech bieden, zweemol ofzestëmmen. Fir d'éischt fir den Accord ze ginn, esou datt d'Aarbechte kënnen ugefaange ginn, an dann och fir de Spezialkredit ze erméiglechen.

Accord à l'unanimité.

5.1.

Prévisions sociales.

Extension et rénovation de l'éducation précoce et de l'école primaire à Pétange - vote d'un crédit additionnel - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten eigentlech am Budget 2009 virgesinn, en Avant-projet ze maachen. Do waren dann och Zomme virgesi fir den Architekt ze bezuelen. Neierdéngs ass et jo esou, datt de Regierungsrot entscheet huet, datt ee kann den Avant-projet iwwersprangen an direkt zum definitive Projet goen. Et ass awer esou, datt, dee Moment wou een direkt zum definitive Projet geet, d'Chargë vum Architekt méi héich si well d'Aarbechte méi detailléiert sinn, esou datt dee Kredit, dee mer fir den Avant-projet virgesinn haten, net duergeet. Dofir hu mer elo missen, well d'Aarbechte vum definitive Projet – mer hunn dee jo och schonn am Juli hei am Gemengerot gestëmmt - ofgeschloss sinn, de Kredit erhéije fir d'Architektekäschten kënnen ze decke bis bei den definitive Projet. Mer hu gesot, mer géifen 100.000 Euro bäisetzen. Dat ass vläicht e bëssen zevill, mee mer wollten awer sécher sinn datt, wann nach Aarbechte sollte geschéien op deem Niveau, mer do genuch Kredit hätte fir déi virun ze féieren.

Jeannot Linden (LSAP):

An deem definitive Projet – d'Maison relais an och d'Schoul – si jo awer och Honorairen dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten eigentlech d'Suen am Budget virgesi fir den Avant-projet eleng. Dat geet awer net duer well mer schonn eng Etapp méi wäit sinn. Mer si scho beim definitive Projet, an do musse si scho méi eng detailléiert Recherche maachen. Da läit déi Rechnung iwwer 100.000 Euro, an dofir musse mer elo nostëmme fir sécher ze sinn, datt mer genuch Suen um Kont hu fir déi Rechnungen ze bezuelen. Mee den Devis bleift d'selwecht.

Accord à l'unanimité.

5.2.

Prévisions sociales.

Aides aux sinistrés: subvention au profit des victimes des inondations au Burkina Faso - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Péitenger Gemeng ass bekannt, datt se ëmmer nees bei groussen Naturkatastrofen hëlleft. Esou hate mer dann och ugangs September eng gréisser Katastrof am Burkina Faso am Senegal an och an aneren Nopeschlänner. Et waren déi gréissten Iwwerschwemmungen zënter 1900. An Zäit vun 12 Stonnen ass esou vill Ree gefall wéi se an engem ganze Joer net kréien. Et ass ganz vill zum Onwee gemaach ginn, ënner anerem sinn Dausende Wunnengen iwwerschwemmt ginn, et gouf keen Elektrescht méi, d'Ofwaasser-Kanalisatioun an den Telefon hunn net méi funktionéiert. Et ass och esou, datt méi wéi 150.000 Leit keen Daach méi iwwer dem Kapp hunn. 110.000 Leit hu miissten a Lageren ënnerbruecht a gefleegt ginn. Eng ganz Rei Leit si gestuerwen oder goufe ganz schwéier blesséiert. D'Rout Kräiz huet sech agesat fir do ze hëllefen, an zwar fir d'alleréischt deenen Hongeregen a Kranken, fir datt do net nach méi schlëmm Krankheete kënnen opkommen. Si sinn direkt mat engem Fliger dohinner geflunn a maachen och en Opruff an der Press fir si ze ënnerstëtzen. Mer hunn, där wësst dat, en Artikel am Budget vun 2009, deen esou Saache virgesäit a wou 7.500 Euro drop stinn. Ech géif iech froen, fir dem Roude Kräiz 2.500 Euro ze iwwerweisen, esou datt dann déi Sue kéinte benotzt gi fir deene Leit ze hëllefen, déi et néideg hunn.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wollt do just eng Fro stellen, well mer elo just gesot kruten, datt de Burkina Faso am Senegal läit. Entweder kennen ech meng Geographie net richteg, mee esou wäit ech weess läit de Burkina Faso net grad am Senegal. Dat ass nawell eng zimlech grouss Differenz. Wa mer scho Suen iwwerweisen, da soll een dat och op déi richteg Plazen iwwerweisen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer schécken se an de Burkina Faso.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll awer hei d'Wort zitéieren aus engem Artikel. Do steet: „Sintflutartige Regenfälle haben zu Beginn des Monats in Burkina Faso, im Senegal und in den angrenzen Ländern...".

Norbert Pierre (LSAP):

Ah, an deenen zwee Länner. Also déi leien net grad no beieneen.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass och gutt, datt mer esou Saachen ënnerstëtzen an ee probéiert, deene Leit ze hëllefen. An dat esou séier wéi et geet a mat deene Mëttelen, déi hinnen och kënnen zu Hëllef kommen. Meng Fro ass déi: Wou komme mer da lues a lues hi wa mer kucken, wou déi lescht Zäit Iwwerschwemmunge waren. Da brauche mer geschwënn net méi dohinner ze goen, mee da bleiwe mer hei an Europa. Do verschwannen och bal ganz Dierfer, an op eemol gëtt dat och e Faass ouni Buedem. Ech sinn dofir fir dat ze ënnerstëtzen, mee bis wouhinner geet dat do?

Gilbert Welter, Schäffen:

Déi Leit hei si sozial vill méi wäit hannendran. A wann do net gehollef gëtt, da kënnen effektiv do eng ganz Rei Epidemien entstoen.

Guy Brecht (LSAP):

Wat d'Entwécklungshëllef ugeet, esou hëlt de Burkina Faso hei zu Lëtzebuerg eng vun deenen éischte Plazen an. Dat beweisen d'Reportagen op der Televisioun op alle Fall emol ëmmer, an ech huele jo sécher un, datt an dëser Saach och de Stat hei adäquat gehollef huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Esou wäit ech weess ass eng Zomm do iwwerwise ginn.

Guy Brecht (LSAP):

A méiglecherweis eng zimlech déck Zomm.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass elo scho vill gesot ginn, mee trotzdeem wëllt ech awer derbäi soen, datt et eng gutt Saach ass, datt mer awer déi Oarm an der Welt net solle vergiessen, och wann et méi schlecht geet mam Budget. Dat ass scho richteg. Et ass just eng Drëps op e waarme Steen, mee wa jiddereen dat mécht, dann ass et derwäert.

Accord à l'unanimité.

6.1.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat maache mer all Mount gemaach hunn. Hei ass wahrscheinlech dee leschten Exercice, dee mer ënner dëser Form maachen. Mer wäerten dat och vläicht nach vun Zäit zu Zäit fir d'Musekschoul kréien, mee wat den „Enseignement fondamental" ugeet, do brauche mer dat net méi ze maache well d'Gemeng sech net méi ëm d'Remplacementer këmmert. Dat mécht elo den Inspektorat, esou datt mer déi hei elo nach vum leschte Schouljoer hunn. A wa mer net nach ee fannen, dee mer vergiess hunn, dann ass dat fir d'lescht, datt mer dat maachen.

Ratification à l'unanimité.

6.2.

Enseignement.

Organisation scolaire 2009/2010: adaptation des indemnités - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei ass nach e klenge Supplément, dee mer musse bäisetzen. Nodeems mer d'Schoulorganisatioun gekuckt hunn, hate mer all Méiglechkeete gekuckt, wou d'Gemeng nach finanziell muss agräife fir d'Schoul oder para-schoulesch Aktivitéiten ze garantéieren an och do eng Indemnitéit ze bezuele fir déi Leit, déi do am Asaz sinn. Mer haten awer eppes vergiess, well mer gemengt hunn, mer hätten déi alleguer ënner Kontrakt déi fir de Moment Hausaufgabenhëllef ginn. Dat stëmmt awer net. Mer hunn ënner anerem eng Léierin aus der Péitenger Gemeng, déi Hausaufgabenhëllef gëtt, an déi ass fréier mat Iwwerstonne bezuelt ginn. Dat hu mer och elo missen änneren. Dofir musse mer nach e Complément derbäi setzen. Alles wat bei iech op der Säit 85 steet, dat hate mer schonn am Gemengerot. Mee dee Punkt 1.4. „Aux enseignants assurant des cours d'aide aux devoirs à domicile en dehors des horaires de classe selon un décompte trimestriel" musse mer derbäi setzen, well soss kënne mer déi Leit net bezuele fir déi Aarbecht, déi se do maachen. An dat well deen anere Wee, wéi mer e soss haten, net méi besteet.

Accord à l'unanimité.

7.

Cultes.

Restauration de la statue de la Sainte Vierge Immaculée érigée au lieu-dit 'Auf dem Titelberg' à Lamadelaine: attribution d'un subside spécial à la Fabrique d'Eglise - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei geet et ëm d'Statue, déi mer jo am Juli ageseent hunn a wou mer jo och alleguer derbäi waren. Dofir hu mer den 20. Mee 2009 eng Ufro vun der Kierchefabrik Lamadelaine kritt ob a wéi wäit mer bereet wieren, eis als Gemeng dorunner ze bedeelegen. Mer haten hinnen als Schäfferot méi oder wéineger zougesot - sous réserve -, datt de Gemengerot eventuell averstane wier fir eis an enger Héicht vun ongefeier 30% ze bedeelegen. Dofir hu si eis elo dee ganzen Dekont era-geschéckt. D'Onkäschten hu sech op knapps 12.000 Euro belaf. A wa mer dann déi 30%, déi mer hinnen an Aussiicht gestallt haten, och respektéi-eren, da wier dat e Spezialsubsid fir déi flott Aarbechten – well ech mengen, et ass awer e flotte Site ginn – vun 3.500 Euro. Dat eleng geet net duer, dat musse mer awer och ëmmer soen, net datt een dobausse mengt, datt d'Gemeng net ganz vill bäigeluecht huet.

Mer mussen awer och soen, datt d'Gemeng eng ganz Rei Aarbechten do gemaach huet, esou zum Beispill d'Beliichtung. An och dat huet Sue kascht. Dat geet duerno am ordinäre Budget ënner, mee dat kann een awer och emol eng Kéier an Zuelen ausdrécke fir de geneeën Impakt vun däer Restauratioun fir d'Gemeng ze weisen. Hei géife mer hinnen nach eng Kéier 3.500 Euro bäileeë fir déi ganz Alentouren an och dofir datt se déi ganz Aarbechten assuréiert hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begréissen, datt d'Muttergottes an déi ganz Plaz elo schéin aménagéiert sinn, an datt och d'Statue esou schéin an der Rei ass. Dat eenzegt, wat ech bedaueren, dat ass, datt d'Lichtung net esou gemaach ginn ass fir d'Statue richteg zum Virschäin ze bréngen. Ganz ënnen, do gesäit een e bëssen duerch d'Beem, mee wann ee bei der Kierch steet, do gesäit een se net. Et soll een se och vun der Kierch aus gesinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn dat dote gekuckt. Mir hunn zesumme mam Fierschter gekuckt, wat machbar war, an dat do ass dat wat ze realiséiere war. Sécherlech gesäit een d'Statue elo net vun der Kierch. Mä wann een e bësse méi déif geet, da gesäit een se awer. Wann elo emol d'Blieder vun de Beem sinn, da wäert een se nach besser gesinn.

Mir kënnen nach eng Kéier mat deem neie Fierschter, deen elo kënnt, op d'Plaz kucke goen, mä mer mussen awer och d'Natur respektéieren. Ech géif awer soen, datt - esou wéi et elo ass - et net schlecht ass. Wann nach eppes méi dran ass, da kënne mer dat eventuell maachen, mä mer sollen dat awer mam Fierschter ofschwätzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass mëttlerweil eng Traditioun hei an der Gemeng, datt d'Kierchefabrike speziell Subside kréien. An ech fannen dat net immens glécklech, well d'Kierchefabrike selwer vill Suen an d'Mëttel hunn, respektiv Terrainen hunn. A wéi de Buergermeeschter et scho richteg bemierkt huet, huet d'Gemeng ënner anerem scho ganz vill dozou bäigedroen, datt déi Plaz konnt an d'Rei gesat ginn, sief dat duerch d'Beliichtung an d'Installatioun, déi d'Gemeng gemaach huet. An ech fannen, datt et domatter duer geet. Et geet duer, datt d'Gemeng d'Peie bezilt vun deene Leit, déi do hu miisste schaffen, an datt d'Gemeng dat gemaach huet wat se gemaach huet. Ech fannen net, datt een ëmmer enger Kierchefabrik nach e spezielle Subsid muss ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech verstinn a respektéieren äer Meenung. Ech sinn zwar enger anerer Meenung. Well déi Plaz do huet net nëmmen eng Valeur fir déi, déi an d'Kierch ginn. Et ass eng wichteg Plaz, wou vill Leit higinn, wou Leit raschten, wou Leit eng flott Plaz virfannen. Et ass e Patrimoine, deen zu eiser Gemeng gehéiert, esou wéi mer och den Eloi an d'Rei gesat hunn, a wéi mer och elo am gaange sinn ze kucke wéi mer et solle mat der Bärbel maachen. Dat sinn awer Zeechen, déi dobaussen nach stinn, an déi un eis Vergaangenheet erënneren. Déi Muttergottes huet sécherlech bei ville Rollenger an doriwwer eraus eng wichteg Roll gespillt. Och am zweete Weltkrich huet se eng wichteg Roll gespillt. An dofir solle mer déi Saachen an Eier halen an an d'Rei setzen. Esou wéi mer och op Urode vum Här Bosseler alleguerten déi Bueren, déi mer nach dorueter hunn, an d'Rei gesat hunn. A bei der Muttesgottesstatue steet et der Gemeng och net schlecht zu Gesiicht, wa mer do mat participéieren, fir datt déi Plaz duerno erëm esou ausgesäit wéi se vläicht vir 40, 50 Joer ausgesinn huet. A wann déi Plaz verkommegelooss gi wier, dann hätt dat net zum gudden Image vun eiser Gemeng bäigedroen.

Datt d'Kierchefabrik iwwerhaapt eppes do gemaach huet - well et ass net hir Muttergottes - ass scho ganz positiv. Si hunn d'Initiativ geholl. Well soss hätte mir eis als Gemeng emol eng Kéier selwer miissten iwwerleeën, ob mer net eppes op däer dote Plaz musse maachen. Dofir mengen ech, datt déi Kollaboratioun gutt ass, an datt jiddereen zu 50% säin Deel bäigesteiert huet.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat mam Patrimoine maach jo wuel stëmmen. An ech fannen, datt mir - wa mer et géifen héichrechnen - momentan nach vill méi ausginn hu wéi déi 3.500 Euro. Well mer mussen d'Peie vun deene Leit matrechnen, mir mussen d'Material matrechnen, mir mussen d'Gefierer matrechnen déi do geschafft hunn. An dat ass jo och an der Rei. D'Gemeng huet participéiert, an domatter muss et genuch sinn. Dofir musse mer net nach extra der

Kierchefabrik nees e speziale Subsid ginn. Well dat ass elo hei an der Lescht esou agerass, datt d'Kierchefabrike Subside kréien. An domatter muss et iergendwann duergoen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech vermëssen hei en anstännegen Dekont. An déi Leit hu jo awer och Suen opgeraf. Si bréngen esouguer nach eng Brochure eraus, oder ass déi schonn eraus, a si hunn awer och vu private Leit e puer Suen erakritt. An ech vermëssen an deem Dekont, datt déi Saachen net berücksichtegt si ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Fraise vun 12.000 Euro, wat dat Ganzt soll kascht hunn, sinn engersäits finanzéiert gi vun der Kierchefabrik. Wéi si zu deene Sue komm sinn, ob si se aus hirer eegener Täsch geholl hunn, kann ech net jugéieren, an dat gesinn ech och net. Mä si hunn een Deel iwwer deen doten Deel bezuelt. Sécherlech wäerten se och en Appel un d'Leit gemaach hunn, an do sinn och Suen erakomm. Mä si hunn u sech jo och selwer keng Recetten, a si hu miissten iwwer deen dote Wee Recette fräimaachen.

A mat deem, wat mer elo hei gesot hunn, a wat mer haut stëmmen - an do huet de Gemengerot dat lescht Wuert - sinn ech der Meenung, datt mir eisen Deel dozou bäigedroen hu fir datt déi Plaz an der Rei an erëm flott ass. An esou, wéi mer elo hei participéiert hunn, steet der Gemeng net schlecht zu Gesiicht. Ech fannen déi Plaz ganz gelongen, an et ass eng Plus-value fir Rolleng, an dofir sinn ech der Meenung, datt déi 3.500 Euro net zevill wieren.

Et ass selbstverständlech jidderengem fräi fir dat aneschters ze gesinn, mä et ass op jiddwer Fall meng Positioun. Wann de Gemengerot der Meenung ass, datt mer déi Suen net sollen iwwerweisen, dann ass dat eng Décisioun vum Gemengerot an déi musse mer respektéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Ech sinn der Meenung, datt esou Patrimoine mussen erhale bleiwen, och wann dat méi chrëschtlech ausgesäit. Mä soss, wann e Veräin eppes organiséiert, oder eng Acquisitioun mécht, da gëtt ëmmer gesot, datt se mussen den Dekont virleeën, an da géif gekuckt gi fir bei engem Defizit eventuell eppes bäizeleeën. An deem heite Fall war vun Ufank u gesot ginn, datt d'Gemeng eppes géif ginn, an dofir verstinn ech och äert Argument.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech kann d'Kierchefabrik awer nach eng Kéier froe fir datt se eis sollen noreesche wéi si dat finanzéiert hunn.

Accord par 12 voix (CSV, LSAP, DP) contre 1 voix (Déi Gréng).

8.

Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière (travaux de remplacement des infrastructures dans la rue de la Terre Noire à Rodange) - confirmation.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn ugefaangen an der Terre Noire-Strooss ze schaffen. Et ginn do nei Infrastrukture fir eis, fir d'Post a fir d'Cegedel geschafen. De 15.09.2009 hunn déi Aarbechten ugefaangen, a mir wollten d'Strooss reglementéieren 'suivant l'avancement des travaux'. D'Strooss wier net méi befuerbar. Si ass just nach op fir d'Urainer, esoulaang wéi et mam Schantje méiglech ass. Dat wäert awer ee Moment net méi méiglech sinn, esou datt mer d'Fonderie-Strooss béidsäiteg befuerbar maachen. Ausserdeem ass et verbueden an der Fonderie-Strooss ze parken, well et soss e bëssen enk géif ginn. D'Leit sinn och iwwer de Verlaf vun den Aarbechten an enger Informatiounsversammlung an d'Bild gesat ginn. D'Aarbechte solle bis de Kollektivcongé 2010 daueren.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech fannen, datt 200 Deeg fir déi Aarbechte relativ vill ass. Well et ass keng immens grouss Strooss.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass gutt méiglech, datt d'Aarbechte scho fir Ouschtere fäerdeg sinn. Mä et hänkt ëmmer vum Wieder of.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hätt eng allgemeng Bemierkung zum Verkéier ze maachen. Ech wier frou wa mer deemnächst kéinten eng kleng Diskussioun féieren, well mer jo elo dat ganzt neit Verkéiersreglement an der Gemeng hunn. Do sinn anscheinend e ganze Koup Reklamatiounen erakomm, an et wier vläicht derwäert fir ze kucken, wat déi éischt Reaktioune sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi selwecht Iwwerleeung hu mer gefouert bei der Aféierung vum Reglement. Mir hunn dat och nach viru kuerzem am Comité local de la sécurité mat der Police évoquéiert. A mer hunn eis als Zil gesat, fir emol 6 Méint ofzewaarden an um Enn vum Joer eventuell éischt Konklusiounen ze zéien. Mir hunn dat Reglement praktesch an der Vakanzenzäit agefouert, esou datt een déi éischt Méint net richteg konnt spiere wéi et ukënnt. Och Gegebenheete waren e bësse verfälscht. Et si Reklamatiounen do, an et si Saachen, déi deelweis vun de Leit net richteg verstane si ginn. Dofir hu mer nach eng weider Informatioun am leschten 'Meng Gemeng' gemaach. Déi Geschicht mat de Camionnetten huet seng Friichte gedroen, wann och net iwwerall. Et ass eng Saach vu Kontrolléieren. Wann déi Kontroll net massiv a stänneg gemaach gëtt, da kommen déi al Gewunnechten nees op. Dofir musse mer regelméisseg mat der Police a mat de Pecherten zesummekomme fir datt se och owes solle kontrolléieren. Bis elo si mer awer zefridden, well am Groussen ass d'Reglement esou ukomm wéi et och geduecht war. Ech ka mer awer virstellen, datt nach verschidde kleng Adaptatioune miisste gemaach ginn. Mä do miisst een awer kucke wéi sech d'Saach elo no der Vakanzenzäit évaluéiert a wéi sech d'Reglement an deenen nächste Méint bewäert.

Ech hat vun Ufank u gesot, datt e Verkéiersreglement net d'Bibel duerstellt. Et ginn heiansdo Iwwerleeungen, déi an eng bestëmmte Richtung ginn, an dat opgronn vun Erkenntnisser an Zielungen déi gemaach si ginn.

Och do musse mer nach eng Kéier kucken, op déi Zielungen nach ëmmer richteg sinn oder op eng Evaluatioun säit dem Aféiere vum neie Verkéiersreglement ze verzeechnen ass. An da wäerte mer eis Konklusiounen zéien. Ech ka mer virstellen, datt mer am November/Dezember eng Diskussioun driwwer kéinte féieren.

Guy Brecht (LSAP):

Et sinn e ganze Koup Problemer, wat de Zoning résidentiel ugeet. Do sinn d'Leit - esou fannen ech - net ganz gutt informéiert, well an hire Stroosse selwer keng esou Schëlder méi stinn. Laut Gesetz sitt der richteg, mä et ass eng e bëssen onglécklech Situatioun. Well et si scho Leit protokolléiert gi well se an enger Zone résidentiel stoungen, a se awer kee Schëld gesinn hate wéi se an d'Strooss eragefuer sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn effektiv Zone geschaf, a fir Schëlder ze spueren an no dem Gesetz awer conforme ze sinn, brauch een nëmmen am Ufank vun deenen Zonen e Schëld hinzesetzen. Et muss een et

net méi bei all Kräizung widderhuelen. Dat ass nei fir gewësse Leit, well se musse kucke wat do steet ier se an ee bestëmmte Quartier erafueren. An der Stad an zu Esch sinn d'Leit dru gewinnt. Mä bei eis awer nach net esou richteg, an do muss een nach eng Kéier kucke fir eng Zousazinformatioun ze ginn.

Confirmation à l'unanimité.

9.

Vie associative.

Association 'Boxerfrënn Lëtzebuerg' - statuts.

Il en est pris acte.

10.

Questions des conseillers communaux.

Néant

11. à 14.

Les points 11 à 14 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal de Pétange a cependant décidé à l'unanimité de rendre public les décisions suivantes:

Personnel:

Nomination provisoire d'un fonctionnaire (m/f) dans la carrière de l'expéditionnaire administratif:

Mme Grenen Natascha, épouse Greco, de Rodange

Nomination d'un éducateur diplômé (m/f) pour les besoins des Maisons Relais pour Enfants:

Mme Rossi Melinda, de Lamadelaine

Nomination d'un aide-éducateur (m/f) pour les besoins des Maisons Relais pour Enfants:

Mme Bosseler Maryline, de Rodange

Enseignement musical:

Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour le poste de piano à l'école de musique:

Mme Guilianelli Ségolène, d'Athus (B)

Nomination d'un chargé de cours (m/f) pour le poste de piano à l'école de musique:

Mme Magyarics-Vontszemüova Judit, de Bascharage

Séance publique du 20 octobre 2009

Durée de la séance: *14.30 à 17.45 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Albert Muller, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Lily Gansen, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel
   - 1.1. Démission d'un fonctionnaire - décision.
   - 1.2. Réclamation contre un fonctionnaire - prise de position.
2. Enseignement: reprise des chargés de cours par l'Etat - information.

Séance publique (début: 15.00 heures)

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Titres de recettes: déclarations diverses.
   - 4.2. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2010 - décision.
   - 4.3. Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2010 - décision.
   - 4.4. Compte de gestion de l'exercice 2007 - approbation.

4.5. Compte administratif de l'exercice 2007 - approbation.
4.6. Règlement général des tarifs: piscine Piko - introduction d'une taxe pour la location de peignoirs et de serviettes - décision.
4.7. Règlement général des tarifs: enseignement - abolition de la taxe à charge des parents n'habitant pas la commune de Pétange - décision.
4.8. Rachat des actions de la société SURRE S.A. par la société LUXENERGIE S.A. - décision.

5. Personnel: création d'un poste d'employé communal (m/f) et suppression d'un poste de salarié - décision.
6. Ordre public: prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2010 - décision.
7. Propriétés
   7.1. Vente de deux contre-emprises sises à Rodange, lieu-dit « rue du Clopp » à M. Jean-Marie METZLER d'Esch-sur-Alzette -décision de principe.
   7.2. Acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « avenue Docteur Gaasch » de la Fabrique d'Eglise de Rodange - décision de principe et vote d'un crédit additionnel.
   7.3. Contrat de bail pour un logement communal à Lamadelaine, Grousswiss 3 - approbation.
8. Prévisions sociales
   8.1. Organisation des activités de loisirs - convention avec la société « BDK.LU » - approbation.
   8.2. Structures d'accueil des élèves en dehors des heures de classe des « Maisons Relais pour Enfants » - conventions et avenants de financement conclus avec l'Etat - approbations.
   8.3. Convention réglant les relations entre l'association « Objectif Plein Emploi » asbl et l'administration communale - approbation.
   8.4. Construction d'une crèche à Pétange - approbation d'un devis additionnel et des plans modifiés - décisions.
9. Enseignement musical
   9.1. Organisation scolaire pour l'année 2009/2010 - décision.
   9.2. Acquisition d'un piano à queue - vote d'un crédit supplémentaire - décision.
10. Urbanisme: plan d'aménagement particulier de la société Tradilux de Luxembourg concernant l'aménagement d'un lotissement à Pétange, rue J-P Kirchen - approbation de la convention.
11. Environnement: projet de gestion de district hydrographique du Luxembourg - avis.
12. Sylviculture: plan de gestion des forêts pour l'exercice 2010 -approbation.
13. Culture: installation d'une chapelle pour la mise en place de la statue de la Sainte Barbe au parc Godefroid à Rodange - approbation du devis et vote d'un crédit spécial - décisions.
14. Dépenses diverses: octroi de cadeaux de service - décision.
15. Vie associative: octroi d'un subside spécial à l'association « Hondsfrënn 1937 Péiteng » - décision.
16. Transports et communications: règlement temporaire de la circulation routière - confirmation.
17. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

1. - 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Haut viru 40 Joer ass de Roland Breyer fir d'alleréischt an de Péitenger Gemengerot gewielt ginn. An et wier op dëser Plaz ubruecht fir him ze félicitéiere fir all déi Joeren Déngscht am Intressi vun eise Bierger. Hien hat 5 Joer ausgesat, well soss wieren et 40 Joer gewiescht, datt hien am Gemengerot ass. Hien ass och bal 20 Joer am Schäfferot. Hien ass a 7 Walen dobäi gewiescht, an all kéiers ënner deenen éischten ervirgaangen. Hie wäert och geschwë sech fir déi 8. Kéier opsetzen, esou datt een och do ka soen, datt hie laang Erfahrung gesammelt huet. Wat wichteg ass, dat ass, datt de Roland Breyer an deene 40 Joer, vun 1969 bis 2009, ganz vill fir d'Péitenger Gemeng gemaach huet, ganz vill geschafft huet am Intressi vun eis alleguerten. An hien huet dat quasi bénévol gemaach, dat muss een ëmmer ënnersträichen. Well et ass jo net esou, datt ee steeräich gëtt mat esou Aufgaben, a wann ee vläicht aner Aufgabe géif iwwerhuelen, da géif ee wahrscheinlech méi verdéngen an et hätt ee vläicht e bësse manner Roserei wéi een der als Schäffen oder Conseiller huet.

Dofir soen ech him am Numm vum Gemengerot a vun der Populatioun Merci fir dat wat hie gemaach huet, a fir dat, wat hien nach ëmmer wäert maachen. Well hien huet jo emol eng Kéier ugekënnegt, datt hie sech géif zur Rou setze wann d'Waxweiler Mille géif fonctionnéieren. An da muss hie jo och nach kucken, ob se richteg fonctionnéiert, esou datt mer d'Méiglechkeet nach géife kréie fir vu 50 Joer ze schwätzen.

Guy Brecht (LSAP):

D'LASP-Fraktioun schléisst sech natierlech deene Gléckwënsch un.

Romain Rosenfeld (CSV):

Am Numm vun der CSV géif ech dem Roland Breyer och villmools Merci soen, a mer si frou, datt hie bei eis ass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech hätt och nach eng gutt Neiegkeet ze soen. Dir wësst, datt mer eng gutt

Summersaison haten. Dat huet och mat sech bruecht, datt d'Resultater an eiser PiKo-Schwämm excellent ausgefall sinn. Mir hunn dat och statistesch festgehalen an iech dohinnergeluegt. An zwar leien iech d'Zuele vir vum 1. Mee bis den 14. September 2009. Do si ganz genee 85.396 Leit an d'Schwämm gaangen. Dovunner sinn et 50.077 Leit, déi den Entrée bezuelt hunn op deenen Deeg wou den Daach op war. An den Daach vun der PiKo war 53 Deeg an däer Period op. 2008 war en nëmmen 39 Deeg op.

Mir haten och Top-Deeg wat d'Visiteuren ugeet. Den 19. an den 20. August waren déi beschten Deeg, mat 2.189 an 2.148 Visiteuren. De 5. August hate mer 1.749 Visiteuren. Dir wësst, datt mer nëmmen 1.300 Visiteuren däerfen eraloossen. Et ass awer esou, datt déi Leit net dee ganzen Dag an der Schwämm waren, an dat gëtt och respektéiert, esou datt mer doduerch op déi héich Stéckzuel kommen.

Wann een dann nach d'Sauna dobäihëlt, dann hu mer bei deenen 85.396 nach zousätzlech 2.132 Visiteuren. Dat sinn der dann am Ganzen 87.258. An an däer Zuel sinn d'Schoulklassen an déi kleng Kanner, déi gratis erakommen, net dobäi.

Wat d'Recetten ubelaangt, esou hu mer eng ganz flott Recette, déi méi héich ausgefall ass wéi dat Joer virdrun. Wa mer d'Comptoiren an d'Distributeuren huelen, da komme mer op e Plus vun 9.702 Euro par rapport zu 2008, an am Ganzen op 80.099 Euro fir d'Joer 2009. Ech muss allerdéngs soen, datt dee Plus vun 9.702 Euro sech zesumme setzt aus engem Plus bei de Comptoire vun 14.928 Euro an engem Minus bei den Distributeure vun 5.225 Euro. Dat ass doduerch ze erklären, datt - wann den Daach op ass - déi zweet Buvette baussen op der Wiss fonctionnéiert, an datt doduerch automatesch méi Recetten um Comptoir sinn.

Bei den Entréeën als solch hu mer 252.769 Euro Recettë géint iwwer 226.422 Euro. Dat ass e Plus vun 26.346 Euro. A wa mer dat Ganzt zesummenhuelen, dann hu mer Recetten tëscht dem 1. Mee bis de 14. September vun 332.865 Euro géint 296.800 Euro, wat e Plus vu ronn 36.000 Euro ausmécht.

Ech wollt iech och nach zum Schluss matdeelen, datt mer de Moment bei iwwer 600.000 Visiteure si vun do un, datt d'Schwämm op ass, dat heescht vum Summer 2005 aus un.

4.1.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses au montant total de 8.125.405,50 € - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei de Recetten, déi mer an deene leschte Woche kritt hunn, sinn 2 Recetten ervirzesträichen. Et ass dat den Impôt commercial vum 3. Trimester 2009 mat 2,5 Milliounen Euro an d'Dotation de l'Etat mat enger Avance fir drëtt Trimester 2009 vun 5,461 Milliounen Euro.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année 2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Finanzkommissioun, zesumme mam Schäfferot, proposéiert fir deen Taux op 275% ze loossen. Dat ass deen ënneschten Niveau vun alle Prosud-Gemengen. Et sinn - mat eis zesummen - 4 Gemengen, déi 275% hunn. All déi aner Gemenge leie méi héich. Mir wëllen awer besonnesch wéinst der Kris dësen Taux op 275% loossen.

John Polfer (CSV):

Et wier vläicht besser de Leit ze erklären, wann och Déifferdang op 350% ass, dat awer net alleng vun den Déifferdenger Entreprise bezuelt gëtt. Mä déi Suen, déi opgehuewe ginn, ginn an e grousse Sak gestach, an dovunner kréien d'Gemengen dann déi Prozenter. Et ass net esou, datt - wa mer méi héich wieren - mer direkt d'Betriber aus der Gemeng selwer géife belaaschten. Dofir wollt ech froen, ob et vill ausmécht, wa mer elo op 275% bleiwen, an déi aner hunn 350%? Ech gleewen net, datt dat bei eis en enormen Ënnerscheed ausmécht.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn net allzevill Firmaen déi bezuelen. Ech hu viru kuerzem mat enger Fiduciaire aus eiser Gemeng geschwat, déi eng Rei vu Betriber domiciliéiert huet, a si huet mer gesot, datt et interessant wier, wann deen Taux géif ënne bleiwen. Si waren och interesséiert, wéi eis Politik an Zukunft op deem Gebitt wier, well dat hätt en Afloss op Implantatioun vun de Betriber. Et muss also scho bei verschiddene Betriber eng Roll spille wéi héich den Taux ass.

Dir hutt awer Recht, datt déi Gemengen, déi bei 350% leien, och méi aus deem Gesamtbeidel erauszéie wéi mir.

Jeannot Linden (LSAP):

Ginn et bei de Kordall-Gemenge keng Bestriewunge fir ee gemeinsame Nenner ze fannen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Virun engem Joer waren Diskussioune gefouert gi fir en eenheetlechen Taux ze fannen. Dat war awer net méiglech well déi eng oder aner Gemeng op deem méi héijen Taux wollt bleiwen.

Op Grond vun deenen Diskussioune si mir zesumme mat Käerjeng d'lescht Joer vun 250% op 275% eropgaangen. Et sinn also elo eng Rei Gemengen do, déi 275% hunn, an Diddeleng - wa meng Informatioune richteg sinn - läit bei 320% an Déifferdang huet mat deen héchsten Taux mat 350%.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Fixation du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hate jo am Kader vum Pacte logement - dee mer jo ënnerschriwwen haten - eng Rei Ännerungen zu deene verschiddenen Tauxë vum Impôts fonciers virgeholl. Dat war d'lescht Joer. Mir géifen iech proposéieren, an dat huet och d'Finanzkommissioun esou gesinn, fir fir d'Joer 2010 déi Tauxen onverännert ze loossen.

Accord à l'unanimité.

4.4.

Administration générale.

Compte de gestion de l'exercice 2007 - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt a mengen Explicatiounen och direkt mat op de Punkt 4.5. vun der Dagesuerdnung agoen, well et déi selwecht Chiffere sinn, déi mer hei presentéieren.

De Punkt 4.4. ass éischter de Compte de gestion, deen den Här Mentz, eise Receveur - dee jo zanter dem 1. September a Pensioun ass - geréiert huet.

Ënner dem Punkt 4.5. ass de Compte administratif, bei deem sech éischter de Schäfferot - zesumme mat senger Administratioun - drëm këmmert.

Déi zwee Konte sinn déi selwecht wat d'Chifferen ubelaangt. Mir haten 2007 am ordinäre Kont en Iwwerschoss vun 7.937.219,18 Euro. Mir haten am extraordinäre Kont knapp 11 Milliounen Euro un Ausgaben, wougéint mer awer nëmmen 2,3 Milliounen Euro Recetten haten. Esou datt dee Kont mat engem Mali - wat net aussergewéinlech ass - vun 8.625.848,50 Euro ofschléisst. Esou datt dee ganzen Exercice 2007 mat engem Mali vun 688.629,32 Euro ofschléisst.

Wann een awer weess, datt mer Enn 2006 en Iwwerschoss vun 8.922.968,93 Euro haten, a mer dann dee Mali vun 2007 ofzéien, da läit fir Enn 2007 den Iwwerschoss bei 8.234.339,61 Euro.

Wat de Contrôle ubelaangt, dee bei eis war fir déi Konten ze kontrolléieren, esou geet aus sengem Rapport ervir, datt hien absolut näischt ze beanstanden huet. Dat eenzegt, wat se festgehalen hunn, ass, datt am Kont eng Rei Dekonte gemaach goufen, a si hunn och op Grond vun engem Courrier, dee mer hinne geschéckt haten a wou mer hinne verschidde Positioune wollte liquidéieren - wat éischter Acqisitioune waren a wou mer geduecht haten, datt do keng Dekonte bräichte gemaach ze ginn - hu si eis och guttgeheescht. Et bleiwen natierlech nach eng Rei Projeten, déi nach net fäerdeg sinn, an déi nach spéiderhi mussen dékontéiert ginn.

Mir sinn och op Grond vun enger Diskussioun, déi mer heibannen am Haus haten, drop aus fir d'Dekonten esou séier wéi méiglech och ze clôturéieren. Do waren nach eng Rei al Dossieren dran, déi hu misse clôturéiert ginn. Dat si mer am gaangen ze maachen, an et gesäit gutt ass, datt mer an nächster Zukunft keng esou Retarde méi opzeschaffe kréie wéi an der Vergaangenheet.

Jeannot Linden (LSAP):

Beim Budget 2007 louche mer bei engem Boni vu ronn 5 Milliounen Euro. Mir leien awer elo beim Kont bei engem Boni vun 8 Milliounen. An ech hu gesinn, datt de Gros aus dem Ordinäre kënnt. Ass dat duerch d'Dotation de l'Etat oder duerch d'Gewerbesteier?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss ee soen, datt 2008 bal mat 10 Milliounen Iwwerschoss wäert ofschléissen. D'Joeren 2006 bis 2008 ware sécherlech déi "fett Joeren", wéi ee seet. Do war den Impôt commercial an d'Dotation de l'Etat, aus deene mer relativ vill aus deenen 'Recettes non-affectées' erausgezunn hunn. Mir hunn awer och - an dat muss ee ganz kloer soen, a jiddereen, deen déi leschten Zäit mat un der Opstellung vun de Budgete geschafft huet dee weess dat - , datt mer ganz staark dru geschafft hu fir déi Iwwerschëss ze kréien. Dat ass doduerch, datt mer déi ordinär Ausgaben net an d'Onendlecht wuesse gelooss hunn. Dat heescht, deen Effet, dee mer elo hei hunn, ass en duebelen Effet. Deen een ass deen, datt mer méi "recettes non-affectées" hate wéi urspréinglech virgesinn, an deen aneren Effet ass deen, datt mer bei den ordinären Ausgabe vill besser opgepasst hunn. An dat huet eis jo och erlaabt fir am Budget 2009 schonn e Budget virzeleeë mat engem Iwwerschoss vun 8 Milliounen, wat jo schonn exzeptionell ass, a wat hei am Süden nëmmen e puer Gemenge fäerdeg bruecht hunn. Nieft deene Gemengen, déi am Geld schwammen, well esou Gemenge ginn et och. Mä mir sinn awer net bei deene Gemengen.

Mä deen Iwwerschoss, dee mer hei hunn, gëtt eis awer och vläicht d'Méiglechkeet fir mat enger méi grousser Serenitéit an déi méi schwéier Zäite vun 2010 an 2011 eranzegoen. Well mer ginn dovunner aus, datt mer d'nächst Joer beim Impôt commercial a bei der Dotation de l'Etat tëscht 2 an 2,5 Milliounen Euro manner wäerte kréie wéi 2009. An och am Budget rectifié wäerte mer méi niddereg leie wéi am Budget 2009. An déi Situatioun kréie mer ausgefiedert well mer eng Situatioun hunn déi eis an déi glécklech Lag stellt fir esou Saache wéi déi do besser ze meeschtere wéi aner Gemengen.

Ier mer elo zum Vote kommen, wéilt ech nach eng Kéier vun der Geleeënheet profitéiere fir dem Camille Mentz am Numm vun eis alleguerten heibannen an am Numm vum zoustännegen Service Merci ze soe fir déi mustergülteg Gestioun vun dësem Kont.

Approbation à l'unanimité.

4.5.

Administration générale.

Compte administratif de l'exercice 2007 - approbation.

Approbation par 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) contre 5 voix (LSAP).

4.6.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: introduction d'une taxe pour la location de peignoirs et de serviettes dans la piscine PiKo - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir wéilten an der PiKo-Schwämm eng nei Tax aféieren. An zwar hu mer am PiKo eng Rei Clienten, déi schwamme kommen, an dann, wa se an der Schwämm sinn, feststellen, datt se och gäre wéilten an d'Sauna goen. Da hu se awer weder e Buedmantel nach e laangt Handduch bei sech a se froe fir dat geléint ze kréien.

Bis elo ass dat ëmmer esou gemaach ginn, datt d'Handduch fir 3 Euro an de Buedmantel fir 4 Euro verlount ginn ass. Dat hutt der och zum Beispill haut schonn erëmfonnt bei den Titres de recettes, wou e Poste mat 320 Euro drastoung. Mir hunn dat ëmmer bei d'Recettes diverses mat erageholl. Mir wëllen dat awer änneren an esou reglementéieren, datt mer et mat an d'Taxereglement kënnen integréieren.

Dofir wëlle mer d'Kapitel VII (Piscines et bains) vum Taxereglement folgendermoossen änneren:

4.1. Taxe de location pour une serviette: 3 euros

4.2. Taxe de location pour un peignoir: 4 euros

Dat Ganzt ass och vun der Finanzkommissioun ugeholl ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Déi Locatioun ass eng gutt Saach, an dat gëtt praktesch och an all Schwämm gemaach. Den Tarif fir en Handduch mat 3 Euro fannen ech nach an der Rei, mä de Buedmantel mat 4 Euro fannen ech relativ niddereg.

Da wollt ech och froen, ob déi Dicher a Buedmäntel vun der Gemeng gestallt ginn, oder ob se duerch eng Firma gestallt ginn?

Wie mécht d'Wäsch dovunner, a wie schaaft d'Dicher an d'Mäntel un?

An an aneren Anstalten hunn ech gesinn, datt ee fir de Buedmantel oder d'Dicher eng Kautioun muss bezuelen. Well et sinn ëmmer Saachen, déi duerno mat agepak ginn an da si se mat fort.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn et e bëssen als Service um Client betruecht. An et ass effektiv esou, datt mir als Gemeng eng gewëssen Zuel vun Dicher a Buedmäntel op Réserve hunn. Mir loossen et och vun eis aus wäschen. A mer wëlle mat deem Service kee Geld verdéngen, well et jo soll e Service sinn, mä mer leeën op kee Fall Sue bäi.

Wat d'Kautioun ugeet, esou huelen ech un, datt dat kontrolléiert gëtt. Et ass och nëmme fir d'Sauna geduecht. A wa se en Duch oder Mantel geléint kréien, da ginn d'Donnéeë vun däer Persoun notéiert. Esou datt een am Prinzip - fir de Fall wou een eppes net erëmkritt - och déi Leit ka kontaktéieren. Bis elo huet et nach ëmmer geklappt an et ass nach näischt virkomm.

John Polfer (CSV):

Ech wollt nëmmen nach soe firwat nach keng Tax bestanen huet. Am Ufank sinn déi Buedmäntel an Dicher nëmme verkaf, an net verléint gi sinn. Et ass awer esou, datt d'Verléine méi gefrot ginn ass wéi de Verkaf, an dofir si mer elo op dee Wee gaangen.

Accord à l'unanimité.

4.7.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: abolition de la taxe scolaire à charge des parents n'habitant pas dans la commune de Pétange - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hate bis d'lescht Schouljoer eng Tax hei an der Gemeng - esou wéi dat och an anere Gemengen de Fall war - fir déi Kanner, déi vun auswäerts komm an hei an d'Schoul gaange sinn. Bei deene Kanner ass e Minerval gefrot ginn. Dat ass awer op Grond vum Artikel 20 vum Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 net méi méiglech. Dat Gesetz gesäit eigentlech nëmmen nach vir, datt d'Gemengen deenen anere Gemengen - wou d'Kand hirkënnt - déi reel Fraisen a Rechnung stellen. Dofir musse mer déi Taxe scolaire hei ofschafen a mer mussen - an déi Diskussioune sinn nach net zum Schluss gefouert - mat eisen Nopeschgemenge klären a wéi fern mer an Zukunft do eis géigesäiteg Rechnungen ausstellen a Fonctioun vun de Fraisen déi do ufalen.

Et muss ee wëssen, datt op mannst grad esouvill Kanner aus eiser Gemeng auswäerts an d'Schoul gi wéi Kanner aus anere Gemengen heihinner kommen. Esou datt, wann een dat ënner dem Stréch kuckt, ee feststellt, datt d'Zomm, déi ze bezuele wier, minimal ass.

Wann d'Gemenge sech eens ginn, an dat ass eng Diskussioun déi um Niveau vum Syvicol muss gekläert ginn, an d'Gemenge sech net onnéideg selwer Rechnungen ausstellen, da wäerte mer an Zukunft bei däer dote Saach keng Recetten a keng Ausgabe méi hunn.

Trotzdem muss een hei soen, datt mir als Gemeng och wierklech strikt Critèren uwennen, an och net jiddereen, dee wëll an eng Péitenger Schoul goen, och hei zouloossen. Mir wëllen einfach garantéieren, datt déi Kanner, déi op Péiteng kommen, och e Lien zur Péitenger Gemeng hunn, an datt et net ka sinn, datt op eemol all déi, déi di aner Säit vun der Grenz wunnen, wëlle bei eis an d'Schoul kommen. Dat géif fir eise Schoulsystem sécherlech net einfach ginn, esou datt mer bei all Demande iwwerpréiwen, a wéi fern datt se - laut den 'dispositions légales', déi am Gesetz vum 6. Februar 2009 verankert sinn - conforme ass oder net.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt gäre wëssen, aus wat sech déi Fraisen zesummesetzen, déi eventuell solle verrechent gi wann ee vun enger Gemeng an déi aner wëll an d'Schoul goen. Sinn dat Fraise vum Schoulpersonal oder sinn dat Fonctionnementskäschte vun de Gebaier?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat sinn am Prinzip 'frais de fonctionnement'. Wann een zum Beispill d'Schnéiklassen hëlt, esou leet d'Gemeng jo do Sue bäi. Och d'Bicher musse mer de Kanner jo gratis zur Verfügung stellen. Dat ass e Chiffer, deen net grad kleng ass. Mir hunn ongeféier 180.000 - 190.000 Euro am Budget stoe fir Bicher. A wa mer wëssen, datt mer 1.700 bis 1.800 Kanner hunn, da kafe mer fir ronn 100 Euro Bicher pro Kand. Mir hu Bastelmaterial, dat mer de Kanner zur Verfügung stellen. Et ginn Ausflich gemaach. Dat si Fraisen, déi ufalen, mä wann ee just déi dote Saachen zesummerechent, da wäert een op 200 bis 300 Euro pro Kand kommen. Dat sinn ongeféier déi Fraisen, déi ee kéint verrechnen.

Et muss een och wëssen, datt mer eng ronn 100 Kanner aus eiser Gemeng hunn, déi net bei eis an der Schoul sinn, a wann een dat e bësse mat der Zuel vergläicht vun deene Kanner, déi vun auswäerts bei eis kommen, dann hält sech dat an der Wo.

Roger Klein (LSAP):

Déi Propositioune schénge mer ganz verstänneg ze sinn. Doduerch datt Kanner aus däer enger an déi aner ginn, gëtt déi eng Gemeng méi belaascht, an déi aner Gemeng gëtt entlaascht. An datt do ënner de Gemengen en Arrangement fonnt gëtt fannen ech scho ganz richteg.

Fir nach eng Kéier op dem Här Muller seng Fro vu virdrun anzegoen, muss ee soen, datt déi Fraisen, déi e Kand engendréiert, wann et an d'Schoul kënnt, eigentlech méi héich si wéi déi direkt Fraisen do. Well et muss ee bedenken, datt - wann een 20 Kanner méi hei an der Gemeng huet - een dann op mannst eng Klass weider huet. Da gëtt et eventuell e Klassesall méi an et muss een eventuell un d'Schoulgebaier denken. Et huet een en Enseignant weider, et huet ee weidert Botzpersonal, asw. . Dat heescht, wann een emol eng Kéier géif rechnen, wat eng Gemeng pro Kand géif ausginn, da sinn dat Zommen, déi wäit iwwer deem leie wat ee vun den Elteren 'raisonnablement' ka froen.

Ech wollt awer froen, ob mer Kanner hei hunn, déi am Ausland wunnen, an op dee Moment och géif versicht gi fir mat deenen auslännege Gemengen en Accord ze fannen? Oder géif an deene Fäll déi al Regelung bestoe bleiwen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Zuel vun deene Kanner, déi aus dem Ausland kommen, ass ganz limitéiert. Et kann een se op enger Hand zielen. Et waren der och, déi mer schonn haten ier dat Gesetz hei agefouert gouf. Mer si ganz retizent wann et drëm geet fir Kanner aus dem Ausland heihinner ze kréie well mer eben dat do net kënne maachen. Ech ka mer net virstellen, datt eng Gemeng vun déi Säit der Grenz gewëllt ass fir Käschten ze iwwerhuelen. An do si mer och laut dem Gesetz net 100-prozenteg verflicht, dat zum Nulltarif ze maachen. Mer haten awer e bësse Problemer fir iech ze proposéieren, déi Tax hei bäizebehale fir déi net Lëtzebuerger Kanner, déi dann aus dem Ausland kommen. Mer ginn awer éischter an déi Richtung, datt mer eigentlech kee Kand aus dem Ausland unhuelen. Et sieft dann, et bestinn enk Verbindunge mat Péiteng. Zum Beispill wann een hei schafft a wierklech gutt Argumenter hätt. Da kéint ee kommen an et kéint een dann driwwer diskutéieren. Mee mer hunn awer dat Ganzt limitéiert fir och ze vermeiden, datt mer op eemol ganz vill Kanner bäikréien, esou datt mer mussen eng Klass dubléieren. Wa mer eng Klass hu mat 14 Kanner a mer kréien der 2 derbäi, dann hu mer eng Klass mat 16 Kanner. Déi Klass hätt souwisou fonctionnéiert. Dat heescht, de Raum an d'Léierpersonal wier jo souwisou do gewiescht. Wa mer natierlech, esou wéi den Här Klein seet, miisste Klassen dubléieren – dat steet och an eise Konditiounen dran -, dann ass et schonn aus deenen Ursaachen „Neen“. Mer wëlle ganz einfach vermeiden, datt mer eng zousätzlech Klass musse schafe wéinst Kanner, déi vun auswäerts

kommen. Mee ech kann iech soen, datt d'Zuel vun deene Kanner ganz limitéiert ass. Mer kënnen d'Zuelen och eng Kéier op den Dësch leeën, mee ech schätzen, datt mer bei 40 oder 50 vun 1.700 leien, déi hei an der Péitenger Gemeng an der Schoul sinn.

John Polfer (CSV):

Hei kréie mer vum Stat nees eng Kéier en Arrêté grand-ducal operluecht fir dat ofzeschafen. Der hutt elo vu Kanner geschwat, déi méi heihinner kommen. Mee et ka jo och emol de Géigendeel sinn. Ech mengen, et ass mer esou e Beispill agefall, mee dat ass schonn eng Dose Joren hir. Do ware Leit aus der Gemeng, déi soten, datt hir Kanner ënner kengen Ëmstänn hei an der Gemeng an d'Schoul géife goen. Kann et net sinn, datt der net op eemol fortginn an aner Gemenge well se mengen, datt do vläicht manner Auslänner an der Klass sinn an datt se do bessert Léierpersonal hunn. Dat ass dat, wat och e bëssen an der Finanzkommissioun diskutéiert gouf.

D'Finanzkommissioun hat och gesot, firwat mer waarde bis déi aner Gemengen eis Käschten urechnen. Sollte mer net direkt emol selwer kucken, wat fir Käschten do ufalen an ob een do virbereet ass wann dat kënnt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat déi Käschten ugeet, esou hu mer déi Berechnung gemaach. Dat heescht, mat der Ausnam vum 6. Schouljoer, wou d'Käschten eropgi wéinst de Schnéiklassen – do muss een eleng dowéinst 400 bis 500 Euro pro Kand berechnen – géif ech mengen, datt et just d'Bicher an dat bësse Material sinn, wat d'Gemeng hinnen zur Verfügung stellt. Mee d'Bicher, dat sinn ongefeier 100 Euro pro Kand. Dat sinn dann och déi direkt Käschten, déi laut dem Gesetz vum 6. Februar 2009 virgesi si fir ze berechnen. D'Léierpersonal kéint een do net mat an déi Berechnung eranhuelen, och d'Botzen an d'Infrastrukture kann een net do mat erarechnen. An dat well ee vum Prinzip ausgeet, datt dat souwisou misst geschéien, och wann 2 Kanner manner do sinn. An esou laang et sech an deene Grenzen hält vun deenen Zuelen, mat deene mer haut schaffen, ass dat och esou. Mee wa mer op eemol 20 bis 25% Kanner vun auswäerts hätten, da wier d'Schwieregkeet natierlech méi grouss, well da miisste mer Klassen a Raimlechkeete schafen. An da wier d'Diskussioun och ganz anescht. Mee esou ass de Problem manner grouss.

Mer wäerten iech och déi genee Zuele gi fir dëst Joer an och d'Ursaache firwat déi eenzel Leit hei sinn. Mee mer kënnen iech vergewësseren, datt mer keen Intressi dorunner hunn, datt op eemol d'Kanner alleguer heihinner kommen. Grad esou wéi mer och keen Intressi hunn, datt d'Kanner auswäerts an d'Schoul ginn. Och wa mer dat net kënnen ënnerbannen. Ech fannen et net gutt – dat mengen ech elo generell - , datt, och wann ee vläicht mengt gutt Ursaachen als Elteren ze hunn, d'Kanner net hei an d'Schoul ginn. Et sinn awer och eng ganz Rei Ursaachen an Argumenter, déi an d'Wo fale fir seng Kanner hei an d'Schoul ze schécken. A wann et nëmmen déi ass, datt se an hirem Milieu, wou se wunnen, och an d'Schoul ginn an do hir Kollegen hunn. Mee jiddereen ass awer fräi fir ze maache wéi hien dat fir gutt fënnt.

Carlo Gira (CSV):

Dat meescht ass elo gesot ginn. Meng Interventioun ass och an déi Richtung gaangen, datt ee misst oppassen, datt ee Critèren huet no deenen d'Kanner kënnen heihinner geholl ginn. Esou wäit ech verstanen hunn ass et esou, wann ee Famill hei huet oder déi Kanner, déi hei an e Foyer de Jour ginn. Well soss leeft een awer op eemol Gefor, datt ee Klasse muss bäimaachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also den Artikel 20 gesäit ganz bestëmmte Critère vir, no deenen ee se kann an d'Schoulen hei eranhuelen. Do ass zum Beispill een, wou och de Familljegrad – bis den 3. Grad - festgeluegt ass. An dann och wann een hei schafft. Also ass do festgeluegt, wéi een et soll maachen. Da kann de Schäfferot nach ëmmer aneschters entscheeden an nach méi aschränken. Mee dat sinn d'Critèren, déi de Stat virschreift, an déi een och soll respektéieren.

Carlo Gira (CSV):

Ech mengen, da wiere mer emol gutt beroden, déi anzehalen an net méi wäit op ze maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Op kee Fall méi wäit.

Guy Brecht (LSAP):

Ech hoffen, ech geheien do net eppes duercherneen. Mer hate jo och eng Konventioun mat der Crèche, an do gouf jo och gesot, datt mer esou an esou vill auslännesch Kanner huelen. Net datt déi elo hei viruginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also déi „Crèche transfrontalière" ass net grad vum Dësch fir de Moment, mee se ass awer nach wäit ewech vun der Realisatioun. Wann dat kéim, da musse mer natierlech kucke wat fir eng Konsequenzen dat huet.

Accord à l'unanimité.

4.8.

Administration générale.

Production et transport d'énergie: vente d'actions à la société anonyme LuxEnergie - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat hei ass eng Demande, déi eis vu LuxEnergie zougestallt gouf. Si hu gefrot fir datt mer hinnen eis Parten, déi mer als Péitenger Gemeng bei der Surre SA hunn – ech wëll awer hei drun erënneren, datt mär net eleng als Péitenger Gemeng däer hunn, mee och déi Rëmelenger an déi Escher Gemengen esou Parten an däer Gesellschaft hunn – verkafen. An dat am Kader vum Konzept vun der Privatiséierung vun der Energiebeliwwerung. Dat ass eng gutt Saach fir mech, well mer eigentlech net méi allzevill mat der Surre um Hutt hunn. Ech weess net ob den Här Polfer, deen eis jo do vertrëtt, eppes dozou ze soen huet. Nodeems mer awer och mat deenen aner zwou Gemengen an deem Kontext geschwat hunn, géife mer dem Gemengerot virschloe fir déi Parten un d'LuxEnergie ze verkafen.

John Polfer (CSV):

Surre heescht jo „Société de l'utilisation rationnelle et de la récupération de l'énergie". Dat ass eng S.A., déi am Juli 1988 gegrënnt gouf op d'Haaptinitiativ vum Alain Bisdorff vun Esch. D'Installatioune stoungen an der Brillschoul, am Lycée Hubert Clement an am Lycée Technique. De Moment huet de Surre nach just eng Zentral, déi am Lycée Hubert Clement steet. An déi lescht, déi ofgeschaf gouf, dat ass déi an der Brillschoul. Dat war am Joer 2006. D'Stad Esch ass, esou wéi et eis schéngt, guer net méi um Surre interesséiert. Et goufe Gespréicher gefouert, datt de Surre awer eng Anlag sollt bauen, wou d'Brillschoul, den Theater an déi ëffentlech Gebaier am Ëmkrees géife bedriwwe ginn. Mee elo installéiert d'Stad Esch am Keller vun der Brillschoul – déi jo nei gebaut ginn ass – eng Anlag. An domat bedreift si selwer den Theater an alles ronderëm, ouni de Surre.

Elo fonctionnéiert nach just déi am Lycée Hubert Clement. An de Kontrakt ass elo no 15 Joer um Enn a gëtt zënter 2 Mol schonn ëm 2 Joer verlängert. An an nächster Zäit wäerten och méi

grouss Aarbechten un däer Anlag ustoen. D'LuxEnergie huet den Ënnerhalt vun deenen Installatioune gemaach an huet och eng Offer gemaach fir d'Aktie vun dem Surre vun de Gemengen an och verschidde Banken opzekafen. Hei muss ech awer soen, datt Sudgaz och interesséiert war, mee seng Offer zeréckgezunn huet. Wat do hanner de Kulisse gelaf ass, dat kann ech net soen. Vläicht hu si och gespuert, datt se kee Réckhalt méi bei der Escher Gemeng haten.

Eis Gemeng kritt dann hir Parten zeréckbezuelt, esou wéi déi aner Gemengen a Gesellschaften och. De Wäert um Enn vum Joer 2008 war op 1.996.000 Euro geschat ginn. D'LuxEnergie wëll dat alles iwwerhuelen an och déi Parten, déi d'Surre an der LuxEnergie hat. Dat waren 1,31% oder 890.000 Euro. D'Installatioun am Lycée Hubert Clement ass nach évaluéiert ginn op 320.000 Euro. Et war och nach e klenge Réseau op der Brillplaz mat engem Wäert vun 20.000 Euro, mee ech mengen, deen ass elo schonn esou gutt wéi ewechgerappt. Dovunner schwätzt scho kee méi. Da sinn nach Liquiditéiten do am Wäert vun 766.000 Euro. Dat mécht en Total vun 1,996 Milliounen Euro. Dat heescht, 78.840.000 al Lëtzebuerger Frangen. Mee wat d'Liquiditéiten ugeet, esou kann et do nach Schwankunge ginn. Et wäert deemnächst eng Versammlung si wou déi Liquidatioun dann ofgeschloss gëtt. Wann et nach net gemaach ass, dann huet dat mat der Fusioun ze doe vun der Cegedel, der Sotec a Saar Ferngas. Mee am Ableck ass dat jo scho geschitt, esou datt och näischt méi am Wee stoen dierft fir d'Surre opzeléisen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt nach dozou soen, datt mär 82.132 Euro aus deenen Aktie kréien. Eis Bedeelegung louch bei 4,132%. Wat een dobäi muss soen ass, datt mer da vun deem nächste Joer u keng Dividende méi kréien, an déi louchen ëm déi 3.000 Euro pro Joer.

Romain Rosenfeld (CSV):

Well ech och Member am Sudgaz an och do am Büro si wollt ech just soen, datt hanner de Kulisse guer näischt gelaf ass. D'Surre hat dem Sudgaz eng Propositioun gemaach, déi si fir iwwerdriwwe fonnt hunn. Sudgaz ass eng Gesellschaft, déi aus 15 Gemenge besteet an do hir Responsabilitéit hëlt an näischt Iwwerdriwwenes wëll iwwerhuele well, richteg gesot, déi Energie scho produzéiert gëtt iwwer zwou déck Chaudièren op der Brillplaz, an datt dee Réseau, deen do ass, esouguer muss vun der Surre entsuergt gi well déi Escher Gemeng en neie Réseau baut. Méi ass do net gelaf. Wat d'Escher Gemeng elo mécht, dat steet nach net fest. Mee op jiddwer Fall ass hanner de Kulissen näischt Schlëmmes gelaf. Et ass just, datt d'Offerte, déi d'Surre dem Sudgaz gemaach huet, well déi jo och interesséiert dru war fir d'Surre ze iwwerhuelen, iwwerdriwwe geschéngt huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Merci fir déi zousätzlech Informatiounen aus der Siicht vum Sudgaz. Mär als Schäfferot géifen iech also domatter virschloen, dës Aktien ze verkafen. Mer hunn iwweregens der LuxEnergie e Bréif geschriwwen, an deem mer gesot hunn, datt mär als Schäfferot a priori averstane wiere mat däer Propositioun, well mer hu miisste bis den 16. Oktober geäntwert hunn. Natierlech ënner dem Virbehalt, datt de Gemengerot haut deem zoustëmme géif.

Accord à l'unanimité.

5.

Personnel.

Création d'un poste d'employé communal (m/f) et suppression d'un poste de salarié - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Mär hu matgedeelt kritt, datt eise Huissier heibannen, de Martin Gilbert, no 30 Joer trei Déngschter wëll dat anert Joer a Pensioun goen. A wa mer kucken, a wat fir engem Statut hien agestallt war, da war hien deemools als Salarié agestallt. En ass aus dem Gärtneschbetrib komm wou hien an der Carrière vum Chauffer geschafft huet. En huet dann hei d'Plaz vum Huissier iwwerholl. Well mer awer och wëssen, datt nach Congé aussteet, esou wäert dat iergendwéi am Abrëll si wann e fir d'lescht heibannen ass. Mer wollten awer do mat zäit en aneren uléiere well mer jo och wëssen, datt mer an deem Service och nach en „statut handicapé" hunn an da muss awer de „Chef" – wann een dat esou ka soen – mat zäiten déi Relève virbereeden.

Mer hu laang gekuckt, wéi de Profil vun deem Posten ass. Mer hu festgestallt, datt et net méi duergeet fir einfach e Changement ze maachen an en „Salarié" ze huelen an deen an eng administrativ Carrière eranzesetze well mer gesinn, datt am Profil eng grouss Vertraulechkeet muss do si well e jo mam Courrier befaasst ass an deen iwwerall muss ausdeelen. Hie gesäit praktesch alles, wat hei leeft, muss exakt schaffen an och eens gi mat Fotokopien a Maschinnen, wou e bësse méi Informatik gebraucht gëtt. Dofir ware mer der Meenung, datt et méi e Posten ass, dee méi administrative Charakter huet. E muss natierlech och de Führerschäin hu well en och emol hei an do eppes muss hiféieren.

Mee mer waren der Meenung, et wier besser, net méi e Poste vum „Salarié" ze maachen, mee en administrative Posten. Dofir hu mer gekuckt, wat fir Carrièren et do ginn. Do gëtt et een, deen eiser Meenung no gutt géif passen, an dat ass ee wou een 3 Joer am Postprimaire muss hunn. Dat wier en „employé communal" an der Carrière vum Huissier. Wa mer dee Wee géife goen, da miisste mer jo och en administrative Poste schafen. Mer miissten op däer aner Säit e Poste vum „Salarié" ewechhuelen, net datt do gesot gëtt, et feelt eis do een. E war jo souwisou 30 Joer laang net méi do.

Mer hunn an deem Sënn och déi zwou Delegatioune gefrot, wéi hiren Avis dozou ass. Deen ass och esou ausgefall, wéi mer eis dat erwaart haten. Engersäits hätten d'Beamten an d'„employés communaux" léiwer e Beamte gehat wéi en „employé communal", mee se kéinten awer domatter liewen, datt mer elo e Posten an der Carrière B1 maachen. Awer ënner däer Konditioun, datt dee soll intern ausgeschriwwe ginn, an datt deen Interesséierten, wann en d'Formatioun hätt, eventuell och kéint vun enger aner Säit kommen. Dat heescht vun engem „salarié" eriwwerwiesselen, well et misst een einfach och deene Leit eng Chance ginn, déi schonn e Strapp do wieren, déi vläicht d'Kenntnisser a Fäegkeeten hätten a well déi och eventuell duerch de Beruff, dee se bis elo ausgeübt hunn, physesch Handicapen hunn. Esou kéint een d'Méiglechkeet schafen, datt esou eng Persoun dohinner kéint kommen. Mär hunn och kee Problem domat. De Profil gëtt ausgeschriwwen. Mer maachen eng intern Publikatioun fir de Fall wou ee mengt, e wéilt wiesselen a wann en nach misst ofweien, wat en huet, wann e vum „Salarié" op den „employé communal" eriwwergeet. Dat ass net onbedéngt e gudden Tosch, deen ee mécht, well een e ganze Koup Avantagen do verléiert. Bon, dat soll awer all Mënsch fräigestallt sinn. Mär kënnen awer mat däer Propositioun liewen.

Wat och normal war, dat ass, datt d'Delegatioun vun de „Salariés" bedauert huet, datt e Poste verluergeet. Si haten e bis elo souwisou 30 Joer net a se hunn en och net gespuert, well e war dauernd hei am Gebai. Och mat däer Propositioun kënne mer liewen. Mee, se

géife gären e „salarié méritant“ op dësem Poste gesinn.

Bon, déi intern Publikatioun gëtt gemaach, a wann ee mengt, en hätt déi Qualitéiten, wéi mär se gesinn, da soll e sech roueg mellen. An da kucke mer, wee mer iech do kënne proposéieren. De Moment wier et just fir ze froen, ob de Gemengerot averstanen ass, datt mer do en neie Poste schafen a gläichzäiteg an automatesch e Poste sträiche bei den „salariés“.

Albert Muller (LSAP):

Ech war eigentlech virwëtzeg fir ze wëssen, firwat de Schäfferot den Avise vun der Beamten- an der Aarbechter-delegatioun net Rechnung gedroen huet. Ech hunn awer elo gemierkt, datt den Här Breyer wierklech des laangen an des breeden explizéiert huet, firwat datt et zu däer Propositioun komm ass, déi elo um Dësch läit.

Sécherlech, et ass richteg, den Aarbechter geet e Poste verluer. Dat ass kloer. Och wann en am Laf vun 30 Joer net besat war, e war awer iergendwéi do. Dofir kann een och ganz gutt verstoe firwat datt si hei op en Aarbechter-Posten halen.

D'Beamtendelegatioun hätt jo léiwer e Beamte gehat, wat och verständlech ass. Dofir si si och averstanen domatter, datt en „employé communal“ engagéiert gëtt. Allerdéngs zu deene Konditiounen, datt de Posten, wann en elo net besat gëtt, spéider ausgeschriwwe gëtt an den Zeitungen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass e bëssen e Mëttelwee. Et gëtt e bësse jidderengem Rechnung gedroen. Theoretesch ass dee Poste fir all Mënsch op wann een 3 Joer Post-primaire kann opweisen. Dat kënnen hei e ganze Koup Leit sinn. All Handwierker huet dat a kéint sech mellen. E soll sech awer virdrun informéieren, wat e gewënnt a wéi d'Pei hei an do ausgesäit. An da soll en entscheeden.

Wann ee léiwer eng méi dréchen oder waarm Plaz hätt, da sinn dat vläicht Argumenter. Mee et misst een awer kucken, ob déi Argumenter och bei eiser Wiel zielen duerno. Mär hunn eng gewësse Virstellung. Dee Mann, dee bis ewell do war, huet dat wierklech exemplaresch a mat däer nout-wenneger Vertraulechkeet gemaach. Et ass eng Saach, wou mer gär esou e Mann géifen erëmgesinn. Oder eng Fra.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt just froen, ob mer eis 5% vun handikapéiert Leit erfëllen. Besteet eng Méiglechkeet, fir engem jonke Mënsch eng Chance ze gi fir op esou eng Plaz ze kommen.

Roland Breyer, Schäffen:

Éischtens hu mer schonn een do, a mer hunn esou guer annerhallef Plaze fir handikapéiert Leit. Mer hunn dat scho gemaach fir do engem handikapéierte Mënsch eng Chance ze ginn. Mee dee muss encadréiert ginn duerch deen neie Mann, deen heihinner kënnt. Dee kritt also och nach eng Chef-Roll ze spillen. Déi Qualitéit muss och nach derbäi kommen. Mer sinn an der Rei, wat d'„salariés“ ugeet, mat eisen 5%. Dat sinn déi, déi offiziell unerkannt sinn.

Accord à l'unanimité.

6.

Ordre public.

Prorogation de l'heure de fermeture des débits de boissons publics à l'occasion de certaines fêtes ou festivités en 2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, et ass eng Traditioun ëm dës Zäit – wat den „ordre public“ ugeet – fir d'Prorogatioun vun den Ëffnungszäiten an eise Caféen definitiv festzehalen. An dat fir déi ganz Gemeng respektiv a verschidde Fäll just fir verschidde Lokalitéiten, esou datt do och fräi Nuechte sinn. Der hutt eng Lëscht op de Säite 54 an 55 an ärem Dossier. Do si se alleguer drop mat Ausnam vun eise Braderien. Dat ass jo ëmmer e bësse méi spéit wou mer déi Datumer kennen. Der kënnt awer feststellen, datt mer e ganz klenge Changement hunn. Samschdes, den 11. September, also um „Weekend du souvenir“, hu mer fräi Nuecht, an net um 9. September selwer well dat jo matten an der Woch ass. Dat ass e klenge Changement, dee schonn am Fong hei ofgeschwat ass, well sécherlech den 11. September gréisser Festivitéite samschdes sinn am Kader vun der Liberatioun vu Péiteng. Mee fir de Rescht sinn et déi normal Deeg, d'Kiermesdeeg an déi normal Feierdeeg, wou mer fräi Nuecht op eisem Gemengenterritoire hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hu mer d'Fro gestallt, ob et Sënn mécht fir Nationalfeierdag mëttwochs fräi Nuecht ze ginn. Normal ass et jo de Virowend, an dofir gesinn ech net an, firwat mer och sollen de Feierdag selwer fräi Nuecht gi well d'Leit jo awer donneschdes schaffen.

Roland Breyer, Schäffen:

Et war ëmmer esou, datt dat praktesch ëmmer esou gemaach gouf, well jo heiansdo de Feierdag op freides oder samschdes gefall ass. Mär kënnen och domatter liewen, datt keng fräi Nuecht op deem Dag ass. Et stéiert och net, well wann näischt lass ass, dann ass och näischt do. Wa se gären zwee Deeg hannerenee feieren, da kënnen se dat maachen. Mee matten an der Woch ass gewéinlech näischt lass.

Mee hei ass jo awer Nationalfeierdag. An do si Banqueten, et ass och nach vläicht e Volleksfest ënnerwee, well et si jo emol Veräiner oder Uertschaften, déi dat um Virowend an déi aner den Dag selwer maachen. Wat och schonn do war.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann der wëllt, da probéiere mer dat dës Kéier nach eemol mam 23. Juni. An da kucke mer, wéi et dëst Joer ausgesäit. Wa mer dëst Joer effektiv net vill hunn, da géif ech proposéieren, datt de Schäfferot sech engagéiert fir dat am nächste Joer a Fro ze stellen, mee et dëst Joer vläicht als Traditioun virzegesinn.

Guy Brecht (LSAP):

Bei «mi-carême», do ass jo d'Kavalkad, do ass awer ni fräi Nuecht. Ass dat esou?

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, do ass keng fräi Nuecht.

Accord à l'unanimité.

7.1.

Propriétés.

Vente de deux contre-emprises sises à Rodange, lieu-dit "rue du Clopp" à M. Jean-Marie Metzler, d'Esch-sur-Alzette - décision de principe.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An der rue du Clopp keeft den Här Metzler gären e puer Zentiar vun der Gemeng of. Der gesitt och um Plang, deen hannendru läit, datt et do ëm d'Kadasternummeren 893/7478 an 893/7477 geet. Et sinn eng Kéier 7 an eng Kéier 4 Zentiar. Well mer eise Präis ëmmer op 750 Euro den Ar hu wier dat hei e Verkafspräis vun 83 Euro.

Accord à l'unanimité.

7.2.

Propriétés.

Acquisition d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit 'avenue Dr Gaasch', de la part de la fabrique de l'église de Rodange - décision de principe et vote d'un crédit additionnel.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei wëll d'Gemeng en Terrain an der avenue Dr Gaasch kafen, deen am Ableck nach der Kierchefabrik gehéiert. Dat Ganzt ass de Kadasternummer 599/5661. Et geet ëm 5 Ar a 25 Zentiar. Wat wëlle mer mat deem Terrain maachen? Mer géife gäre Raimlechkeete fir eng nei „Education précoce" esou wéi Sozialwunnengen dohinner kréien. Déi Zomm, déi sech dorop bezitt, beleeft sech am ganzen op iwwer 278.250 Euro. Mer hunn de Moment awer déi ganz Zomm net ganz um Artikel 4/01125/2111/001, esou datt mer en zousätzleche Kredit vun 158.000 Euro géife brauchen.

Ech géif iech bieden, deem zouzestëmmen. Éischtens, fir datt mer kënnen déi Transaktioun maachen an dann d'Autorisatioun vun eiser „autorité supérieure" ufroen. An zweetens, fir datt mer den zousätzleche Kredit kënne mat eranhuelen.

Norbert Pierre (LSAP):

Op dem Plang, dee mer nogereescht kruten, do ginn ech net grad richteg eens. Ech mengen, wat mär wëlle kafen, dat ass ganz kloer. Mee da steet nach do drop „gabarit d'une éventuelle construction", an déi geet iwwer dat ewech. Dat heescht, déi ass méi grouss wéi déi Plaz, vun däer mer dee Moment Propriétaire wieren. Wann ech dat richteg verstinn, da miisste mer nach Terrain nokafen, oder net?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Een Deel gehéiert eis. Dat sinn déi zwee Haiser.

Norbert Pierre (LSAP):

No dem Paschtoueschhaus. Sinn dat d'Toiletten?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, dat sinn d'Toiletten. Dat gehéiert eis och.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann ech de Präis vun 53.000 Euro den Ar huelen, dann ass dat fir mech e bëssen iwwerspëtzt. Bon, et hunn Experten dat fir gutt befonnt an och datt dat richteg ass. Wann ech näämlech vir huelen, wat et effektiv vun Terrain wier, da sinn dat iwwer den Domm gerechent ongeféier 2 Ar. Dat hätt menger Meenung no de Wäert vun 53.000 Euro. Wat hannendru läit, wat un d'Mauer vum Kierfecht grenzt, domatter keefs de der souwisou näischt. Domatter kënnen och anerer näischt ufänken. Dofir fannen ech am Fong geholl, datt deen Ar-Präis relativ héich ass. Ob do wierklech drop opgepasst gouf, e Grond méi well mer den Terrain uewendrun – wou d'Toilettë sinn – hunn? Et ass jo positiv, datt d'Toiletten do verschwannen. Mee mat deem Präis vum Terrain hunn ech meng Problemer. Am Verhältnis zu deem wat mer wëllen, also d'Front vir an dat wat hannendru läit, ass dat mat 53.000 Euro den Ar awer e bëssen iwwerspëtzt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Här Pierre, ech mengen, wann een dat Ganzt kuckt a weess, fir wat fir Zwecker mär dat brauchen, do ass et jo net esou, datt mär einfach op deen Terrain hannendru verzichten. Deen Terrain brauche mer, well mer och einfach eng Oplo hu vum Stat wa mer de Précoce mat 4 Säll ënnendran installéieren – do komme jo all Kéier 20 bis 25 Kanner dran. Dat brauche mer als Auslaf. Ech mengen, bei all Terrain, deen der braucht fir e Kand ze scolariséieren, do muss een esou vill Terrain derbäi hunn ewéi dat elo bei deenen normale Schoulen ass. Dat gëtt en normale Schoulhaff, an esou ass dat och hei ganz natierlech, datt mer deen Terrain brauchen. Do kënne mer net soen, datt mer dat reng als Gaart kafen. Mer mussen deen als Bauterrain huelen.

Norbert Pierre (LSAP):

Madame Conter, ech gleewen iech dat, wann der mär dat erzielt. Dat weess ech och, mee do musst der iech eng aner afale loossen. Dat do huet näischt mat bebaubar ze doen. Datt mär e mussen hunn, dat halen ech iech gutt. Mee ech bleiwen awer bei menger Meenung, datt dee Präis iwwerspëtzt ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll och nach eppes aneschters derbäi soen. Der musst wëssen, mer kafen deen Terrain, an deen Terrain huet e gewëssene Wäert, dee vun Experten ausgerechent gouf. Do kann een driwwer diskutéieren, mee et sinn awer Experten, déi sech op dësem Gebitt auskennen. An déi Expertise hëlleft eis och hanneno, wa mer deen Terrain nees veräusseren – well mer bauen jo op deen Terrain eise Précoce, mee et kommen och Logementer dohinner, déi mer gäre mam Fonds de Logement zesumme maachen. Hanneno gi jo dann och d'Milliëmen ausgerechent. Een Deel gehéiert da sécherlech eis well et jo fir eis Zwecker gebraucht gëtt. Mee deen aneren Deel verkafe mär dem Fonds de Logement ënner der Form vu Milliëmen. Et kann ee soen, datt zwee Drëttel vun deem Präis – an dee Präis gëlt dann och nach als Basis fir déi aner Terrainen ze évaluéieren, déi eis gehéieren -, wäerte mer dann och vum Fonds de Logement erëmkréien, well et kann een ongeféier dovunner ausgoen, datt zwee Drëttel Wunnengen entstinn an een Drëttel fir de Précoce. Dofir kann een dovunner ausgoen, datt mer zwee Drëttel erëmkréien.

Och bei deenen Terrainen, déi eis gehéieren, misst d'Basis, déi hei ausgerechent gouf, och do als Basis gëlle fir déi Berechnung ze maachen. Mär hätten also guer keen Intressi dorunner, dee Präis no ënnen ze drécken. Mer hunn och mat dem Fonds de Logement geschwat, ob se mat deem Präis am Zentrum vu Rodange – an déi kenne jo d' Präisser och e bëssen -, kéinte liewen. Si kënnen dee Präis hei guttheeschen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wosst jo net, datt de Fonds de Logement do och interesséiert wier fir Alterswunnengen ze bauen. Bon, ech bleiwe bei menger Meenung. Ech weess jo och net, a wéivill Joer de Fonds de Logement do eppes baut.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Direkt, et gëtt alles zesummen opgeriicht.

Norbert Pierre (LSAP):

Egal wat fir eng Argumentatioun gefouert gëtt, där hutt är Meenung, an ech hu meng doranner.

Carlo Gira (CSV):

Wann ech den Terrain kucken, da gi mer jo och nach iwwer dat ewech. Mer brauchen och e gewëssenen Ofstand, Här Pierre, esou datt e awer bestëmmt net duergoe géif wann ee just dee viischten Deel géif kafen.

Wat ech an däer heiter Saach begréissen, dat ass, datt mer op der enger Säit do wierklech kënnen eppes fir Kanner maachen, an och nach sozial Wunnengen driwwer kënne maachen an esou eng gewësse Mixitéit kréien. Net datt mer iergendwou e Ghetto schafen. Et ass och eng aner Vue wéi dat, wat mer wëlles haten an der Maison Relais. Ech mengen, dat si gutt Saachen, wann d'Generatioune kënnen zesumme bleiwen, esou datt ech dat hei awer wierklech begréissen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech ginn dovunner aus, datt mer och am Kader vum Budget dorop ze schwätze kommen. Mer wëllen awer virukommen a mer wëllen déi Terrainen elo kafen, well der jo wësst, wéi laang déi Prozeduren dauere bis se eis gehéieren. Do si jo awer nach Deeg, op deenen se mussen ausgehaange ginn. Et muss och nach en Acte gemaach ginn. Dat hëlt nach e puer Méint an Usproch.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass mer elo eréischt agefall. Wat hu mer eigentlech mam Paschtoueschhaus wëlles? Dat steet eidel an et gëtt gehëtzt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, et steet net méi eidel. Mär hunn e Bréif kritt an deem Zesummenhang. Do kënnt eng nei Hëllef fir eise Paschtouer hei an d'Gemeng. De Bréif koum vum Bistum, an doranner krute mer matgedeelt, datt e spuenesche Pater erofkënnt, deen eng regional Betreiung an och eng Betreiung op kommunalem Gebitt mécht. Dee plënnert do eran.

Guy Brecht (LSAP):

Dann ass et jo gutt, datt ech gefrot hunn.

Accord avec 9 voix (CSV, DP, Déi Gréng) et 5 abstentions (LSAP).

7.3.

Propriétés.

Contrat de bail avec M. et Mme Prendi-Deda Florenc et Kloreta pour la location d'un logement communal sis à Lamadelaine, Grousswiss 3 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer haten dës Wunneng jo eréischt am Fréijoer hei um Dësch leien. Leider ass déi Madame, déi do erageplënnert war, gestuerwen, esou datt mer dëst Appartement nees kënne verlounen. Well mer bei eis an der Gemeng jo net ganz vill Appartementer hunn, déi mer kënnen u Famillje verlounen – hei hu mer nees eng Famill, déi an Nout ass – a mer jo och vum Ministère a vum Ombudsmann Bréiwer geschéckt kréien, datt mer solle sozial Wunnenge schafen, si mer der Meenung, datt mer dëser jonker Famill sollen d'Méiglechkeet ginn, an déi Wunneng eranzeplënneren.

Et géif sech do ëm den Här an d'Madame Prendi-Deda handelen. Si hunn och e klengt Kand vun 14 Méint. De Bail géif den 1. November 2009 ulafen. De Loyer ass op 159 Euro fixéiert plus 60 Euro Käschten. Mär hunn dat och ofgeschwat mat der Assistante sociale, déi och déi Famill bei sech am Fichier hat an och averstanen ass, datt mer déi Famill do ënnerbréngen.

Jeannot Linden (LSAP):

Wéi mer déi leschte Kéier vun däer Madame, déi esou schwéier krank war, geschwat hunn, do sote mer, datt mer déi zwee Kanner géife fir eng Kéier akzeptéieren. Awer da wier et fäerdeg. Mee elo setze mer nees e Kand do eran. Da si mer eiser Richtlinn jo net méi trei, well ech mengen, deemools war et jo geschaf gi fir eeler Leit, mee net fir Kanner. Dat hate mer och deemools festgehalen. An elo gëtt dat op d'Kopp gehäit. Déi leschte Kéier hunn ech dat jo och verstanen nodeems ech d'Situatioun vun däer Fra an och vun deenen zwee Kanner erkläert krut. Mee hei ass awer elo eng Situatioun, déi awer net esou ass. An dofir fannen ech dat net gutt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer musse souwisou emol eng Kéier eis Propriétéite kucken an och gewëssermoossen iwwerschaffen. Wéi elo zum Beispill an deem Fall hei . Do si keng Lifter, an do hu mer Problemer. Mer hunn och en eeleren Här, deen hei a Péiteng wunnt, an dee koum mat engem Certificat vum Dokter, datt e keng Trape méi ka goen. Dee kënne mer net do erasetzen.

Mer hunn och mat der Assistante sociale geschwat, a si huet gemengt, datt mer gewëssen eeler Leit net kënnen do erasetzen, well et eng Wunneng uewenop ënner dem Daach ass. Déi Logementer sinn eben deemools esou gebaut ginn. Haut wier dat op jiddwer Fall net méi esou, haut géife Lifter agebaut ginn an deenen Haiser, wou eeler Leit solle wunnen. Et muss een also iwwer zwee Stäck Trapen eropgoen. An do hu mer Problemer.

An engem aneren Haus zu Rolleng hu mer och scho Problemer mat enger Madame, déi gesondheetlech Problemer huet an um éischte Stack wunnt. Si kritt elo *Hëllef Doheem*, mee ech weess och net, wéi laang si nach do dra ka bleiwen. Ebe well se och keng Trape kann eropgoen. Also mer mussen deene Gebaier eng Kéier eng aner Affektatioun ginn, vläicht andeems mer se ëmbenennen a wou mer hei am Gemengerot driwwer schwätzen, ob mer déi Gebaier halen oder mer hinnen eng aner Affektatioun ginn. An dat, well mer ebe Problemer hu mat eisen eelere Leit. Am Géigendeel, wa mer elo deene jonke Leit, déi elo an Noutsituatioune sinn a wou mer vun der Assistante sociale gesot kréien, datt si frou wier, wann eng Famill en Ënnerdaach kréich, keng Hëllef ginn, wat maache mer da mat hinnen? Mer hunn de Moment keng aner Logementer zur Verfügung stoen. Dat ass eise grousse Problem.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech mengen, ech liewe mat däer Saach. Et däerf ee jo net vergiessen datt, wéi d'Grousswiss gebaut gouf, nach kee Mënsch vun engem Lift an engem Haus geschwat huet. Mer hu Leit hei ënner eis sëtzen, déi selwer déi Zäit täteg waren, déi wëssen, datt dat net gefrot gouf. Bon, elo wësse mer, datt mer dat mussen an deenen neie Gebaier dramaachen. A mer musse kucken, datt mer an deene méi ale Gebaier Leit erakréien, déi nach e bësse besser dru sinn. Well mer kënne jo elo net an déi véier Haiser Liften installéieren. Wou baue mer se dann? No baussen un d'Fassad? Dat ass net méiglech. Da musse mer deene Saachen awer och Rechnung droen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dofir soen ech jo, datt mer eng Kéier doriwwer miissten diskutéieren, ob mer deene Gebaier net eng aner Affektatioun miisste ginn an esou eng Mixtur hunn. Och wa mer eng Kéier eng jonk Famill hunn oder emol en eelere Mënsch, deen awer nach gutt ass an deen déi Trapen nach ka goen. Mär hätten eis och gewënscht, datt mer hätte kéinten e Changement kréien, esou datt mer deen Här aus der Prince Jean Strooss vu Péiteng, deen elo säi Bett erofgeholl huet an deen einfach an däer Wunneng wëll bleiwen, well en e Lift dran huet. Hie koum och mat engem Certificat vum Dokter an huet och gesot, datt en déi Wunneng do net kéint huele well en Trapen net méi ka goen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech kennen déi Wunneng, well do huet fréier eng Madame dra gewunnt. Ech hat eng Kéier gehollef, eppes do erophuelen, mee et ass ganz schwéier. An déi Fra huet och gesot, datt e Lift misst dra sinn. Mee ech sinn awer och frou, datt elo jonk Leit, déi soss néierens ënnerdaach kommen, do erakommen. Déi hunn et méi liicht fir do eropzekommen. Et sollt jo fir eeler Leit sinn, mee wann esou e Stot sech presentéiert, da fannen ech et nëmme richteg, wann déi dohinner gesat ginn. A fir eeler Leit ass et och net schlecht wa jonk Leit nach do dra sinn – esou guer mat engem Kand. Wann déi sech roueg verhalen, da gi se schonn eens mateneen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mär hunn déi leschte Kéier, wéi mer déi eeler Dame eragesat hunn, schonn e Changement gemaach. Déi Madame, déi uewenop gewunnt huet, ass jo e Stack méi déif gaangen, well se och d'Trapen net méi eropkoum. Dat ass de Problem an deenen Haiser. Mer wëssen dat och.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bis mer dann eng definitiv Entscheedung an deem Kontext geholl hunn – an

déi léisst sech wahrscheinlech net esou einfach huelen -, géif ech virschloen, datt mer deem heite Punkt awer sollten zoustëmmen.

Approbation à l'unanimité.

8.1.

Prévisions sociales.

Organisation d'activités de loisirs: convention avec la société "BDK.LU" de Pétange - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer hu jo schonn zanter e puer Joer d'BDK hei bei eis an der Gemeng, déi während de Vakanzen och Aktivitéite mécht. An zwar ass elo d'Konventioun nees ze erneieren. Déi gëlt vum 1. Januar bis den 10. September 2010. D'Associatioun ass nees un eis erugetruede fir dës Konventioun ze verlängeren. Si wëllen och erëm während der Fuesvakanz, der Ouschtervakanz, der Päischtvakanz an natierlech der grousser Vakanz Aktivitéiten ubidden. Déi gi moies um 9 Auer un an dauere bis 16.30 Auer. Eng Garderie soll och fonctionnéiere vun 8 bis 9 Auer moies a vun 16.30 bis 18 Auer, also bis datt d'Elteren hir Kanner ewechhuele kënnen. Wa se an de PiKo wëlle goen – dat ass an de leschte Joren och ganz gutt esou gelaf -, da soll och den „tarif préférentiel" vun 2 Euro fir Gruppe gëllen. D'Associatioun huet och Assurance fir d'Kanner gemaach, déi do betreit ginn. Si ass och dru gehale fir hir Moniteuren a Monitricen no dem Lëtzebuerger Gesetz ze bezuelen.

Ech mengen, dat ass eng ganz flott Saach, an ech kann iech hei eventuell verschidden Detailer matdeelen. Mer hunn 2009 vun däer Associatioun bei eis an der Gemeng 254 Kanner während de Vakanze betreit kritt. Et sinn haaptsächlech Kanner, déi och bei eis an der Gemeng wunnen. Mer hate während der Fuesvakanz 26 Kanner, an der Ouschtervakanz 36 déi éischt Woch an 26 déi zweet Woch, d'Päschtvakanz war ausgefall, well se do keng Aktivitéite gemaach hunn. An der grousser Vakanz vum 20. bis den 24. Juli hate mer 29 Kanner, vum 10. bis den 14. August 26, vum 17. bis den 21. August 31, vum 24. bis den 28. August 19, vum 31. August bis den 4. September 28, a vum 7. bis den 11. September 33 Kanner.

Mär hu mat hinnen ausgemaach, datt, während der Zäit wou eis Vakanz-aktioun leeft, si keng Aktivitéiten ubidden. Ech mengen, et soll net een deem anere Konkurrenz maachen. Dat ass bis elo ganz gutt gaangen, mer hu ganz gutt Resultater mat däer Associatioun, esou datt mer ouni Bedenken déi Konventioun kënnen erneieren.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Prévisions sociales.

Structures d'accueil pour élèves en dehors des heures de classe "maisons relais pour enfants" - conventions et avenants de financement conclus avec l'Etat pour l'exercice 2009 - approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat hei ass d'Konventioun vun eisen Opfankstrukturen, mee fir ausserhalb vun de Schoulstonnen. Dat heescht, et ass wann eis Opfankstrukturen – de Schoulrestaurant, de Foyer scolaire an och d'Hausaufgabenhëllef – fonctionnéieren. No däer neier Konventioun, déi vum 1. Mäerz un a Kraaft ass an den 15. Juli ënnerschriwwe gouf -, hu mer jo elo och nei Tariffer. De Stat trëtt fir 75% vum Solde vun de Fonctionnements-käschten an, esou datt mer do och kënne soen, datt mer an deem Sënn besser do stinn. Mer hunn dann natierlech och d'Zoustëmmung kritt fir den éducateur diplômé (30 Stonne supplémentaire) well mer an der Maison relais zu Rodange jo eng Klass méi mussen opmaachen opgronn vun der héijer Demande, an och fir déi „heures supplémentaires éducatives" fir dat Kand, wat eng speziell Betreiung brauch a wou mer vun 15 op 20 Stonnen eropginn. Dat ass och alles an däer Konventioun mat dran.

Wa mer hanne kucken, wéi héich den Total ass, da sinn dat 1.018.316 Euro. Mer kréie Recetten era vun 188.333 Euro, esou datt nach 829.983 Euro bleiwen. Dovunner soll dann de Stat eis 622.487 Euro bäiginn.

Ech wéilt iech dozou och nach eng Informatioun ginn. An eise Maison Relaisen hu mer de Moment zu Rodange 132 disponibel Plazen, 148 Kanner sinn ageschriwwen. An zwar sinn der méi ageschriwwen ewéi mer Still hunn. Dat kënnt awer dohier, datt mer Kanner hunn, déi nëmme gewësse Stonne kommen. Do sinn der, déi komme mëttes fir z'iessen, anerer ginn éischter.

Zu Rolleng hu mer der 68 dee ganzen Dag, esou datt mer am ganzen 216 Kanner an eisen Opfankstrukturen hunn. Mer hunn awer och bis dato eng Waardelëscht vun 142 Demanden. Ech mengen, et ass och net vu Muttwëll, datt mer kënne mat eisem neie Programm vum Bau vun enger Maison Relais hei zu Péiteng weiderkommen.

Mer hunn och nach d'Hausaufgaben-hëllef, wou am ganzen 200 Kanner higinn. Dat ginn der och ëmmer méi. Mer hunn der a verschidde Gruppen zu Rolleng grad esou gutt wéi zu Rodange an der Neiwiss- an an der Paesch-Schoul.

Carlo Gira (CSV):

Et ass och vläicht direkt op dat hei bezunn. Mee déi Chèque-service gi jo och elo op d'Veräiner ausgebreet. Gi mär elo och administrativ domatter belaangt, esou datt mer do nees neit Personal brauchen? Oder leeft dat iwwer de Stat?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wa mer elo d'Sportsveräiner kucken, dat si Veräiner, déi jo konventionéiert musse si mam Stat. Dat leeft iwwer de Sportsveräin.

Wat d'Musekschoul ugeet – an dat ass jo souzesoen e kommunale Betrib -, do leeft dat duerno iwwer d'Musekschoul.

Approbation à l'unanimité.

8.3.

Prévisions sociales.

Convention réglant les relations entre l'association "Objectif Plein Emploi asbl" et l'administration communale de Pétange - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass eng Konventioun, déi mer hate mat dem *Objectif Plein Emploi* am Kader vun eisem CIGL. Déi Konventioun ass opgronn vun enger neier Gesetzgebung och liicht adaptéiert ginn. Der hutt och d'Konventioun an ärem Dossier leien. Do ass den Haaptpunkt, deen ee kann ervirhiewen, datt festgeluegt gouf, wéi de Finanzement soll sinn. Dat ass den Artikel 2 an och d'Dauer, déi am Artikel 3 festgehalen ass, déi ass „indéterminée", mee se kann awer zu all Moment mat engem ageschriwwene Bréif 6 Méint am Viraus annuléiert ginn. Dat ass déi Konventioun, déi eis d'Méiglechkeet gëtt, am Kader vun eisem CIGL, an nächster Zukunft déi Projeten ze realiséiere respektiv weiderzeféieren, déi mer an der leschter Zäit gemaach hunn.

Approbation à l'unanimité.

8.4.

Prévisions sociales.

Construction d'une crèche à Pétange: approbation d'un devis supplémentaire et des plans modifiés.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer leeën iech hei d' Approbatioun vun engem zousätzlechen Devis a vu geännerte Pläng vir. An zwar hu mer jo den 25. Juli 2008 den definitive Projet gestëmmt fir d'Crèche mat 2.350.000 Euro. Den Dossier ass och vum Inneministère akzeptéiert ginn am September vum leschte Joer.

Mär leeën iech och nach eng kleng Transformatioun vir. Do geet et drëm fir op de polyvalente Sall en éischte Stack dropzebauen an do d'Sanitäranlagen anzeriichten an e Raum, deen och als Vestiaire kann duerch eng agebauten Dier benotzt gi fir verschidde Manifestatiounen, déi am Home St. Hubert stattfannen. Esou kënne mer vun der Crèche an den Home St. Hubert eragoen. Dat wier deen een Deel.

Deen aneren Deel vun dem Bau, dee vergréissert soll ginn, wier fir Aktivitéite vun der Crèche ze maachen. Mer hunn näämlech Kontakt opgeholl mat der Madame Weiland, déi an der Crèche Educatrice graduée war. Si wier ganz frou, wa si ee Sall weider hätt fir zousätzlech Aktivitéiten ze maache well ëmmer méi Bastelaarbechte mat de Kanner vun 3 a 4 Joer gemaach ginn. An se bräichten och nach e Raum fir Archiven. Dat hate mär net primär virgesinn, mee mer wiere frou, wa mer dat kéinten op den éischte Stack maachen. Dee Raum, deen als Bastelraum soll genotzt ginn, dee kéint een och nach duerno huele fir aner Aktivitéiten. Si wëlle jo ëmmer méi esou Säll maachen, wou se sech kënnen zeréckzéien, wou se kënne Geschichten erzielen, wou se kënnen a klenge Gruppen eleng sinn. Dat kéinten se net esou gutt maache wa se ënnenof wieren an deene grousse Säll.

Dat Ganzt huet natierlech och säi Präis. Et géif 130.000 Euro kaschte wann der eis dat hei stëmme géift fir datt mer et kënnen esou bauen. Hannendrun ass och d'Evaluatioun derbäi mat deenen eenzelnen Zousätz, déi kommen. Also wat de Gros-oeuvre, déi baussegt Schräineraarbechten zum Schluss géif kaschten.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann ech d'Madame Conter richteg verstanen hunn, da géif op de Parterre e Stack drop gebaut gi fir dem Home hanner der Bühn Toiletten anzeriichten. An dat zu engem Präis vun 130.000 Euro. Ass dat falsch? Da sot mer dat direkt richteg.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et sinn 70 Quadratmeter, déi mer do bauen, déi zu der Crèche gehéieren an déi och vun der Crèche exploitéiert ginn. A wann 3 oder 4 Mol am Joer d'Méiglechkeet besteet fir do Theater ze spillen - wou mer och Problemer hunn -, da kann dee Sall, awer nëmmen d'Halschent vun deem, wat mer do bauen, bei der Gemeng gelount ginn. Esou wéi mer dann och déi aner Säll zur Verfügung stellen. An dat fir dee Veräin, deen do Theater spillt oder eng Aktivitéit op der Bühn mécht. Mee zu 99% gëtt et fir d'Crèche gebraucht.

Norbert Pierre (LSAP):

Bon, där sot dat esou. Mee hu si eng Méiglechkeet mat Toiletten an esou?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dat ass alles do.

Norbert Pierre (LSAP):

Et ass also net primär fir d'Bühn ze entlaaschte vum Home senger Säit, mee dat wier sekundär?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et steet jo och an der Délibératioun „..sera aménagée pour servir occasionnellement..". Dat heescht jo dann nëmme punktuell. A fir de Rescht vum Joer notzt d'Crèche dee ganzen ieweschte Stack. Si sinn och ganz frou doriwwer, well, wéi ech scho gesot hunn, si kënnen dat notze fir gewësse Bastelaarbechten ze maachen oder fir sech zeréckzezéien. Haut maachen se jo nach ganz aner Aktivitéiten an der Crèche wéi dat virun enger gewësser Zäit de Fall war. De Moment si mer an enger gudder Bauphas, wou mer dat nach esou kënnen ariichten, dann ass et och besser, mer maachen dat elo direkt.

Norbert Pierre (LSAP):

Et ass schued, datt esou kuerz nodeem d'Pläng gestëmmt sinn nach esou Zousätz kommen. Mee dat ass eng aner Saach.

Domat kréie mer jo awer en direkten Zougang zur Bühn, also zum Home. Da misst ee jo och mat dem Gérant vum Home en „droit de passage" aushandele fir datt een do eran oder eraus ka goen. Och wann et nëmme fir 1 oder 2 Mol ass. Do misst eppes ausgeschafft gi fir datt dat och wierklech Kapp a Fouss hätt. Wann ee jo vun däer enger op déi aner Säit ka goen, da kënnt een och vun däer anerer op dës Säit.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, mär kënnen och eriwwer goe wann d'Crèche elo zum Beispill den Home bräicht, well wann d'Gemeng den Home brauch, da kënne mer jo och driwwer verfügen. Wa si da wëllen eng Aktivitéit am Home maachen, da kënne si och eriwwer goen. Dat Ganzt muss natierlech duerch eng Konventioun geregelt ginn.

Norbert Pierre (LSAP):

Dovunner steet näämlech nach näischt dran.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass natierlech selbstverständlech, datt mer do eng Konventioun maachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee stellt iech einfach vir, der wiert an engem Hotel, wou der eng duebel Dier hutt fir datt zwee Zëmmer matenee kënne gebraucht ginn. Do mussen zwou Dieren opgespaart ginn, esou wuel vun däer enger wéi och vun däer aner Säit. Stellt iech dat esou vir. Ier ee kann eriwwergoe mussen déi zwou Dieren opgespaart ginn, well soss klappt dat net. Dat ass esou wéi dat hei soll fonctionnéieren. An dat fonctionnéiert och esou, dat garantéieren ech iech.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann dat effektiv duerch déi Konventioun ofgeséchert gëtt, dann huet dat wierklech eng aner Nues ewéi et ausgesäit an och an der Délibératioun erkläert ass. Do kënn ee erausliese wat ee wëll, awer net dat do.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Der kënnt sécher sinn, datt, esou bal de Bau do steet, d'Konventioun och kënnt.

Camille Bosseler (CSV):

Ech fannen et scho gutt, datt nach séier dru geduecht ginn ass fir déi Vergréisserung do ze maachen ier de Bau fäerdeg ass. Ech hu mer dat do ënnen ugekuckt, an ech fannen, datt et sech duerno besser presentéiert. An et ass och besser ze verwalte well et op béid Säite gebraucht gëtt. Do ass eng Plaz do, firwat se net notzen?

Carlo Gira (CSV):

Ech géif esou guer esou wäit goen a soen, datt et ni ze spéit ass fir eppes gutt ze maachen. Mer hu jo dee grousse Sall op däer aner Säit, an e ka fir e ganze Koup vu Saachen net genotzt ginn. Ech weess net, ob den Här Buergermeeschter richteg läit wann e vun e puer Mol schwätzt, well ech mengen, wann do dee Sall ass an

e ka genotzt gi vun Theatergruppen oder Concerten, da géif en nach vill méi dacks genotzt ginn. Wann e genotzt gëtt, dann ass dat jo dach nëmmen owes. D'Crèche ass jo am Dag op, esou datt dat sech da gutt ergänzt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech ka mech erënneren, wéi mer am Juli 2008 hei d'Diskussioun iwwer d'Crèche haten, do hate mer och Problemer domatter, datt dat esou no bei engem Bistro wier, datt do Ouverture wieren, déi net onbedéngt bei eng Crèche géife passen. Do hate mer awer dann an der Diskussioun festgehalen, datt alles zou wier, datt keng Ëffnung do wier wat de Bistro an de Rescht vum Home ugeet.

Elo gi mer hin a mer schafen eng nei Ëffnung. De Buergermeeschter huet mat Recht gesot, datt, wa mer an engem Hotel si mat zwou Dieren, do misst een déi eng an dann déi aner opspären, an dat géif och hei esou fonctionnéieren. Här Buergermeeschter, dat fonctionnéiert hei net esou. Am Hotel ass de Propriétaire vun deenen zwou Dieren dee selwechten. Hei hu mer op däer enger Säit de Besëtz vun der Gemeng, an op däer aner Säit dee vu Privatleit. Ech fannen et net gutt, wa mer do ufänken, privat Gebaier mat Gemengegebaier ze vermëschen, well ech gesinn net, datt dat iergend eng Kéier kéint klappen. Där hat och gesot, et géif ganz rar am Joer gebraucht ginn. Den Här Gira, dee méi an deene Veräiner aktiv ass, dee mengt, datt et méi dacks géif gebraucht ginn. Also ech fannen et net glécklech.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt iech just soen – där hutt dat Beispill vum Hotel jo geholl -, datt, ob déi Dier opgemaach gëtt oder net, dat net de Propriétaire entscheet mee deen, deen am Zëmmer schléift. Dat heescht, hei ass et esou, datt, wann op deenen zwou Säiten Aktivitéite gemaach ginn, dann entscheeden déi zwee zesumme wat geschitt an deene Raimlechkeeten. An do spillt d'Roll vum Besëtz nëmmen eng zweetrangeg Roll.

Wéi dacks dat hanneno ass, dat kënne mer zielen. Also et wäert keng 100 Mol am Joer sinn. Et ass, wéi den Här Gira ganz genee seet, de Weekend wann d'Crèche zou ass. Et ass och haaptsächlech owes wann Theater gespillt gëtt, well et gëtt jo da benotzt. Mer hunn et jo selwer an der Hand fir ze steieren, well schlussendlech mussen se de Raum hei zu Péiteng an der Gemeng reservéieren. Grad esou wéi se e Raum am Kulturhaus 'A Rousen' oder an engem Kulturzenter reservéieren. An a Fonctioun vun däer Saach wäerte mer dat kënne steieren. Wann dat negativ ass fir d'Crèche, da wäerte mer selbstverständlech am Schäfferot – opgronn vun engem Reglement, dat mer eis hei am Gemengerot ginn -, nee soen. Mer hunn also alles selwer an der Hand.

Carlo Gira (CSV):

Ech mengen, wat wichteg ass fir ze soen a wat elo hei net ugeschwat gouf, datt ass, datt dee Sall just nëmme vun enger Säit aus benotzt gëtt, dat heescht vum Home aus. Do ass keng Entrée, déi duerch de Foyer geschitt. Dat heescht, et ass just deen ieweschte Raum, deen hanner der Bühn benotzt gëtt fir eranzegoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dach, et ass eng Dier dran, déi zougespaart ass.

Carlo Gira (CSV):

Jo, mee ech mengen, dat kann ee jo steieren, datt déi zougespaart bleift. Do muss jo och een an der Crèche de Schlëssel hunn, an net den Home.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Dier, déi d'Verbindung mécht, bleift am Besëtz vun der Crèche. A wann den Home dee Schlëssel gären hätt, da muss en ufroe bei der Crèche oder op der Gemeng. An da gëtt entscheet.

Carlo Gira (CSV):

Et ka jo awer net sinn, datt déi, déi hanner d'Bühn ginn, op eemol duerch de ganze Foyer trëppelen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, dat kann et net sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass kloer, datt mer an dësem Kontext kloer Regele maachen. Déi sinn och ouni weideres ze maachen. De Schlëssel fir den Zougang zur Crèche ka just nëmme vun der Crèche geréiert ginn a vu kengem aneren. Weder d'Gemeng nach den Home hunn do en Zougang. Dat eenzegt, wou mer zesumme mussen driwwer entscheeden, dat ass déi Zwëschendier tëscht dem Home an der Crèche. A wann d'Scouten, oder ween och ëmmer et ass, wëllen Theater do spillen, da mussen se net eleng am Home ufroe fir de Sall vum Home ze kréien, mee se mussen och nach op der Gemeng ufroe fir dee Sall hannendrun ze kréien, esou datt se deen als Vestiaire kënne benotze fir kënne vun der Bühn erofzegoen. Et ass net méi an net manner komplizéiert. An ech kann iech vergewësseren, datt dat do kee Problem wäert duerstellen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wann der de Plang richteg kuckt, da gesidd der och, datt do um Plang dee sougenannte Vestiaire agezeechent ass. Dann ass jo nach eng Dier do, déi den Zougang verbitt fir iwwerhaapt an d'Crèche eranzekommen. Also et ass just nëmmen deen Deel.

Carlo Gira (CSV):

Et ass jo just dat, wourop ech higewisen hunn. An zwar, datt se nëmmen dee Sall notzen, an och nëmme vun der Säit vum Home aus.

Roger Klein (LSAP):

Ech krut elo eng ganz Rei vun Erklärungen, déi och zum Deel meng Bedenken ausgeläscht hunn, an déi mech och virun allem dovunner iwwerzeegt hunn, datt dat do eng praktesch Léisung ass, déi e praktesch-ekonomesche Notzwäert huet. Praktesch Léisunge sinn net ëmmer ideal Léisungen. Ech schléisse mech och do dem Här Becker un. Also et ass net en idealen Zoustand, wann ëffentlech a privat Gebaier iergendwéi an enger „joint venture" zesumme genotzt ginn. Ech wëll och en anere Verglach maachen. Et gëtt eng allgemeng Tendenz fir all Veräinsaktivitéiten, déi nach a Schoulgebaier bestinn, auszelageren. Et misst een och hei an der Crèche kucke fir net d'Veräinsaktivitéiten an Aktivitéite vun der Crèche an deene selwechte Raimlechkeeten ze hunn. Mee trotz all deene Bedenke sinn ech dann och elo iwwerzeegt ginn, datt de prakteschen Notzwäert par rapport zu de Belästegungen, déi entstinn, méi héich ass. Et kann ee mat deem Projet averstane sinn ënner der Bedingung, datt eng ganz kloer Konventioun gemaach gëtt, datt och de Fonctionnement ganz genee gekuckt gëtt an datt, wann ee géif Mëssstänn feststellen, een d'Noutbrems misst zéien an – vun der Gemeng aus - déi Dier vun deenen zwou Säiten zoumécht.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Enseignement musical.

Organisation scolaire pour l'exercice 2009/2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Där fannt an ärem Dossier déi ganz Organisatioun vun 2009-2010 am Zesummenhang mat der Musekschoul.

Der konnt och feststellen, datt mer 529 Kanner hunn, déi ageschriwwe sinn. Dovunner sinn 63%, also 331 Kanner, aus eiser Gemeng. Vun deenen aneren 198, déi vun auswäerts kommen, kommen der 71 aus de Gemengen, mat deene mer Konventiounen hunn. Also aus de Gemenge Käerjeng, Déifferdeng, Dippech a Kënzeg. Mer hunn 40 oder 7,5% Kanner aus dem Grenzgebitt, a mer hunn 79 oder 15% Erwuessener.

Am ganze ginn 356 an eng Véierel Stonne Schoul gehale pro Woch, wat eng ganz héich Zuel ass an och eng Grenz duerstellt vun deem, wat do ka gemaach ginn. Grosso modo kann ee soen, datt dës Schoulorganisatioun sech areit an déi vun deene leschte Joeren. Mer kënnen eise Musiksschüler eng ganz gutt Ausbildung ginn opgronn vun der Professionalitéit vun de Chargé de Coursen, déi do schaffen. Mee et ass och opgronn vun den Infrastrukture vun enger Organisatioun, déi mer hei am Gemengerot an Zesummenaarbecht mat der „Commission de surveillance de l'Ecole de musique" op d'Bee setzen. Dat zur Aféierung. Ech ginn dervun aus, datt den Här Polfer als President vun däer Kommissioun och nach gären eppes dozou seet.

John Polfer (CSV):

Här Buergermeeschter, ech mengen, där hutt schonn alles gesot. Wéivill der ageschriwwe sinn, wéi dat fonctionnéiert. Wat mer nach opgefall war, dat ass, datt ee vill Leit huet, déi no dem drëtte Joer Solfège ophalen. Fir se ze motivéiere fir weiderzegoen an e véiert Joer ze maachen ass d'Moyenne dann op 30 erofgesat ginn. Ech hunn do esou e bësse Bedenken, ob ee mat 30 nach e gudde Museker gëtt.

Et ass och ëmmer gesot ginn, datt mer keng Leit hei hätten, déi Blosinstrumenter géife léieren. Ech krut awer gesot, datt am Réidener Kanton déi Musekschoul e ganz groussen Zoulaf huet vu Leit, déi Blosinstrumenter wëlle léieren. Et kéint een emol eng Kéier virschloe fir mat hinnen ze schwätzen an ze kucken, wéisou alles dohinner leeft an net nëmme méi Perkussioun a Gittar.

Accord à l'unanimité. MM. Brecht et Pierre, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

9.2.

Enseignement musical.

Ecole de musique: achat d'un piano à queue - vote d'un crédit additionnel - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass eigentlech eng supplementar Geschicht zu der Organisatioun vun der Musekschoul. Mer hate vun eisem Chargé de direction matgedeelt krut, datt mer Problemer hätte mat eisem Fligel. Hien huet eng gutt Okkasioun fonnt an en huet eis proposéiert, dee Fligel do ze kafen. Doduerch komme mer och elo scho mat dësem Vote fir en zousätzleche Kredit, esou datt mer kënnen dëse Fligel kafen. Am anere Fall hätte mer vläicht riskéiert, datt déi Okkasioun net méi do gewiescht wier. Mer kréien och nach eng Zomm vun deem ale Fligel, deen net méi gutt ass, erëm. Mer mussen en zousätzleche Kredit vun 12.660 Euro stëmmen am Artikel 4/0822/2211/001 vum Budget vun 2009 fir kënnen dëse Fligel ze kafen.

Roger Klein (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech kann elo ären Ausféierungen net ganz nokommen. Där sot, mer kréien eng Reprise vun 6.000 Euro a mer mussen en zousätzleche Kredit vun 12.660 Euro stëmmen. Mer hunn nach 3.840 Euro. Mer hunn dann e Kredit vun 16.500 Euro, dat ass de Kafpräis vum Piano ouni Reprise. Gi mer iwwerhaapt dee Piano an d'Reprise oder hale mer de Fligel. Dee Moment bräichte mer jo net esou vill Kredit ze stëmmen.

Firwat gi mer, bei all Respekt fir Spuersamkeet, eng Okkasioun vun 2 Joer kafen. Firwat huele mer eis keng Offerte fir nei Fligelen? Ass dat déi eenzeg Okkasioun, déi dorëmmer ze kréien ass, oder wier et nach méiglech respektiv ubruecht gewiescht, aner Offerte bei aneren Haiser unzefroen? Well hei schéngt et mer, wéi wa mer eis géifen op en Instrument stierzen, dat iergendwou steet a mer kafen dat.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass esou. Wat d'Reprise ugeet, esou ass dat ganz einfach eng finanztechnesch Ursaach firwat dat esou ass, also firwat dee ganze Betrag am extraordinäre Budget steet. D'Reprise musse mer separat buchen als Recette, an dofir kënnt netto wuel nëmmen dee Chiffer eraus – et sinn eppes méi wéi 6.000 Euro, déi mer erëmkréien -, mee et ass well den Intérieur dat gären esou hätt. Dofir hu mer mussen dee ganze Betrag op däer aner Säit bei den Ausgaben drasetzen.

Firwat hu mer déi do Offerte gemaach? De Chargé de direction ass bei eis komm fir ze soen, datt de Fligel net méi ganz vill wier. An du hu mer gesot, hie sollt emol kucken, ob en net géif eng gutt Okkasioun fanne wat eise Budget net zevill géif sprengen. Hien huet seng Recherche gemaach an eis dunn och säi Virschlag gemaach. Ech ginn emol dovunner aus, datt hie sech déi Propose och gutt iwwerluecht huet. En ass jo e Spezialist dodran. Sécher, mer kéinten en neie kafen. Mee deen neie Fligel géif natierlech e gutt Stéck méi deier kaschten.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Chargé de direction huet gesot, datt dëse Fligel zwee Joer laang vun hinne gelount ginn ass. Et ass genee dee selwechte Piano, deen och géif kaf ginn. Dat heescht, si kennen dee Piano och ganz gutt.

Roger Klein (LSAP):

Dat heescht, dee steet zënter 2 Joer an der Musekschoul?

Gilbert Welter, Schäffen:

Neen, e gëtt gelount, wa si e brauchen.

Accord à l'unanimité.

10.

Urbanisme.

Plan d'aménagement particulier de la société Tradi-Lux concernant l'aménagement d'un lotissement de 5 maisons unifamiliales à Pétange, rue Jean-Pierre Kirchen - approbation de la convention.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer haten, wéi der wësst, dee PAP schonn hei am Gemengerot. Deen ass och hei gestëmmt ginn. Elo gëlt et nach, déi noutwenneg Konventioun hannendrun ze hänken, déi mer brauche fir mat deem Lotisseur eens ze ginn iwwer d'Stroossen an och, datt si eis mussen déi Stroossen an Trëttoiren oftrieden. Do gesidd der och an der Konventioun, op der Säit 138, wat mer do festhalen.

Mer hale fest, datt nach eng Kéier 5 Eefamilljenhaiser zu Péiteng kommen, datt mer eng Zouganksfläch am Verkéier gratis ofgetruede kréie fir an den ëffentlechen Domaine mat eranzehuelen, datt awer d'Stroossen an d'Trëttoire musse vum Promoteur an d'Rei gesat, realiséiert an esou wéi mär eis dat virstellen un d'Gemeng ofgi ginn. Dee ganzen Devis vun dësen Aarbechte beleeft sech op 143.757,39 Euro laut engem Soumissiounsdossier vun der Entreprise *Dellizotti*. Mär hunn och eng „garantie bancaire" fir dee Betrag gefrot fir sécher ze sinn, datt déi Aarbechten och an däer Form ausgeféiert ginn.

Approbation à l'unanimité. M. Muller, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.

Environnement.

Projet de gestion de district hydrographique du Luxembourg - avis.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass eppes ganz Komplizéiertes. Et ass esou, datt d'Rahmenschutzgesetz vum Waasser den 19. Dezember 2008 gestëmmt gouf. Doran ass festgehale ginn, datt no den EU-Direktive misst e Plang vum hydrografeschen Distrikt vu Lëtzebuerg opgestallt ginn. Am Kloertext heescht dat all déi Moossnamen, déi nach hei zu Lëtzebuerg geholl miisste gi bei de Flossbecken ewéi d'Chiers. Dat heescht, wat miisst gemaach gi fir datt se méi propper géife ginn, mee och, datt d'Waasser géif propper bis iwwer d'Grenz ewech ofgefouert ginn. Et miissten och Wierke gebaut gi fir d'Reewaasser oder och fir d'Iwwerflächewaasser, esou datt dat net méi an d'Kläranlag geet an och net méi an d'Kor fléisst.

Dofir hat d'Aluseau (Association luxembourgeoise des services d'eau) schonn en Avis ofginn opgronn vun dem Gestiounsplang, dee vum Waasserwirtschaftsamt virgeluecht gouf. Mär sollen elo opgronn vun deem, wat mär vum Waasserwirtschaftsamt geschéckt kruten, kucken an en Avis ofginn. Dat ass en Dossier mat iwwer 300 Säiten, wou alles dran ass iwwer dat ganzt Land. Zu deem Deel, deen eis ugeet, miisste mer en Avis ofginn.

Wat miisste mer dobäi soen? Mer miissten alles dat, wat mer wëlles hunn ze maachen, soen. Dat ass och esou an der Aluseau hirem Artikel dran. Do sollte mer dëst ernimmen.

Mer wëllen d'Kapazitéit vun der Kläranlag vu Péiteng ëm d'Halschent vergréisseren. D'Etudë sinn elo esou wäit ofgeschloss. Dat alles soll theoretesch fir d'Joer 2015, wann d'EU-Direktiven dat virschreiwen, gemaach sinn. Donieft soll d'Kläranlag vun Déifferdeng esou moderniséiert ginn, datt se nach e puer Joer fonctionnéiert a mer 2015 dat da géifen eriwwer huelen. Mer miissten och nach gewësse Reeniwwerlafbecken hei an der Gemeng baue fir dem Effekt vum Iwwerflächewaasser entgéint ze kommen. Och Nidderréideng an d'Frontière zu Rodange sollten dann ugeschloss sinn.

Dat sinn all déi Moossnamen, déi an deem Rapport opgefouert sinn. Mär soen och derbäi, datt mer begréissen, datt all déi Saache virgesi sinn an datt mer och versichen, dat an de Fristen ze maachen. Op däer aner Säit vermësse mer awer, datt de „bassin tributaire" vun der Chiers net als „zone vulnérable" opgezielt ginn ass ënner der Direktiv ‚Nitrate', well mer der Meenung sinn, datt dat awer hei kéint de Fall sinn. Et sinn der awer vill, déi an d'Kor fléissen. Mer hunn awer nach Bauerebetriber lénks a riets. Et handelt sech haaptsächlech ëm de ländleche Raum, wou dat gemaach ginn ass. Do soe mär, datt dat net do dran ass, well dat kéint hei och de Fall sinn.

Op däer aner Säit soe mer, datt déi ganz Etude, déi elo vum Waasserwirtschaftsamt gemaach gouf, eng technesch-hydraulesch Oplëschtung ass, wou awer net dovunner geschwat gëtt, wien dann elo wat bezilt. Den ekonomeschen, de finanziellen Deel, ass de Rateschwanz bei deem Ganzen.

Bis elo war et esou, datt déi Ouvragen no der Lëtzebuerger Gesetzgebung praktesch zu 90% subventionéiert gi si vum Stat. No den EU-Direktiven dierft awer do näischt méi gemaach ginn.

De Waasserpräis dierft net méi verkünstelt ginn, mee e misst reell op den Dësch geluecht ginn, d'Amortissementer mat abegraff. Wat de Präis vum Waasser dann elo ass, dat ass eng Diskussioun, déi mer elo héchstwahrscheinlech nach méi intensiv musse féiere wa mer de Budget virleien hunn.

D'Waasserwirtschaftsamt huet sech och net doriwwer ausgedréckt. Et ass dat, wat mer bedaueren an dem Avis. Si leeë sech net fest, mat wat fir Subventiounen an Zukunft nach ze rechnen ass. Mär spieren elo schonn, datt schonn heiansdo mat Forfaite geschafft gëtt, an datt déi Regel vun 90% an heiansdo 70% net méi applizéiert gëtt. Mee wa mer e Reeniwwerlafbecke bauen, da gëtt gesot, mer ginn esou vill honnertdausend Euro bäi an net méi de Prozentsaz, esou wéi et war.

Et muss een awer elo emol kucken, wéi dat sech entwéckelt, wéi si et maachen. Dat si meeschtens Gesetzer déi à part gestëmmt ginn an der Chamber. Wann d'Kläranlag Péiteng soll ausgebaut ginn, dann ass dat e Projet vun 25 Milliounen Euro, also méi deier wéi se um Ufank kascht huet. Do gëtt all Kéier separat e Gesetz an der Chamber gestëmmt. An do gëtt dann och festgeluecht, wat d'Regierung bäigëtt. De Moment wëll keen sech ausdrécken, well mer an der Projektioun vun engem Waasserpräis sinn, deen elo muss iergendwéi definéiert ginn. Den Ofwaasserpräis kënnt jo an dee Präis mat eran. Et gëtt ëmmer gesot, datt et en eenheetleche Präis iwwer d'ganzt Land soll ginn. An da muss ee kucken, ob déi Subventiounen nach gerecht sinn ewéi se waren oder ob se anescht doséiert musse ginn, esou datt déi am Éislek méi Subventioune kréie fir de Präis erofzedrécken an déi hei ënne manner kréien. Dat sinn alles Vermutungen, mee et ass de Moment keng Kloerheet do.

Et ass awer och net schro, mer hunn hei jo just en Avis ofzeginn, an deem mer gesot hunn, datt mer bedaueren, datt déi wiertschaftlech Analys net derbäi ass. Wat kascht dat alles? Mär hu Chifferen do leien am Siach, wat hei misst investéiert ginn an deenen nächste Joeren, mee mer wëssen awer net, wéi wäit de Stat déi Saache géif begleeden. All Gemeng huet dat hei kritt, mär sinn eng vun deenen éischten, déi dorop reagéieren. Zwar mat véier Méint Verspéidung, mee déi meescht Nopeschgemengen hunn, ewéi ech weess, nach net drop reagéiert. Mär ginn also elo mol den Avis weider, an da musse mer kucken, wéi et weider geet.

Carlo Gira (CSV):

Esou wéi den Här Breyer dat erkläert huet, musse mer jo käschtendeckend schaffe mam Waasser. Wa mer manner Subside kréie vum Stat respektiv vun der EU, da musse mer dee Präis jo dann op eis Bierger ofwälzen?

Roland Breyer, Schäffen:

Indirekt miisste mer dat och elo scho maachen doduerch datt mer déi Subsiden, déi mer kritt hunn, miissten amortiséieren. Mer miissten d'„charges d'amortissement" dohinner leeën. Dat géif och schonn eng Belaaschtung ginn. Mär hunn dat awer bis elo net gemaach. Mär hunn amortiséiert well mer 10% vum Eegekapital mat erageholl hunn. Vun 2006 un hu mer alles amortiséiert. D'Fro ass, wéi wäit mer nach réckwierkend mussen amortiséieren a wéi wäit mer an Zukunft mussen amortiséieren. An Zukunft wäerte mer héchstwahrscheinlech mussen 100% amortiséieren. Op mer elo eppes kréien oder net, dat ass eng Affaire vu Liquiditéiten, mee ënner dem Strëch kënnt et praktesch op dat selwecht eraus.

John Polfer (CSV):

Et war mer bewosst, datt mer hei am Land nach am 18. Jorhonnert liewe wat d'Kläre vum Waasser ugeet. Wann ech awer elo hei an deem Dokument kucke wat do alles steet, dann ass et jo

nach schlëmmer wéi am 18. Jorhonnert, well hei ass jo awer keng Kläranlag méi, déi gutt ass. Iwwerall steet derbäi, datt se muss iwwerholl oder moderniséiert ginn, d'Kanalnetz och. A wann een da weess, datt do uewen um Stausee keng eng fonctionnéiert, datt op der ganzer Ënnersauer an op der Musel keng ass, da si mer jo schlëmmer.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass sécher, datt mer géintiwwer den EU-Direktiven e gewëssene Retard hunn, an datt elo versicht gëtt, Vollgas ze ginn. Mer kréie Verspéidung, mer kéinten och Strofe kréien. Mer hunn der schonn e ganze Koup vu Bréissel kritt. An dat wäert och an Zukunft net ausbleiwen. Bon, d'Prozedure sinn och ganz komplizéiert. Déi meescht Kläranlagen, esou wéi Péiteng, hu 4 Gemengen ugeschloss. Et muss een emol déi Uertschaftsnetzer kucken, well do net kloer ass, weem wat gehéiert.

Mär schwätze vu Kollekteren, déi am Siach sinn. Net méi spéit wéi déi lescht Woch war ech nach am Inneministère mat de Leit vum Waasserwirtschafts-amt, vum Distriktskommissariat an hire Spezialisten zesummen. Do ginn d'Meenungen och auserneen. Ween ass fir wat verantwortlech?

Si sinn heiansdo der Meenung datt, wann elo theoretesch alles vu Réier hei an deene véier Gemenge verluecht wier, mär als Syndikat dat alles miissten iwwerhuelen. An datt et och keen Ënnerscheed miisst sinn tëscht deem, wat Suessem heihinner leet – wat jo och vill méi wäit a méi deier ass well jo do och nach Ouvragen dertëscht leien – géintiwwer vun enger Gemeng Péiteng, déi direkt nieft der Kläranlag läit. Dat muss gerecht gemaach ginn. Do ginn d'Meenungen awer nees auserneen. Mär soen, mer hunn dat bis elo net gemaach, mär hunn dat bis elo am Syndikat gemaach. An den Här Pierre weess dat jo och nach aus senger Zäit, datt, wann zu Péiteng eppes geschafft ginn ass, dann hu mär dat och fir Péiteng verrechent a mer hunn et och fir Péiteng zeréckkritt. Wéi dee Reeniwwerlafbecken, dee mer elo beim Keelenzenter maachen. Duerno gëtt deen Deel, deen de Siach bezuelt huet, vu Péiteng zeréckbezuelt.

Bon, et kann een och soen, et misst alles an een Dëppe gehäit ginn. Da muss een awer emol fir d'éischt en Inventar maache fir ze wësse wou mer dru sinn. Do si mär als Péitenger Gemeng nach gutt drun. Aner Gemenge si méi schlecht drun. Déifferdeng ass méi schlecht drun. Mär hu just Nidderréideng nach net ugeschloss, mee Déifferdeng huet de ganze Funiculaire an déi nei Cité. Dat muss nach alles gemaach ginn. Do musse mär fir d'éischt emol Kapazitéite schafen, an da solle mär dann als Péitenger alleguer mat drun deelhuelen? Do wiere mer eis dann och erëm. Dofir ass et nach e ganzen onduerchsiichtege Kuch, wou d'Spezialiste sech emol net eens sinn. Den Här Leonard seet eppes anescht ewéi den Här Weidenhaupt. Et ass nach e laange Wee.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu jo och eng Partie Äntwerte kritt. Mee wéi den Här Breyer seet, do kréie mer nees eng Kéier eppes operluecht. Et ass kee Mënsch, dee seet „hei kriss de 1.000 Frang an da kuck, wat 's de méchs", also fir d'éischt eppes ginn an da kucken, wat gemaach gëtt.

Eng Saach ass mer opgefall, wéi ech dat gelies hunn. An Däitschland ass beschloss ginn, datt d'EU hir Fanger a bestëmmte Saache soll bei sech loossen. Déi hunn näischt do ze maachen. An ech mengen, dat ass duerchgaangen, an déi hunn dat och verstanen. An d'Bundeslänner maachen esou wéi si wëllen a verschidde Positiounen, an net dat wat d'EU virschreift. Mär wäerte jo, ech huelen dat jo un, och eng Kéier op dee Wee goen an deene soen, se solle sech ëm hir Saache këmmeren an déi Länner gewäerde loossen.

Ech hu mech grad esou geiergert bei däer Geschicht vun der Isolatioun vun den Haiser. Déi sinn dach net dohinner gesat gi fir eis Virschréften ze maachen. Déi solle Koordinatioun maachen, datt d'Sue richteg verdeelt ginn. Mee wa mär hei eng Kläranlag bauen, da soll een och wéinstens déi noutwenneg Ënnerstëtzung kréien, déi enger Gemeng oder engem Syndikat erlaabt, ze iwwerliewen. Awer net fir duerno ze soen, datt de Bierger soll ausgedoe gi fir ze weisen, datt mär eng Kläranlag hunn. Dat kann et net sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech fannen zwar, mer sinn nach am Land e bësse besser drun ewéi wann ech d'Belsch oder Frankräich kucken. Do gesi mer awer och nach guer näischt. Wa mär als gudde Schüler vläicht 2015 fäerdeg sinn an d'Waasser relativ propper oflafe loossen, da muss een awer och emol nees gesinn ewéi et dann zu Athus ausgesäit. A spéitstens zu Lonkesch gesi mer dann, wat mat der Chiers geschitt ass. Dat ass och nach keng Koordinatioun.

Norbert Pierre (LSAP):

Den Här Breyer huet et schonn ugeschwat. Mär si mat eisen Infrastrukture wäit fortgeschratt hei an der Gemeng. Dat ass och gutt esou, well esou laang wéi déi 90% Subventioune waren, war et och fir do derbäizebleiwen. Et ass schued, datt mer d'Fonderie net fäerdeg kritt hunn. Dat wier nach besser.

Déifferdeng ass eng Gemeng, do ass iwwerhaapt näischt gemaach ginn. Do ass déi ganz Kor duerch d'Schmelz gelaf. Déi muss frësch kanaliséiert ginn, oder et mussen nei Kanäl agezunn oder duebel gemaach ginn. Datt mär do solle matfinanzéieren, dat ass jo e Modus, deen net ka sinn. Si hu jo och net matfinanzéiert wéi mär eist finanzéiert hunn. Also do misst ee fir d'éischt op e gemeinsame Nenner kommen ier een ufänkt aner Distributiounen ze maachen, an en anere Verdeelungsschlëssel fannen ewéi dat dann ebe soll sinn. Et ka jo net sinn, datt mär eist elo bezuelt hunn, mee déi aner Gemengen näischt gemaach hunn.

Roland Breyer, Schäffen:

Neen, bis elo maache mär dat nach alles no deem ale Schlëssel. Mär si wierklech hei um Gemengegebitt gutt, ausser op der Fonderie an a Nidderréideng. Do hu mer praktesch all déi grouss Saache gemaach. De grousse Reeniwwerlafbecken um Rond-Point do ënnen ass fäerdeg, mer hunn d'Alyose Kayser Strooss fäerdeg. Mer hunn zwar och nach zwou oder dräi méi kleng Saachen ze maachen. Mer mussen och nach de Prënzebierg e bësse kanaliséiert kréien, mee da si mer am grousse ganze gutt. Mer hu ronn 90% vun der Gemeng ugeschloss, a mer hunn och Reeniwwerlafbecken do, wou se musse sinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass scho wichteg, well dat sinn och vill Saachen, déi ee guer net gesäit. Dat verschwënnt am Buedem duerno, an domatter kanns de der näischt kafe goen. Bei de Leit dobausse leeft dat, an dann huet et sech.

Roland Breyer, Schäffen:

Mee spéitstens wann et eng Kéier net méi geet, da mellen se sech.

Norbert Pierre (LSAP):

Spéitstens dann.

Avis approuvé à l'unanimité.

12.

Sylviculture.

Plan de gestion des forêts pour l'exercice 2010 - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mat Berücksichtegung vum Zéng-joeresplang vun eisen 122 Hektar Bësch, dee mer jo d'lescht Joer hei gestëmmt hunn a wouduerch mer d'lescht Joer och den FSC-Label kruten, gouf och dëst Joer vun der „Administration des Eaux et Forêts" an Zesummenaarbecht mam neie Fierschter a mat eisem Ëmweltbüro den Gestiounsplang fir 2010 opgestallt. Et gouf berécksichtegt, datt d'Kapazitéit vun eise Bëscher fir déi nächst Joer erhalen an ausgebaut ka ginn. D'Aarbechte kënnen och esou gestalt ginn, datt d'Regele vun den ekologeschen, wirtschaftlechen a soziale Fonctiounen agehale kënne ginn. Wa mer 2009 méi Recetten ewéi Ausgaben haten, esou ass dat 2010 net de Fall. Mer leien 2010 bei enger Nettoausgab vun 13.400 Euro. Dat heescht, mer stiechen déi Suen, déi mer 2009 méi eraus kruten, nees fir 2010 an eis Bëscher eran.

Eng aner Ursaach ass och déi, datt d'Wirtschaftskris den Holzpräis ganz staark reduzéiert huet an dofir d'Valeur vum Holz ganz niddereg gehale gëtt. D'Recetten duerch de Verkaf vum Holz belafe sech ronn op 41.400 Euro, dat waren 2009 nach 60.000 Euro. Derbäi kommen an de Recetten nach 630 Euro fir d'Locatioun vun der Juegd.

D'Detailer iwwer d'Aarbechten ewéi d'Regeneratioun, d'Exploitatioun, den Ënnerhalt vun de Weeër an de Biotopen esou wéi d'Peie vun den Aarbechte fannt der an ärem Dossier. D'Peie vum Personal belafe sech op 8.100 Euro, d'Regenerationns- an d'Degagementsaarbechten zu Péiteng, Rolleng a Rodange – um Tëtelbierg, um Grand Bois tëscht dem Roudenhaff an der Maus, um Rollenger Bësch, hanner der rue du Bois zu Péiteng an um Hierschbierg – kaschten eis 14.700 Euro.

D'Schneidaarbechte leie bei 23.785 Euro, den Ënnerhalt an d'Usträiche vun de Barrièren 2.000 Euro. Fir de Bësch ze botzen, den Dreck an de Knascht erauszehuelen, respektiv de Weier um Hierschbierg ze botze, kascht 3.000 Euro. Bleift nach den Akaf vum Ënnerhalt vun Aarbechtsgeschir fir 3.345 Euro.

Ech wollt awer och nach bei dëser Geleeënheet dem Fierschter Henri Eicher e ganz grousse Merci soen am Numm vun eis alleguer fir déi laang Joeren, an deene mer immens gutt mat him geschafft hunn a wou mer zesumme mat him dëse Plang opgestallt hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Och wann et méi schlecht sollt goe fannen ech et awer trotzdem ëmmer ubruecht, datt mer nach no eise Bëscher kucken. Mer wësse jo genee, datt de Bësch net esou vill erabréngt an datt vill méi muss an d'Rei gemaach ginn wéi mer erauszéien. Awer trotzdem ass et eng gutt Saach fir esou weider ze maachen, fir unzeplanzen an de Bësch ze erhalen. Well de Bësch ass wichteg. Et gesäit ee jo, datt an der ganzer Welt vill ofgebrannt gëtt, a mär kënnen houfreg sinn, datt mer hei ronderëm nach esouvill Bësch hunn. Et ass e Filter, an et ass eis verdammte Flicht a Schëllegkeet – wéi ech schonn dacks hei zitéiert hunn – fir eiser Jugend och en anstännege Bësch ze hanner-loossen. Et ass och de Bësch, deen dat meeschte Waasser ophëlt. Da komme mer net an de Fall wéi anerwäerts, datt et Iwwerschwemmunge ginn. Well e Bam hëlt vill Waasser op.

Approbation à l'unanimité.

13.

Culture.

Installation d'une chapelle pour la mise en place de la statue Ste Barbe au parc Godefroid à Rodange: approbation du devis et vote d'un crédit spécial - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Virun enger gewësser Zäit si mer vum Aarbechterënnerstëtzungsveräi vu Rodange kontaktéiert gi well se e Problem gesi fir hir Bärbel - déi se zu Rodange an zu Rolleng veréieren - hanne bei der Firma Tract stoen ze loossen. Wat engersäits och eng Plaz ass, wou eigentlech kee méi higeet. A se hunn och d'Impressioun, datt eng Gefor besteet, datt se géif verschwannen. Op alle Fall hu si déi Angscht un eis erugedroen. Doropshi ware mer eis an engem Gespréich eens ginn, datt mer géife versichen, déi Bärbel méi an d'Duerf ze bréngen, wou se besser ze gesinn ass a besser besicht ka gi vun de Leit, déi dorëmmer wunnen oder och do laanscht fueren ewéi wa se do stoe bleift, wou se bis elo steet.

D'Iddi ass am Fong fir se aus dem Doihl a Richtung Godefroids Park ze bréngen. Do géife mer dann higoen an eng nei Kapell histellen. Eng méi modern an net esou eng traditionell wéi se am Doihl steet, fir datt d'Bärbel do ënnerdaach steet. D'Bärbel, dat wësse mer jo, ass en Deel vun eisem Patrimoine a si war eng wichteg Persoun an eisen Uertschaften.

Mär hu gekuckt, wat dat géif kaschten, an do si mer op e Chiffer vun 40.000 Euro, mat den Aarbechten, déi eventuell do ronderëm gemaach musse gi fir kënnen déi Kapell opzeriichten. Den Detail, deen der hannendrun an ärem Dossier hutt, gesäit 25.000 Euro fir d'„sculpture chapelle", déi mer dohinner géife setzen. An de Rescht wieren d'Aarbechte ronderëm. Dee gréissten Deel vun deenen Aarbechte géifen dann awer vun eise Leit gemaach ginn. Mer géifen dann och vun dëser Geleeënheet profitéiere fir dee Wee duerch de Park besser ze beliichte well mer och do schonn e puer Mol gesot kruten, datt et zevill en däischteren Eck wier. A mer wësse jo, wat dat heescht, wa mer däischter Ecken hunn. Mer hu jo och vun der Police gesot kritt, datt mer do solle reagéieren. Mee d'Haaptzil vun dësen Aarbechten ass sécher fir eng adäquat Plaz ze schafe fir eis Bärbel hinzestellen a fir hir d'Méiglechkeet ze ginn, nees am Duerf ze stoe wou d'Leit och higinn.

Albert Muller (LSAP):

Ech hunn eng Fro zum Devis. Mech wonnert et, datt bei esou enger klenger Kapellchen, déi soll opgeriicht ginn, een e Bureau d'études brauch fir d'Stabilitéit ze rechnen. Ech ka mech erënneren, zu menger Zäit hu mer esou kleng Saachen esou gemaach. Eis Kenntnësser ware grouss genuch, esou datt mer kee Bureau d'études gebraucht hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn iech komplett recht. Ech war eigentlech guer net „amused", datt mer dat do miissten hunn. Am Géigendeel, ech hunn dat selwecht gesot, wat dir gesot hutt. An engem Service, wou eng Architektin, en Diplomingenieur, 3 „ingénieur-technicienen", op d'mannst 4 Steemetzer - zum Deel mat Meeschterprüfung - sinn, misst een dat kënne selwer maachen. Et ass mer awer vum technesche Service gesot ginn, dat wier net méiglech. An engem e-mail hunn ech hinne geschriwwen, wéi ech dat géif maachen, obwuel ech net de Mann vum Fach sinn. Ech stelle fest, datt mer et wahrscheinlech esou maachen ewéi ech dat geschriwwen hunn. Ech waarde just drop, datt mer et fäerdeg gemaach hunn, an da wäert ech mäin e-mail nach eng Kéier erauszéien a froen, wat mer dann anescht gemaach hunn. Mee mer hunn eis awer vum technesche Service soe

gelooss – vun eisem Chef de service -, datt dat net anescht géif goen. A well mer awer wëllen an deem Dossier virukommen hu mer eis entscheet, dat do ze maachen. Mer kéinten et jo net veräntwerten, wann déi Kapell mat der Bärbel géif ëmfalen.

Albert Muller (LSAP):

Ech fannen et e staarkt Stéck wann esou vill Diplomer doiwwer am technesche Service sinn, datt iech gesot gëtt, dat géif net goen. Ech fannen dat einfach net ugepasst.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, där hutt Recht. Bon, den Avis, dee mer do anhuelen, ass net esou grouss, datt een ëmfält. Mee dat hätte mer miisste selwer maachen. Mer kucke fir déi nächste Kéier – ogpronn vun ärer Interventioun – méi ze insistéieren, an ech wäert hinnen dann och soen, datt där mer recht ginn hutt a mengen Iwwerleeungen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hat dat och erausgeschriwwen. Ech mengen, et ass net, datt, wéi allgemeng gemengt gëtt, de Romain Becker aus dem Péitenger Gemengerot géint de Patrimoine vun der Gemeng ass. Op kee Fall, beileiwen net, an et wier och dee leschten, dee eppes dergéint hätt. Sief dat d'Muttergottesknippchen, d'Bärbel oder all déi aner Statuen, déi mer nach esou ronderëm an de Bëscher stoen hunn an déi mer och eng Kéier wäerten an den Zentrum huele well se soss esou eleng do stinn.

Mee wat mär hei opfält ass, datt bei engem Käschtepunkt vun 40.000 Euro kee Plang derbäi läit? Wéi soll déi Kapell ausgesinn? Den Här Buergermeeschter huet gesot, et gëtt eppes ganz Modernes. Do wëll ech zwar och net onbedéngt drop hoffen oder wetten, wéi modern dat soll ausgesinn. Op däer aner Säit kann et och ellen a kitscheg ginn. Ech hu scho Bärbele gesi ronderëm stoen – sief et zu Lëtzebuerg oder am noen Ausland bei Minièren – déi an enger ganz fuerchtbarer kitscheger Kapellche stinn. Ech hätt léiwer, datt mer bei deenen 40.000 Euro – wat jo net onbedéngt näischt ass – e Plang derbäi gehat hätten. Obwuel mer et selwer maache mat eisen Servicer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär hunn en Dokument, dat mer kënnen erausginn, wa mer den Accord hei hu fir dat zu deem Präis ze maachen. Da géif ech jiddwer Conseiller eng Dokumentatioun zoukomme loosse fir datt se gesinn, wéi dat kéint ausgesinn. Mer mussen awer den Devis stëmmen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat heescht, mer hunn nach guer kee Plang?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn eng éischt Ebauche, mee éier mer se definitiv kréie musse mer se bezuelen. Do ass eng Kënschtlerin, déi sech domatter beschäftegt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Eng Kënschtlerin? Esou wéi de Bureau d'études?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo.

Romain Becker (Déi Gréng):

Här Buergermeeschter, da maache mer et jo net selwer. Da gi mer un, mer géifen dat alles an Eegeregie maachen, mee dat stëmmt jo dann net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen. Mär baue keng Kapell an eegener Regie. Mär maachen dee ganzen Encadrement, dat heescht de Bëtong, de Sockel, d'Beliichtung. All dat maache mir. Ech schécken iech dat. Et gëtt eppes Schéines. Mee fir d'éischt musse mer de Feu vert hunn, well soss ass d'Madame net bereet fir eis dat ze ginn. Soss riicht se dat op enger anerer Plaz op.

Romain Becker (Déi Gréng):

Neen, hir Kapellche vläicht, mee eis Bärbel steet an deem dote Sënn awer gutt do wou se stoung a wou se op alleguer déi Mineuren opgepasst huet am Doihl. Se huet jo net méi den direkte Rapport mat de Mineuren, wa mer se an d'Duerf huelen. Dat ass eng aner Saach. Ech verstinn är Iwwerleeunge fir se an d'Duerf ze huelen, esou datt se net geklaut respektiv futti gemaach gëtt, oder datt mer se net op engem Floumaart am Grenzgebitt erëmfannen esou wéi aner Statuen, déi hei zu Lëtzebuerg verschwonne sinn. Mee déi Kapellchen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass net eng Kapellchen ewéi där iech se virstellt. Dat ass eng Skulptur.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Schwieregkeet ass, datt mer de Feu vert mussen hunn, soss kënne mer dat do eigentlech net bestellen. An esou laang mär net soen, mer géife bezuelen, esou laang kréie mer och näischt. Mee wa mer den Devis bis gestëmmt hunn, da schécke mer iech dat bannent e puer Deeg. An da kënnt der iech dat ukucken, an da kéint een d'Bestellung nach eng Kéier zeréckzéien.

Norbert Pierre (LSAP):

Den Här Becker huet meng Fro schonn zum Deel gestallt. Am „mémoire technique" steet dran „Sculpture-chapelle confectionnée en acier Korten – détail voir en annexe". Mee d'Äntwert ass net do. Mee där hutt jo elo d'Äntwert ginn, an zwar datt d'Annexe eréischt kënnt wa mer et gestëmmt hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Konzeptioun vun dësem Projet gëtt si eis eréischt, wa mer dat gestëmmt hunn. Wa mer jo soen, mer maachen d'Commande, da kréie mer och d'Konzeptioun. An da kënne mer nach ëmmer entscheeden, ob mer dat maachen oder net.

Romain Rosenfeld (CSV):

Bon, ech gesinn déi Saach e bëssen anescht. Ech si frou, datt mer dem AEV vu Rodange senger Demande Rechnung gedroen hunn. Mer si jo schonn alleguer dee Wee do matgetrëppelt. Mer miisste jo all Joer d'Strooss nees nei maache wa mer dohinner ginn. Et si Lächer lénks a riets. De Vandalismus huet déi Plaz nach bis elo verschount. Déi ginn och léiwer dohinner, wou e bësse Luucht ass. Mee wa se dohannen hi miisste goen, da géifen se e bësse méi fäerten, géif ech mengen. Ech fannen och, datt d'Plaz, wou d'Bärbel hikënnt, och passt. Ech begréissen déi Saach well et eng ganz flott Initiativ ass. Ech hunn och voll Vertrauen dran, datt déi Kapellchen och esou ass an datt déi Leit, déi dat gefrot hunn, awer och déi al Mineuren zefridde si mat dem Standuert a mat der Kapellchen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech trëppelen honnertprozenteg mat dem Här Rosenfeld. Ech si selwer betraff well ech an deem Veräin dra sinn. Wéi mer d'Diskussioune bis ugefaangen hu mam Comité, do wiere mer wierklech zefridde gewiescht, wann déi Statue ënnerdaach gestanen hätt. Datt dat elo esou e grousse Projet gëtt, dat ass an der Rei, mee et war wierklech net esou geduecht.

Mee d'Bärbel huet eng grouss Bedeitung zu Rodange, si huet e ganz grousse Patrimoine zu Rodange. An ech gesinn et net nëmmen esou, datt déi chrëschtlech Leit déi Statue just veréieren. Well der musst wëssen, datt, an der Vergaangenheet, déi Mineuren zum gréissten Deel

Kommuniste waren. An déi hate bestëmmt näischt mat kierchleche Saachen um Hutt. Dofir gesinn ech et vun engem anere Standpunkt aus. Mee wéi gesot, ech fannen dat ganz gutt. An ech widderhuele mech nach eng Kéier wann ech soen, datt mer méi kréien ewéi gefrot gouf. An dofir wëll ech iech villmools Merci soen.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass elo zimlech alles beliicht ginn, an et huet kee Wäert, datt ech hei elo eppes widderhuelen. Ech wëll awer och dem Här Muller bäiflechten, datt, wa mer schonn en technesche Service hunn, da miissten déi och amstand si fir dat ze maachen.

Carlo Gira (CSV):

Ech mengen och, datt vill gesot ass. Wat ech wollt soen ass, datt mer deene Leit, déi do ënner schwéiere Konditioune geschafft an och deelweis hiert Liewe gelooss hunn, dat schëlleg sinn. Vläicht eng Suggestioun heizou. Wann dat elo net soll klappen an déi Skulptur sollt passen, dann hu mer jo nach ëmmer eng Virlag. Da baue mer déi no a mer stellen d'Bärbel do dran.

Roger Klein (LSAP):

Et ass elo esou vill gesot ginn, datt et net méi vill Neies ze soe gëtt. Ech ka just widderhuelen, datt dat hei eng ganz verstänneg Initiativ ass fir déi Statue an d'Duerf ze bréngen. Mer félicitéieren dem Schäfferot och, datt en op déi Demande agaangen ass. Mer hunn hei och e Konsens um Dësch, datt mer déi Initiativ all ënnerstëtzen. Mer sinn eis och bewosst, datt d'Bärbel zu Rodange zum kulturelle Patrimoine gehéiert – ob een elo reliéis ass oder net. An et ass einfach esou, datt d'Minièren eng ganz grouss Bedeitung fir Rodange haten. Déi „sculpture chapelle" kann och net iwwerdimensionéiert sinn. Si kann héchstens „à la mesure" zu deem sinn, wat de Biergbau zu Rodange bedeit huet. Ech bedaueren et och e bëssen, datt mer just gesot kréien, datt mer eng „chapelle d'un diamètre de 5 mètres" bauen. Mee vill méi gi mer net gewuer. Wéi gesot kréie mer jo déi Pläng nogeliwwert. Et géif proposéieren, mer kéinte jo och emol eng Kéier als Gemengerot bei déi Artistin an hiren Atelier fueren an eis hier Aarbechten ukucken.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat wier eng Méiglechkeet. Ech gesinn absolut kee Problem, datt mer dat kënne maachen. Mee esou wäit ech weess, gëtt se net an hirem Atelier gemaach, well et jo awer eng Gréisst huet vu 5 Meter. Deen Devis ass an der Rei. Ech sinn och iwwerzeegt dovunner, datt, wann de Betrag derno do ass, da wäerte mer awer net op dee Chiffer do kommen. Wourop mer wahrscheinlech wäerte kommen, dat ass d'Skulptur. Et ass ongeféier de Chiffer, dee mer eis virgestallt haten. Driwwer wëlle mer net goen. Dat war och e Wonsch, dee mer haten. All déi aner Saachen ass Material, dat mer brauchen. Do musse mer natierlech kucken, datt mer dat op d'Plaz kréien. Op alle Fall garantéieren ech iech, datt mer net iwwer dee Betrag wäerte goen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Eng kuerz Fro nach. Kënne mer dëst Joer schonn an de Parc Godefroid goe fir Bärbelendag?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et kënnt drop un, wéi séier mer dat do elo fäerdeg kréien. Dat kënnt duergoen, mee et kéint awer och net duergoen. Also mer kucken emol, mee ech wëll awer näischt verspriechen.

Kënne mer dat do elo zum Vote stellen am Intressi vun de Minièresaarbechter vu Rodange a Rolleng? Mat der Präzisioun, datt et sech hei net ëmmer ëm eng chrëschtlech-kathoulesch Saach handelt. Obschonn – dat muss een awer soen – d'Bärbel eng Helleg ass a fir Rodange sécherlech eng grouss Roll gespillt huet esou laang do an de Minière geschafft gouf.

Accord à l'unanimité.

14.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de service - décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Och wa et nach 60 Deeg viru Chrëschtdag ass, d'Chrëschtkëndche kënnt awer e bëssen éischter. Well mer den 18. Dezember eis Ofschloss-iessen hu wou traditiounsgeméiss ëmmer Leit geéiert ginn, déi 20 Joer am Déngscht vun der Gemeng waren. Mer wollten iech déi heite Leit proposéieren, déi 20 Joer erfëllt hunn an hir Aarbecht mat Fläiss an Integritéit gemaach hunn. Dat wieren am ganzen 10 Leit. 6 aus eise Betriber, 2 vum Léierpersonal an 2 vum „Service d'incendie et de sauvetage". Mer schloe jo ëmmer vir, e Scheck am Wäert vun 900 Euro ze ginn. Mer hunn och nach genuch Kreditter do, esou datt mer iech virschloen, dëser Propositioun zouzestëmmen.

Carlo Gira (CSV):

Mer hu jo och Personal aus de Schoulen dorënner. Déi fale jo awer elo ënner de Stat. Éiere mer déi elo net méi oder hale mer dat bäi?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Entscheedung hu mer nach net geholl. Mer hunn eis awer scho Gedanken driwwer gemaach, wéi een elo an Zukunft mat deene Leit fiert. Mer hunn elo virdrun déi lescht Kontrakter gestëmmt, esou datt mer elo an der Situatioun sinn, datt dat kee Service méi ass, deen direkt vun eis ofhänkt, mat deem mer awer nach jumeléiert sinn – wann een dat esou däerf soen. Et kann een et e bësse wéi bei de Pompjeeë gesinn. Dat ass och e Service, dee mär net commandéieren, deen awer och onofhängeg fonctionnéiert, mee e Stéck vun eiser Organisatioun ass. Wann een et esou gesäit, da muss een d'Pompjeeën an d'Léierpersonal an Zukunft weider éieren. Et kann een och soen, datt mer just déi kucken, déi exklusiv fir eis schaffen. Do kucke mer emol, wéi déi aner Gemengen dat maachen. Mer wollten eis emol ëmlauschteren, wéi dat op aner Plazen ass. Dat eent an dat anert kéinte mer eis virstellen. Mer wäerten dat elo an der nächster Zäit konkretiséieren.

Accord à l'unanimité.

15.

Vie associative.

Octroi d'un subside spécial à l'association "Hondsfrënn 1937 Péiteng" - décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Hondsfrënn 1937 vu Péiteng sinn un eis erugetruede well se hir Fassad vum Clubhaus zu Péiteng an der rue des Promenades an d'Rei gesat hunn. Dat heescht, do war Fiichtegkeet dran, an dat huet mussen nei ugestrach ginn. Se hunn eis dat schréftlech duerch e Bréif eraginn, a si hunn och gefrot fir d'Wuer bezuelt ze kréien.

Déi ganz Rechnung, déi si geschat hunn, mat den Aarbechten abegraff, beleeft sech op 7.467,26 Euro. D'Wuere sinn op zwou Rechnungen, déi mer och hei derbäileien hunn, a belafe sech op 1.467,26 Euro. Bis elo war et ëmmer esou, datt mer d'Käschten iwwerholl hunn, esou datt mer och hei wéilten den Hondsfrënn 1937 déi 1.467,26 Euro als spezielle Subsid zoukomme loossen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wat opgefall ass bei dem Dekont vun den Hondsfrënn 1937, dat ass d'„estimation des travaux personnels" mat 6.000 Euro.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Stonne gi jo net berücksichtegt. An beim Subside gëtt jo eigentlech nëmmen en Deel – laut eisem Subsidereglement – vum Material, mee ni vun der Aarbecht, iwwerholl. Si hunn dat eragi fir eis ze weisen, datt si dat selwer gemaach hunn.

Accord à l'unanimité.

16.

Transports et communications.

Règlement d'urgence de la circulation routière - confirmation

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn nach e Schantjen, deen der scho laang kennt. Dat ass e Schantjen, deen ënner der Regie vum Siach leeft. An zwar sinn et d'„travaux d'assainissement" vun der Kanalisatioun am Intressi vum Keelenzentrum, wou mer elo an der Pierre Hamer Strooss praktesch fäerdeg sinn. Dat Ganzt muss elo an d'Gaardestrooss eragefouert an do, wou de japanesche Restaurant ass, ugeschloss ginn. An dat fir och nach Waasser opzehuelen, wat uewe vum Prënzebierg erof kënnt. An deem Sënn wäerten an der nächster Zäit – an och elo schonn – Problemer am Verkéier festgestallt ginn. Engersäits an der Pierre Gregoire Strooss, anersäits och an der Raechels Strooss bis op d'Lonkescher Strooss. Mee mer brauchen net an der Lonkescher Strooss opzerappen, mee mer fuere mat Fonçage drënner fir datt mer do net nach e grousse Schantje kréien. Hei geet et haaptsächlech ëm d'Pierre Gregoire Strooss, wou ee bei de Cactus erafiert a wou een och laanscht de Garage Renault kënnt. Do sinn d'Aarbechten amgaang an de Verkéier gëtt ageschränkt. Do muss och deelweis mat Luuchte gefuer ginn an d'Parke verbuede ginn. Dat ass haaptsächlech beim Lidl, wou ëmmer Autoen heibausse stoungen. Mee et sinn awer Parkplazen dernieft. Mer mussen dann héchstwahrscheinlech duerch déi Strooss, déi d'Verbindung tëscht der Pierre Gregoire an der Raechels Strooss mécht, hanne laanscht de Cactus fueren. Well owes mécht de Cactus jo seng Parkingen zou. E wëllt en och net opstoe loossen, an dofir fuere mer dann ënnen duerch, esou datt mer d'Verbindung do nach behalen. D'rue Raechels wäert och eng Kéier béidsäiteg ze befuere si well déi och deen eenzege Wee ass, deen opbleift. Bon, déi ganz Affaire wäert bis Enn 2009 daueren, et kënnt awer drop u wéi d'Wieder ass. Mer mussen deelweis blockéieren, mee den Zougang bleift garantéiert. Mee et geet heiansdo duerch rout Luuchten, heiansdo och mat Ëmweeër dohinner. Et ass haaptsächlech owes, wou ee muss anescht fuere wéi am Daach well owes de Parking vum Cactus nees zou ass. Et wäert keen einfache Schantje ginn an d'Leit wäerten dat och net ëmmer verstoen.

Wéi mer deen éischten Deel gemaach hunn, do war och eppes vergiess ginn. An zwar huet de Siach bis elo net déi „relations publiques" gehat ewéi d'Gemeng, a mer ginn och nach eng Circulaire eraus un d'Leit, déi ronderëm wunnen, wéi de Schantjen elo weidergeet. Mer versichen och - dat hu mer eis elo emol zum Zil gesat -, all Kéier wann de Schantje changéiert, eng nei Informatioun un d'Leit ze ginn. Bis elo ass ëmmer nëmmen um Ufank dovunner geschwat gi wéi de Schantjen evoluéiert, esou wéi an der rue des Prés zu Rolleng och. An da stellen d'Leit sech Froen, wat nees ass. Et misst een eng Informatioun un d'Leit gi wann de Schantjen nees en anert Gesiicht kritt. Hei ass et leider esou, datt mer fir déi nächst Méint geplot sinn, mee da si mer awer roueg an deem Eck. An da kann nees alles normal lafen.

Et ass e „règlement d'urgence", dat mer geholl hunn. Et ass och schonn amgaang, mee mer wiere frou, wann der eis dat géift stëmmen.

Albert Muller (LSAP):

Ech wollt eigentlech eng Fro stellen zu der Parksituatioun an der Robert Schuman Strooss hei zu Péiteng. Mär ass gëschter gesot ginn, datt trotz Parkverbuet op der rietser Säit, wann een op d'Gare doropper geet, dauernd Autoe parken. Esou guer uewen op der Plaz, déi Abuchtung, déi riets era geet, steet e Schëld, datt et verbueden ass, do ze stoen. Do hunn déi Leit sech bei eisen Agente beschwéiert, firwat d'Leit, déi do parken, net gestrooft ginn. Déi hunn der Madame, déi mär dat gesot huet, geäntwert, datt se nach géifen op eng Uweisung vum Schäfferot respektiv op eng allgemeng Informatioun fir d'Leit, déi do wunnen, waarden. Ech wollt wëssen ob dat esou wier a firwat eis Agenten net an déi Strooss ginn an déi Leit, déi am Parkverbuet stinn, bestrofen.

Roland Breyer, Schäffen:

Also si ginn och net op aner Plazen, wou se miisste goen. Nëmme fir ze soen, e Méindeg, den 26. Oktober, hunn ech eng Reunioun mat der Police a mat de Pecherte fir iwwer déi Saachen ze schwätzen. An zwar iwwer all déi problematesch Punkten, déi mer signaléiert kréien, firwat se op verschidde Plazen net kontrolléieren an op anere kontrolléieren. Ech weess net firwat se do net kontrolléiere ginn. Wann et ëmgedréint wier – fréier war et op der lénker Säit verbueden ze parken, an do stoungen och ëmmer Autoen – ënner deem fréiere Polizeikommissär – dat hunn ech mer soe gelooss, do housch et, datt dat „partie privée" wier an hie géif d'Fangeren do eraushalen a kee Protokoll op engem Privatterrain maachen. Wat awer falsch war, well mer hunn duerno eng Etude maache gelooss an och en „avis critique" vun engem Jurist kritt. Et däerf een och net op engem Privatterrain, deen ëffentlech zougänglech ass, einfach esou stationéieren. Firwat se elo ëmgedréint fueren, dat kann ech net soen. Vläicht hu se dat nach ëmmer am Kapp. Op alle Fall hu mer deen anere Méindeg eng Entrevue fir iwwer déi problematesch Punkten ze schwätzen – an et sinn der e puer – wou se laanscht ginn ewéi wann näischt wier.

Jeannot Linden (LSAP):

Och zu Rolleng an der Wisestrooss, do hunn ech och nach kee gesinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Also ech kann iech awer soen Här Linden, datt ech e Bréif krut vun engem Awunner aus der rue des Prés, dee mer 3 Protokollen hannendru gehaangen huet.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech krut och nach eng Reklamatioun vun enger Madame, déi an der Lonkescher Strooss zu Rodange wunnt. Tëscht der Michel Rodange an der Gendarmerie Strooss, do stinn d'Fransousen obwuel Schëlter do opgestallt sinn. Do geet einfach kee laanscht.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Ëmsetzung vum Reglement ass nach net esou wéi et soll sinn. Do sinn eis Servicer net nokomm mat gewësse Saachen. Schëlter stinn, mengen ech, elo iwwerall. Ech sinn awer elo net deen, dee kann iwwerall kontrolléiere goen, ech kann dat net behaapten, mee ech ka mech nëmmen op d'Informatioune baséieren, déi ech kréien. Do miissten d'Schëlter stoen esou wéi et am Reglement virgesinn ass. Wat awer op verschidde Plaze feelt, dat ass d'Anzeechnen um Buedem. Zum Beispill an der rue Neuve si Leit, déi Protokolle kréie well e Schëld do steet, datt et verbueden ass do ze parken. Mee et steet ënnendrënner „excepté emplacements

marqués ou aménagés“. Mee déi sinn net do, d'Leit stinn awer do. An dann däerf een och net do stoen. Do hat ech nogefrot. Et ass ëmmer dat selwecht – all Mënsch, dee schonn am Schäfferot war, dee weess dat -, mer hu keng Usträicher, et mussen Usträicher sinn. A wa mer Usträicher sollen hunn, da reent et och nach deen Dag. Oder et ass ze kal. Do hu mer nach problematesch Fäll, an ech ka mer dat nach eng Kéier ukucken ob do net och d'Amenagementer feelen, déi nach musse gemoolt ginn.

Also ech kucken elo all déi Fäll mat hinnen duerch deen nächste Méindeg. Dann sinn och den Commissaire de police adjoint an zwee Pecherten do.

Jeannot Linden (LSAP):

Nach eng kleng Iddi. Wann een déi Schëlter dohinner setzt, gëtt et da kee Moyen fir déi ze verdecken? An zu deem richtegen Zäitpunkt hëlt een déi Verdeckung dann nees ewech.

Roland Breyer, Schäffen:

Et wier alles ze maachen, mee et geschitt net ëmmer.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Breyer huet gesot, datt d'Leit sollen informéiert ginn. Ech wollt dat och froen. Ass et net eventuell ubruecht, fir eventuell relativ groussraimeg eng Informatioun erauszeginn. Ebe well et awer e relativ komplizéierte Schantjen ass a well jo och do Geschäfter sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer kënne kucken, wou mer dat nach kënne maachen. Haaptsächlech den Hotel ass och heiansdo doduerch betraff. Dat sinn net onbedéngt Leit, déi den Ziedel liesen, deen d'Leit hei an hir Bréifkëscht kréien. Alles wat mer méi groussraimeg maachen, dat kascht och Suen. Mee mer kucke wat mer an deem Sënn nach kënne maachen. De Moment ass déi graff Asprëtzung gemaach gi laanscht den Hotel, mee dat ass nach net deen definitive Belag.

Carlo Gira (CSV):

Well et jo ubruecht ass fir iwwer de Verkéier allgemeng Froen ze stellen, wollt ech nach séier op 2 Saachen opmierksam maachen. Et gesäit een ëmmer méi an der Gemeng datt, wa Veranstaltunge sinn, esou DIN A4 Blieder opgehaange ginn. Brauch een dofir eng Autorisatioun? A wier et net ubruecht, datt déi och nees ewechgeholl gi wann d'Manifestatioun eriwwer ass?

Roland Breyer, Schäffen:

Fir alles, wat esou graff op eng Manifestatioun hiweist, esou eng Zort fléchage also, ass eng Autorisatioun noutwenneg. A si ass duebel noutwenneg wann et iwwer eng Statsstrooss oder e „chemin repris“ geet. A well dat net erlaabt gëtt wann een dat ufreet, ginn déi meescht net ugefrot. Mär maachen dat och net wa mer emol eng Manifestatioun hu vu kommunalem Intressi. Mär stellen och eng Barrière dohinner an hänken e Schëld drop. Bon, mär huelen se zwar ewech. Op aner Plazen hänken der effektiv nach dorëmmer.

Carlo Gira (CSV):

Mee da miisst een deene Leit awer wéinstens soen, datt, wann d'Veranstaltung eriwwer ass, se dat sollen ewechhuelen. De Moment hänken der näämlech e puer dorëmmer, déi scho laang eriwwer sinn.

Wat ze begréissen ass, dat ass, datt elo owes an d'Wochenenn d'Luuchte blénke bei der Ausfaart vun de Jenken. Do wollt ech just froen, ob dat nëmmen iwwer eng gewëssen Zäit geet oder ob dat elo definitiv ass. Ech wëll awer och nach op eng Saach hiweisen – d'Gemeng huet jo reagéiert an et huet jo och sécher eppes kascht -, an zwar ass dee Marquage eriwwer geluecht ginn. D'Leit mussen d'Kéier dann zimlech kuerz huelen, mee et sinn der nach ëmmer, déi sech e Spaass maachen, déi do driwwer fueren. Deene Leit miisst een awer och soen, datt do eppes gemaach gouf, an et miisst een hinnen och soen, datt se aus Respekt virun deenen anere solle fuere wéi et am Code de la Route virgesinn ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Bon, et sinn der ëmmer, déi sech ameséiere fir op déi aner Säit ze fuere fir datt deen hannendrun da rout kritt. Och an der rue de la Paix. Mer kënnen eng Informatioun ginn, datt een dat soll ënnerloossen. Mer kënnen och e „mur californien“ an d'Mëtt stellen, da maachen se dat net méi.

Wat d'Luuchten ugeet, esou ass dat definitiv. Wësst der och firwat? Well den Här Gira eng Kéier dat bei engem Patt gesot hat an ech hat geduecht, da bräicht ech dat net am Gemengerot ze soen.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, ech wollt nach soen, datt ee vun der rue de l'Eglise jo miisst ëm de Verdeelerkrees fuere fir dann an d'rue Gillardin ze kommen. Mee do gëtt och einfach lénks ofgebéit wann et däischter gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Jo, dat ass och esou e Sport. Mee do maache mer héchstwahrscheinlech am Laf vum nächste Joer eng Propositioun vun engem Réamenagement – och vläicht beim Fleegeheem, wou jo einfach eng Barrière an der Strooss steet -, an d'Ponts et Chaussées waarden drop.

Wat um Enn vun dëser Woch oder nach dës Woch zu Lamadelaine gemaach gëtt, dat ass den Teppech an der rue des Prés.

Accord à l'unanimité.

17.

Questions des conseillers communaux.

Néant.

Séance publique du 9 novembre 2009

Durée de la séance: *15.00 à 15.50 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
	Albert Muller, conseiller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Prévisions sociales: Office social - budget rectifié de l'exercice 2009 et budget de l'exercice 2010 - approbations.
3. Enseignement
   - 3.1. Organisation des classes de neige en 2010 - décision.
   - 3.2. Réaménagement partiel des locaux de l'école 'Neiwiss' à Rodange - approbation d'un devis actualisé - décision.
   - 3.3. Extension de l'école 'Am Paesch' à Rodange - approbation du décompte provisoire et vote d'un crédit additionnel - décisions.
4. Cimetières: Installation d'un garage préfabriqué au cimetière de Pétange - approbation du devis et vote d'un crédit spécial - décisions.
5. Questions des conseillers communaux.

Séance à huis clos

6. Personnel: Réduction de la tâche hebdomadaire d'une aide-éducatrice - décision.

COMPTE RENDU

1.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hätten nëmmen eng Matdeelung ze maachen. Jidderee vun iech huet eng Invitatioun fir den 18. November 2009 kritt, wou mer um 16 Auer eng informell Sëtzung hunn, an däer mer iwwer den neie P.A.G., dee mer an der Prozedur hunn, schwätzen an informell diskutéieren.

2.

Prévisions sociales.

Office social: budget rectifié de l'exercice 2009 et budget de l'exercice 2010 - approbations.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zu dësem Punkt gëtt et ze soen, datt - nodeem datt mer 2008 fir d'éischt iwwer 200.000 Euro Defizit am Budget vum Office social komm sinn, an och fir d'alleréischt am Kont als Subsid vun der Gemeng hu miissten iwwer 200.000 Euro verséieren - och am Joer 2009 an 2010 den Defizit méi héich ausfale wéi urspréinglech virgesinn. Mir komme fir de Moment - laut dem Budget, deen eis um Office social virgeluegt gouf - op 288.678 Euro am Exercice 2009, an op 275.928 Euro am Exercice 2010.

Dat wäert och an Zukunft net vill besser ginn. Et weess jidderee wéi d'Situatioun haut ass, an dofir wäert och an Zukunft eisen Office social weider gefuerdert an nach méi gefuerdert ginn. Och wann deen neie Projet de loi 5830 iwwer d'Aides sociales eng Kéier Realitéit gëtt, an och wa mer dann eng Kéier 50% vum Stat kréien, da wäert dee Chiffer, deen d'Gemeng all Joer muss an déi Hëllef investéieren, kaum erofgoen.

Wat déi Ausgabe vu ronn enger Millioun Euro ubelaangt, déi am Office social virgesinn ass, esou sinn ongeféier 40% fir de 'placement des nécessiteux aux centres d'accueil', ongeféier 20% fir 'autres secours temporaires ou accidentels' an ongeféier 20% fir d'Traitementer vun eisen 'assistantes sociales', déi och an dësem Budget verankert sinn.

Ech wëll awer hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir de Membere vum Office social, ronderëm hire President Josy Libert, Merci ze soe fir déi Aarbecht déi se maachen. Ech wëll awer och

déi administrativ Aarbechter an d'Assistantes sociales net vergiessen. Et ass sécherlech keng einfach Aarbecht. Et ass eng wichteg Aarbecht fir eis Gemeng, an dofir soll hinne Merci gesot gi fir déi Aarbecht, déi se an dësem delikaten Dossier maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt froen, ob et méiglech ass fir eng Kéier eng Statistik ze kéie vun de Leit, a wou e kéint erausgesinn, op et eropgaangen ass am Kader vun der Kris. Well dir hutt mat Recht gesot, datt et an dësen Zäiten e bësse méi stramm geet. Wier et méiglech fir Zuelematerial ze kréien, wou raus ervirgeet datt et an d'Luucht geet, oder wéivill Leit vu welleche Servicer profitéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Sécherlech ass et méiglech fir dat erauszeginn. Mir haten et bis elo ëmmer am Dossier leien, mä mer kënnen deem zoustännege Service soen, datt se dat nach eng Kéier sollen erausleeën. Mä de Gros dovunner ass de 'placement des nécessiteux aux centres d'accueil', deen elo bei 450.000 Euro, wat bal d'Halschent vun deem ganze Budget ausmécht, läit. Da sinn natierlech och d'Peie vun den Assistantes sociales dran, a wéi gesot, déi 'autres secours temporaires et accidentels'. Dat si Leit, déi schlecht dru sinn, wa se an de Chômage kommen, a wa se d'Mëttelen net hu fir hire Loyer ze bezuelen, da gräife mer deenen ënner d'Äerm. Mir kënnen awer kucke fir iech eng méi detailléiert Statistik ze ginn, besonnesch wat déi Placementer ubelaangt, watfir Leit dat sinn an ënner watfir Konditiounen déi Placementer stattfannen.

Mir géifen iech dat zoukomme loossen, well et soll jo net hei an enger ëffentlecher Sëtzung diskutéiert ginn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Do ginn ech iech Recht. Et soll och net dobausse mam Fanger op d'Péitenger Gemeng gewise ginn. Et ass jo schonn eng delikat Geschicht. Awer wéinstens soll de Conseil oder déi jeeweileg Fraktiounen dat Zuelematerial zougestallt kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat dierft kee Problem sinn.

Approbations à l'unanimité.

3.1.

Enseignement.

Organisation de classes de neige en 2010 - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wéi all Joer huet d'Association des classes de neige eis schonn hir Organisatioun erageschéckt, fir datt mer kënnen hei am Gemengerot driwwer délibéréieren. Eis Kanner gi vum 21. bis den 30 Januar 2010 an d'Schnéivakanzen. Et solle fir de Moment maximal 201 Schüler matgoen. Mir wëssen, datt am Laf vun deenen nächste Wochen deen een oder anere Schüler sech nach wäert ofmellen. Mir wäerten awer wahrscheinlech bei enger Zuel leien, déi eis obligéiert fir 5 Bussen ze huelen. Dat hate mer eigentlech nach net déi lescht Joeren, mä mat 201 Schüler an 28 Erwuessenen, déi mat ginn, miissten der scho ganz vill ofsoe fir datt et mat 4 Busse géif duergoen.

Et ass och esou, datt et mat deenen 201 Schüler net méi duergeet fir an deem engen Haus - vun Jugend- und Familiengästehaus Sigmundsberg - ënnerdaach ze kommen. Mir mussen och eng Grupp an d'Mariazeller Land leeën. Dat ass am Nopeschduerf. D'Schigebitt ass zu Mariazell, dat heescht et stellt sécherlech kee Problem duer. Et ass och vun deem selwechte Bedreiwer, esou datt och - wat d'Organisatioun ubelaangt - keng Schwieregkeet doranner besteet.

Dee ganze Budget beleeft sech op 132.220 Euro. Dovunner droen d'Elteren 200 Euro pro Schüler dee matgeet, dat sinn 40.200 Euro. Dat si genee 30% vun deem wat et kascht. D'Gemeng iwwerhëlt déi 70% an dat wieren dann 92.000 Euro. Wann ee weess, datt elo muss eng Avance bezuelt gi fir verschidde Rechnungen ze bezuelen, wëlle mer op den Exercice 2009 schonn 45.000 Euro deblockéieren, déi mer dann als Avance der Associatioun Classes de neige zoukomme loossen. Dat maachen ongeféier 50% vun deem aus wat d'Gemeng muss bezuelen.

Dëst ass an der Continuitéit vun deem, wat mer an deene leschte Joeren haten, an ech géif de Gemengerot biede fir dës Organisatioun ze ënnerstëtzen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech huelen un, datt dir iech scho kënnt denke wat elo kënnt. Ech sinn nach ëmmer - zesumme mat eiser Fraktioun net ganz waarm fir déi Schivakanzen. Mir schwieft nach ëmmer fir, wat an Däitschland existéiert, a wat do zur vollster Zefriddenheet gemaach gëtt fir Schüler- oder Schoulvakanzen op engem aneren Niveau ze maachen. Sief dat op Bauerenhäff oder wat och ëmmer. Well do ginn et Strukturen, déi dofir ageriicht sinn. An et muss net onbedéngt eng Schivakanz sinn.

Op der anerer Säit hu mer virdrun iwwer den Office social geschwat, an ech gesinn hei an deem Budget provisoire vun der Associatioun, datt bei 'élèves nécessiteux' 500 Euro agedroe sinn. Ech ka mer bal net virstellen, datt déi Zomm duergeet. An ech ka mer dann och denken, datt ganz vill Kanner aus Käschtegrënn net mat an d'Schivakanz ginn, an déi heibleiwe well d'Eltere sech dat net kënne leeschten.

Wéi gesot, do ginn et aner Méiglechkeeten, a firwat probéiere mer net eng Kéier eppes aneschters erauszefanne wat ee mat deene Kanner kéint maachen. Et muss éischtens net esou wäit sinn, an zweetens muss et keng Schivakanz sinn, well dat aus ekologesche Grënn net onbedéngt ze vertrieden ass.

Ausserdem hat den Här Buergermeeschter eng Kéier gesot, datt een op eng Ëmfro bei den Eltere kéint zeréckgräifen, fir ze froen, ob se d'Schivakanz wëlle bäibehalen oder ob se wëllen op een anere Wee goen. An dowéinst wollt ech froen, wéini datt mer dann esou eppes kéinten hei presentéiert kréien?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat dee Referendum betrëfft, esou ass et esou, datt opgronn vun der Gesetzgebung, déi elo agetratt ass, d'Situatioun e bëssen aneschters ginn ass. Dat heescht et ass och net méi d'Gemeng déi hei féierend ass. Ech géif dat dann un déi 3 Presidente vun deenen 3 Schoule weiderginn, fir se ze froen, ob se dat wëlle maachen oder net. Well schlussendlech maache mir hei eppes am Konsens mam Léierpersonal. An och an dësem Beräich wäert d'Léierpersonal an Zukunft an deem Sënn och d'Décisiounen huele wat se wëlle maachen, an dat am Kader vun der Schoulorganisatioun. Dat eenzegt, wat mir héchstens kënne maachen, ass hinnen de Krunn zoudréinen, an datt mer hinnen déi finanziell Méiglechkeeten net méi géifen zur Verfügung stelle fir et ze maachen.

Ech kann awer deenen 3 Presidenten äre Wonsch mat op de Wee ginn. Ech muss awer soen, datt et an dësem Fall eng Kontinuitéit ass vun deem wat virgesi war am Kader vun eiser Schoulorganisatioun 2009/2010, an déi mer am Juli hei ofgeseent hunn. Do stoung déi Organisatioun vun der Classe de neige fir d'Joer 2010 schonn dran. Mir miissten dat dann och am Kader vun der Schoulorganisatioun

2010/2011 mat deenen eenzelne Schoulmeeschteren diskutéieren. Dat wäert dann och preparéiert ginn am Kader vun der Organisation scolaire vun der Commission scolaire, an däer jo och zanter dësem Schouljoer ee Member vun der grénger Fraktioun dobäi ass fir d'Positioun vun deene Gréngen dann och ze presentéieren.

Wat elo déi 'élèves nécessiteux' ubelaangt, esou ass dat ee Richtungswäert dee besteet. Op kee Fall war et bis elo eng Ursaach, datt e Kand net konnt matgoe well d'Elteren net konnte bezuelen. Dofir steet och déi Zomm hei dran, fir wann emol effektiv e Fall sollt do sinn. De Fall gëtt da gekuckt, an da gëtt et och gemaach. Et muss een och wëssen, datt déi Kanner während enger gudder Woch net doheem sinn an och do näischt brauchen ze iessen. Och dat miissten d'Eltere bezuelen, a wann een dat heiten e bëssen zesummerechent, da geet dat net wäit iwwer dat eraus, wat se fir den dagdeegleche Kascht miissten heiheem bezuelen.

Ech géif awer der Associatioun mat op de Wee ginn, datt se sollen oppassen, datt et net un esou engem Fall soll scheiteren ob e Kand matgeet oder net. Et sinn och net esouvill Kanner, déi net matginn, Et wäerten der ongeféier eng Dose sinn. Et sinn am generellen eng 5%, déi net matginn. Do Grond dofir sinn awer aner Iwwerleeungen, wéi zum Beispill well d'Kanner fäerte fir Schi ze fueren, oder well se Angscht hu fir esoulaang vun doheem fort ze sinn. Dat sinn oft d'Ursaache firwat Kanner net mat ginn. De finanzielle Volet war nach ni eng Ursaach, a mer wäerten och dorfir suergen, datt dat och ni eng Ursaach gëtt.

Déi aner Saach wäert ech un d'Schoulmeeschtere viruginn, un déi dräi Presidenten, an da kënnen se emol an hire Schoulcomitéën driwwer diskutéieren. Do sëtze jo och Eltere mat dran, a wa se wëllen, kënnen se sech jo zesummesetzen an dat beschwätzen a kucke wat dobäi erauskënnt.

Jeannot Linden (LSAP):

An der Beschreiwung geet Rieds vu 5 Bussen, an am provisoresche Budget hu mer och 5 Busse stoen. Do geet awer och nach Rieds vun 700 Euro fir eng 'voiture louée', wou awer keng wieder Explikatiounen ze fanne sinn. Wat ass domatter gemengt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ka sinn, datt deen Auto vun hei aus matfiert. Et kann awer och sinn, datt se deen Auto eréischt dohannen op der Plaz lounen. Dat ass nach net 100-prozenteg sécher. Mir wollten awer hunn, datt eng Méiglechkeet besteet fir tëscht deenen zwee Haiser hin- an hirzefueren, well se jo an zwou verschiddenen Uertschafte sinn. Mat deem Auto kéint ee séier op d'Plaz fuere wann ee Problem wier.

Jeannot Linden (LSAP):

D'Busse si jo awer och do.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. Et geet awer méi einfach mat engem Auto, wéi wann ee fir eng Klengegkeet de Bus muss huele fir iwwer déi schmuel Stroossen ze fueren.

Carlo Gira (CSV):

Dee Präis, deen d'Eltere bezuelen - déi 30% - ass deen eng Kéier festgeluegt ginn? Well wann ech kucken, esou sinn et jo net grad 30%, an dat heiten ass jo awer eng Saach, bei däer een de Kanner soll entgéintkommen an an dësen Zäiten net onbedéngt soll higoen an déi Präisser erhéijen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir sinn eigentlech dovunner ausgaangen, datt mer een Drëttel vun den Eltere géifen erwaarden, an zwee Drëttel géif d'Gemeng iwwerhuelen. Dat wieren 33,3 an 66,6 %. Hei leie mer elo bei knapps 30% fir d'Elteren.

Mir sinn awer och der Meenung, datt et e falscht Zeechen no bausse wier, fir alles gratis ze ginn. Och hei sollen d'Elteren eng Participatioun ginn. Et ass jo eng eemoleg Geschicht, wou d'Kanner kënnen iwwer eng Woch zesumme sinn, mat Begleetpersounen, mat Animatioun owes - well et gëtt jo net alleng Schi gefuer -, a wou sech während 9 Deeg mat de Kanner beschäftegt gëtt. Gitt emol an eng Vakanzekolonie fir 200 Euro, et ass kaum méiglech, datt een dat fënnt. Hei ass e gudden Encadrement, et ass eng flott Initiative vun de Léierpersounen, a mir waren der Meenung, datt 200 Euro ugepasst wiere fir dësen Déplacement.

Carlo Gira (CSV):

Ech hunn och net proposéiert fir d'Participatioun vun den Elteren ze héijen, an ech sinn och dofir, datt eppes soll gefrot ginn. Mä et sollt een awer an dësen Zäiten net higoen an de Präis hiewen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir ginn der Associatioun 'Classes de neige' dat dann och an deem Sënn mat op de Wee.

Ech muss awer och nach soen, datt déi Präisser, déi vun deene Gästehaiser gefrot ginn - mat 37 Euro mat Kost und Logis fir de ganzen Dag - näischt zevill ass. A wann ee kuckt a gesäit, wéi gutt se do logéiert sinn an deem modernen Haus, dann ass dee Präis ganz annehmbar.

Accord par 11 voix (CSV, DP, LSAP) contre 1 voix (Déi Gréng).

3.2.

Enseignement.

Réaménagement partiel des locaux de l'école 'Neiwiss' à Rodange - approbation d'un devis actualisé - décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir si praktesch um Enn vun den Aarbechten ukomm. D'Aarbechte wäerten Enn vun dësem Joer, respektiv Uganks vum nächste Joer komplett ofgeschloss sinn. Am Hibléck op de Budget 2010 si mer am gaangen en Devis actualisé opzestellen, fir festzestelle wou mer schlussendlech mat dësen Ëmbauaarbechte landen. Dës Ëmbauaarbechten hunn nach miissten am Laf vun de leschte Méint - dat heescht am Juni/Juli - kompletéiert gi well mer 2 Saache festgestallt hunn. Eng Saach déi scho méi laang gewosst war, mä keen esou richteg wosst duerch wat et géif kommen, war eng gewësse Fiichtegkeet. Wou mer elo déi Salle polyvalente am Keller aménagéiert hunn, hu mer festgestallt, datt onbedéngt no bausse miisst gekuckt ginn. Mir waren ëmmer der Meenung, datt déi Saach vu banne kéim, mä mir hunn awer du während den Aarbechte festgestallt, datt et net ka vu banne kommen. Et goufen eng Rei Prouwe gemaach, a mir sinn zur Schlussfolgerung komm, datt ee baussen, - do wou de Wee ass fir déi behënnert Kanner op de Rez-de-chaussée ze kréien - muss oprappe fir deem Problem vun der Fiichtegkeet op d'Spuer ze kommen. An do hu mer och de Problem fonnt. Et war eng al Zetär nënnendran, a do stoung Waasser dran. Déi Zetär huet miissten drëchegeluegt ginn, an op der anerer Säit hu mer miissten den Uschloss un de Kanal frësch leeën. Dat war e Surcoût, mat deem mer net gerechent haten, mä déi Aarbechten hunn awer miisste gemaach ginn. Net datt mer an e puer Joer, nodeem mer mat den Aarbechte vun däer Salle polyvalente fäerdeg waren, erëm hätte miissten oprappe fir erauszefanne wou déi Fiichtegkeet hirstaamt. Dee Problem ass elo komplett behuewen. Et ass eng

nei Pente gemaach gi fir d'Kanner nees op de Rez-de-chaussée eranze-huelen. Déi Aarbechten, déi esouwäit ofgeschloss sinn, schloen awer ganz zolitt zu Buch. Dat ass dann och eng vun den Ursaache firwat dee Projet dann elo méi deier gëtt wéi dat wat virgesi war.

Eng aner Saach, déi mer kuerzfristeg décidéiert hu fir ze maachen, ass am Gank um Rez-de-chaussée an um éischte Stack. Do hu mer festgestallt, datt deen dräierlee Buedembelag, dee mer zanter ëmmer do hunn, absolut net bei déi nei Schoul géif passen. An dofir hu mer kuerzer Hand décidéiert fir en neie Buedembelag ze maachen, esou datt mer en eenheetleche Belag am ganze Gebai hunn.

Dat huet natierlech och e supplementare Käschtepunkt mat sech bruecht. Et ass natierlech och nach dobäikomm - an dat ass eppes, wat mer net onbedéngt gefall huet - , datt am 'Nachhinein' bei den Dekonte vum Architekt Aarbechten opgetaucht sinn, déi si einfach esou vu sech aus niewelaanscht gemaach hunn. Déi Aarbechte ware vläicht och zum Deel ubruecht fir ze maachen, mä wouriwwer mer eigentlech ni am Viraus als Schäfferot informéiert gi sinn, an elo, bei provisoreschen Dekont eréischt an d'Bild gesat goufen. Dat ass eng Aart a Weis vu Schaffen, déi mir guer net gefält, a wou mir och als Schäfferot dem Architekt ganz kloer gesot hunn, datt dat doten net esou ass wéi mir eis dat virstellen. A mer hunn dem Architekt an deem Beräich och Konsequenzen ugedeit.

Alles an allem wäert elo dee ganze Projet 4,4 Milliounen Euro kaschten. Et muss ee soen, datt mer fir déi Suen 12 nei Klassesäll geschafen hunn, wouvun der zwee net als Klassesäll mä als Bibliothéik, respektiv Accueil an Appui gebraucht ginn. Et sinn uewenop - ënner dem Daach - 8 nei Klassesäll geschaf ginn, an am fréieren Turnsall 4 Klassesäll. Och gouf am Keller e ganz flotten Trakt aménagéiert, mat enger Salle polyvalente fir 100 Leit, plus dem Sanitär, souwéi enger Kichen.

Et kann ee feststellen, datt eng gutt Aarbecht geleescht gouf, esouwuel am Gebai wéi och baussen. A wa mer elo nach déi Schoulhäff - an dat gesi mer am Budget vir - gemaach hunn, da ginn ech dovunner aus, datt déi Schoul fir déi nächste Joeren an engem exzellenten Zoustand ass, an datt eis Kanner deen Encadrement hunn deen se brauche fir sech kënnen an der Schoul ze entwéckelen.

Dat gesot, proposéieren ech iech fir den aktualiséierten Devis vun 4,455 Milliounen Euro ze approuvéieren. Mir wäerten awer kee supplementare Kredit stëmmen, well am Budget 2010 de Sold ze fanne wäert sinn. Well de Rescht vun den Aarbechte ginn am Joer 2010 bezuelt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech fannen, datt wann esou een dichtegen Architektebüro esou Aarbechten unhëlt, a wann en d'Heft gesäit ier d'Aarbechten uginn, dat awer da sollt klappen. Virun allem déi Geschicht mam Buedembelag miisst dem Architekt jo vu vireran opfalen, respektiv miisst sech kënnen e Bild maache vun deem wat en do produzéiert a fabrizéiert.

Op der anerer Säit hunn ech och elo nach héieren, datt Saache gemaach si ginn, déi d'Gemeng ni gefrot huet. Da froen ech mech wierklech, firwat mir den Optrag un esou Architektebüroe ginn, virun allem wann all déi Projete mat Dépassementer hei an de Gemengerot kommen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat de Buedembelag ugeet, esou kann een dem Architekt net onbedéngt e Reproche maachen. En hätt eis kéinten drop opmierksam maachen, do ginn ech iech Recht. Mä et hätt een eigentlech och kënne mat deem Buedembelag liewen, deen nach do war. Mir waren awer als Schäfferot der Meenung, datt - wann een esou eng flott Schoul duerno fäerdegestallt huet - wann een déi Kiermes vu Buedembelag behal hätt, dat eigentlech net grad flott gewiescht wier. Mir hunn als Schäfferot kuerz virun der grousser Vakanz décidéiert fir de Buedembelag ze änneren, fir datt och nach an der Vakanz dee Projet kéint ofgeschloss ginn. An do wëll ech dem Architekt net onbedéngt de Reproche maachen.

Dir hutt och gefrot, firwat mer esou een Architekt engagéiert hunn? Ech muss iech soen, datt mir deen Architekt net engagéiert hunn. Dat geet nach zeréck op Zäiten, wou net ee vun deene Memberen aus dem heitege Schäfferot am Schäfferot souzen. Dat si Projeten, déi schonn do waren, an déi virugelaf sinn, an déi mer - vläicht an enger anerer Form - mat deem selwechten Architekt hu miisste viruféieren.

A mer si mat deem Architekt nach net fäerdeg, well et sinn nach zwee aner Dossieren do. Ech muss awer och soen, datt ech an däer heiter Saach net ganz frou sinn. Ech géif et op 200.000 Euro chiffréieren, wat vun Aarbechte gemaach si ginn déi net mat eis ofgeschwat waren. An dat fanne mer net gutt. An dat hu mer och scho bei anere Projete miisste materliewen. An dat war meeschtens och bei deem selwechten Architekt de Fall.

Guy Brecht (LSAP):

Den Här Becker huet schonn alles gesot, wat ech och wollt soen. A well et net fir d'éischt ass, datt mer mat deem Architektebüro zesummeschaffen, a mer ëmmer drop higewise si fir Suen nozestëmmen, sinn ech wierklech frou, datt den Här Buergermeeschter dës Kéier gesot huet, datt do Konsequenze géife gezu ginn. Do hutt der eis voll Ënnerstëtzung, dat kënnt der gleewen.

Accord à l'unanimité.

3.3.

Enseignement.

Extension de l'école 'Am Paesch' à Rodange - approbation di décompte provisoire et d'un crédit additionnel - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei ass et och e provisoreschen Dekont, dee mer solle stëmmen. Do ass d'Situatioun awer wesentlech besser. Do hate mer schonn Devisë gestëmmt vun 2.817.690 Euro. Den Total vun den approuvéierte Kreditter louch bei 2.717.000 Euro, an d'Ausgab läit schlussendlech bei 2.701.000 Euro. Mir hunn awer elo festgestallt - a mer hate gemengt mat 2.717.000 Euro géif et duergoen - datt elo nach Rechnungen dobäikomm sinn a mer bei 2.740.000 Euro leien, esou datt mer elo - wat de Kredit ubelaangt - dee mussen héijen. Mä mer bleiwen awer an de Limite vum urspréngleche Devis.

Et waren awer do nach Diskussiounen, wou e Problem mat engem 'échangeur terrestre' war, dee futti gemaach gouf. Mir hunn eis och net als Gemeng ginn an hu gesot, datt mer déi Fraisen als Gemeng net géifen iwwerhuelen. Mir hu gesot, datt déi Leit, déi dat ze veränteweren hunn, dofir mussen opkommen. Do ass och eng Décisioun vum Geriicht geholl ginn, datt a Fonctioun vun engem gewëssene Schlëssel déi Schold muss verdeelt ginn. Et ass awer elo esou, - et ass en Expert deen dat décidéiert huet - datt mer nach net um Enn vun däer Geschicht ukomm sinn. Mir halen hinnen elo einfach - esou wéi den Expert dat festgehalen huet - déi Zomm emol of, a mer musse kucke wéi d'Reaktioune sinn. Et geet hei ëm 46.591 Euro déi als supplementar Fraisen hu miissten opbruecht gi fir de Schued ze ersetzen, dee während den Aarbechten entstanen ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Mir stëmmen haut elo just en zousätzleche Kredit vun 24.000 Euro. Mir musse jo nach ofwaarde wat um Geriicht décidéiert gëtt, fir ze wësse wat mer schlussendlech brauchen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Décisioun ass gefall. Den Expert huet déi geholl. Mä déi 24.000 Euro ass e bëssen eppes aneschters. Mir waren effektiv, wou mir d'Situatioun analyséiert hu beim leschte Budget, dovunner ausgaangen, datt mer mat deenen 2,7 Milliounen Euro alles bezuelt géife kréien. Et kascht awer 2,740 Milliounen Euro. Dat heescht, mir leien ënner dem Devis vun 2,817 Milliounen Euro. Mä et ass nach eng Rechnung opgetaucht, mat däer eise Service technique net gerechent hat, an déi nach beglach muss ginn.

Accord à l'unanimité.

4.

Cimetières.

Installation d'un garage préfabriqué au cimetière de Pétange - approbation du devis et vote d'un crédit spécial - décisions

Roland Breyer, Schäffen:

Mir si scho méi laang mat enger Doléance vun eisem Péitenger Doudegriewer confrontéiert, well hie keng anstänneg Plaz huet fir säi Material ënnerzestellen a keng Commoditéit huet fir dat Material direkt op de Kierfecht ze kréien. Ënner anerem hu mer do e Weenchen, fir d'Särg ze transportéieren, an dee fir de Moment relativ schlecht entreposéiert ass. Dir wësst, datt d'Morgue net accessibel ass, well do Trape sinn. D'Haus ass och net équipéiert mat engem direkten Accès op de Kierfecht. Mir haten en ale Container hannenaus am Haf vum Doudegriewerhaus stoen, deen haaptsächlech dohinner gesat gi war wéints deenen Aarbechte wou mer d'Griewer an d'Maueren nei gemaach haten. Dee Container ass deelweis verrascht an net méi dicht. Mir hunn elo d'Méiglechkeet fir eng préfabriquéiert Garage ze kafen, déi mer an d'Plaz vun deem Container géife setzen. De Präis ass och interessant a géif bei ronn 15.000 Euro leien. Fir dee Präis géife mer eng relativ grouss Garage op d'Plaz bruecht kréien. Et ass och nach méiglech fir Elektrescht dohinner ze kréien, esou datt d'Dir och elektresch kéint bedéngt ginn. Et wier fir den Doudegriewer och en Avantage, wann en domatter säi Material op der Plaz hätt mat direkten Accès op de Kierfecht.

Carlo Gira (CSV):

Ech géif iech recommandéieren, datt mer d'Elektrescht géifen dohinner leeën, well wat maache mer soss mat deenen zou Tëleecommanden, déi mer gratis matgeliwwert kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Dat wat mer haut virleien hunn, kann een net grad Devis nennen. Do gëtt iergend ee Forfait verrechent, mä ech wéilt awer gäre wësse wat dee Garage genee kascht. Wat kascht de Betong, dee muss gemaach ginn? Wat kascht dat alles?

Roland Breyer, Schäffen:

An deem Präis ass dat alles mat dran.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hätt awer gären den Détail dovunner.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn ee fonnt, deen d'Méiglechkeet huet, fir esou Garagen ze liwweren, fäerdeg op d'Plaz ze setzen, de Soubassement an d'Rei ze setzen, esou datt se direkt ka genotzt ginn. Mir hunn eng Offer gemaach kritt, a waren der Meenung, datt déi Saach ganz flott ass, well mer och wësse wat et schlussendlech kascht a well kee Supplément méi dobäi kënnt. Mir hunn nëmmen nach eng Leitung fir d'Elektrescht dohinner ze leeën, an da fonctionnéiert et.

Well wa mer elo all Posten - de Soubassement, d'Ofdichten, asw - eenzel gemaach hätten, da wiere mer erëm en Experiment agaangen, an et wier vläicht erëm eng Iwwerraschung komm. An deem Präis hei ass dat alles mat dran, all d'Aarbechten déi ufalen plus d'Garage.

Roger Klein (LSAP):

Ech kennen dee Genre vu Garagen, an ech fannen et eng ganz gutt Iddi fir dat esou ze maachen. Ech ginn och dovunner aus, datt déi Garage méi schwéier ass wéi déi Kappelche fir d'Helleg Barbara, déi mer déi leschte Kéier gestëmmt haten. An dofir stellen ech hei mat Freed fest, datt mer hei een hunn, deen eis offréiert déi Garage ze liwweren, op d'Plaz ze stellen a kompetent genuch ass fir dat ze maachen ouni datt d'Gemeng virdru muss en Avis an en Dossier vun engem Statiker maache loossen a bezuelen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wou der Recht hutt, hutt der Recht.

Accord à l'unanimité.

5.

Questions des conseillers communaux.

Jeannot Linden (LSAP):

Awunner aus der rue de Longwy zu Rodange bekloe sech, datt tëscht der rue Michel Rodange an der rue de la Gendarmerie, obschonn an deem Deel d'Stationéieren duerch d'Residenz-regelung festläit, ëmmer Autoen dee ganzen Dag do stinn ouni geréckelt ze ginn. Kee Pechert a keng Police gräifen do an. Et gëtt gemengt, et solle keng nei Verkéiersreglementer ageféiert gi wann dat néidegt Personal, fir wierksam Kontrollen ze maachen, net zur Verfügung steet. Wéi gesäit de Schäfferot déi Reklamatioun? Virun der aler Gendarmerie soll ausserdeem en Auto scho méintelaang stoen, ouni geréckelt ze ginn an ouni datt Eppes ënnerholl gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt mer feststelle mussen, datt mer genuch Pecherten hu fir déi Secteuren ze kontrolléieren, déi ze kontrolléiere sinn. Dat ass d'Ausso vum Polizeikommissär vu Péiteng. Si géifen och deen Tour, dee se ze maachen hunn, packen a se géifen en och efficace kontrolléieren. Si packen et och fir esouguer owes d'Camionnetten ze kontrolléieren. A wat elo nach dobäikënnt ass, datt se och heiansdo iwwer d'Nuecht kontrolléiere ginn. Och mat deene Compensatiounen dobäi wieren se net iwwerlaascht. Et ass also net esou, datt mer net genuch Leit hätten.

Et muss een awer zu deem Secteur, deen hei ugeschwat gëtt, soen, datt do eng Tankstatioun ass an datt 2 Residenzen am gaange sinn do gebaut ze ginn. An et stinn ëmmer eng Rei Autoen do, wou d'Propriétaire versiche fir och eng Ursaach unzeginn. Zum Beispill soen se, datt se mat der Residenz ze dinn hunn, an datt se do schaffen an doduerch den Auto net kënne permanent réckelen. Mä heifir hu mer jo och eng Léisung an eisem Taxereglement. Vum 1. Januar 2010 un trieden déi Taxen a Kraaft, an da kënne mer zu deene Leit soen, datt se sech sollen eng Vignette fir Professionneller op d'Gemeng kafe goen, fir datt se dann an der Rei sinn. Fir de Moment gëtt nach duerch d'Fangere gekuckt, well ebe vill Trafik do ass, a well een déi Leit net ëmmer wëll direkt strofen.

Et ginn awer Kontrolle gemaach, an ech soll och eng Statistik kréien, wat an deene leschte Méint vu Protokoller gemaach ginn ass. An esou séier mer

déi Statistiken hunn, deele mer iech se och mat.

Dee Problem vun deem Auto, dee virun der aler Gendarmerie steet, ass och bekannt an ass och bei der Police gemellt. Dat hunn ech och vun hinne bestätegt kritt. Et ass just e Problem vu Formalitéiten. Wann esou een Auto do steet, da muss emol fir d'éischt festgestallt gi wéi laang en do steet. Déi 48 Stonne musse bewise ginn. Wann dee Constat gemaach ass, datt en iwwer déi 48 Stonnen do steet, da gëtt versicht un de Propriétaire ze komme fir ze kucke wat mat deem Auto lass ass. Ass e geklaut ginn, oder gouf en einfach do vergiess? An eréischt wann déi Formalitéiten ofgeschloss sinn - déi praktesch eréischt no engem Mount ofgeschloss sinn - kann deen Auto an d'Fourrière eriwwergeholl ginn. Elo ass et awer esou, datt d'Police hei am Eck eng Fourrière huet, déi struppevoll ass, an datt d'Police eréischt ofschleeft, wa se eng Plaz fräi hunn.

Si hunn eis gesot, datt deen Auto fälleg wier, an esou séier eng Plaz an der Fourrière fräi ass, gëtt en och ofgeschleeft.

Jeannot Linden (LSAP):

Leit, déi mueres fréi, respektiv owes spéit, wann et nach däischter ass, op d'Péitenger Gare ginn oder vun do kommen, maachen opmierksam, datt de Foussgängersträife beim Restaurant 'La Stazione', um Ufank vun der rue de l'Hôtel de ville, net beliicht ass, wat eng grouss Gefor, esouwuel fir de Foussgänger wéi och fir den Automobilist duerstellt. Gedenkt de Schäfferot do ze intervenéiere fir dee Geforepunkt ze entschäerfen?

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hu wëlles generell op de Geforepunkten, wou de Foussgänger eventuell méi schlecht kéint ewechkommen, déi nei Luuchten ze setzen, esou wéi mer et schonn deelweis hei an der rue de l'Eglise an op anere Plaze gemaach hunn. Dat wäert och konsequent ausgebaut ginn.

An dësem Fall hei ass awer net geduecht, fir eng punktuell Léisung ze fannen. Mir kucke fir dat am Kader vum Réaménagement vun der avenue de la Gare ze maachen. D'Aarbechte solle jo d'nächst Joer ufänken. An do soll déi ganz Kräizung e bëssen aneschters aménagéiert ginn. Well d'Plaz ass net ganz iwwersiichtlech. Wann Autoe vun der Gare kommen, an déi wëllen an d'rue du Chemin de fer fueren, an anerer wëllen eroffueren, dann ass dat e Gekräiz an e Gedeessems sonnergläichen. Dat kann een och méi sécher gestallten. An do soll dann och dee Foussgängersträife mat agebonne ginn.

Nëmme fir ze soen: Mir hu ronn 270 Foussgängersträifen hei an der Gemeng. A fir esou eng Luucht dohinner ze setzen - mam Aménagement dobäi - kascht ronn 5.000 Euro. Dir kënnt iech also och séier ausrechnen, datt een dat net kann alles matenee maachen, an datt een d'Suen och net ëmmer disponibel huet.

Mä déi Situatioun hei soll beim Réaménagement vun der avenue de la Gare verbessert ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

Mä wann eppes Schlëmmes géif do geschéien, da géife mer eis jo méi Virwërf maache wéi déi 5.000 Euro.

Roland Breyer, Schäffen:

Datt eppes do muss gemaach ginn, ass sécher.

Jeannot Linden (LSAP):

An dann, alle Jahre wieder, d'Sonorisatioun fir Allerhellgen an Allerséilen um Kierfecht zu Rolleng. Op Musek gespillt ginn ass oder an de Mikro geschwat gouf, dat wat aus dem Lautsprecher komm ass, war eng Zoumuddung fir d'Leit. Spöttesch ass dann och vun de Leit, déi vun auswäerts komm sinn, bemierkt ginn: "Wann d'Gemeng kee konvenabelt Material installéiere kann, da wier et besser keng Beschallung anzeschalten. Da bleiwen se vun deem Gequiitschs a Gequassel verschount." Wat seet de Schäfferot dozou?

Roland Breyer, Schäffen:

Do ginn d'Meenungen auserneen. Ëmmer, wann Allerhellgen ass, da gëtt - esou wéi dir et och scho virdru gemaach hutt - alles um Kierfecht kontrolléiert. Op deenen 3 Kierfechter ass och vun eisen Elektriker a vum Kontermeeschter kontrolléiert ginn, ob déi Anlage fonctionnéieren. An déi hunn och fonctionnéiert. Deen Dag just virun Allerhellgen huet den Doudegriewer Musek driwwer lafe gelooss fir ze kucken, ob dat géif gutt kléngen. An dat huet och gutt geklongen. Den Här Paschtouer stoung ënner dem Auvent vun der Morgue. Et ass méiglech, datt et e bësse verzerrt huet, oder datt hien net däitlech genuch geschwat huet. Mir hunn hien och gefrot, an de Paschtouer ass der Meenung, datt alles tipp top gewiescht wier. Hien hätt sech gutt verstanen, esou datt och d'Leit hien hätte miisste gutt verstoen.

Do sinn ënnerschiddlech Meenungen. Mir kënnen nach eng Kéier nokucken. Et ass heiansdo emol eng Saach vun 'Dictioun', deemno wéi ee sech ausdréckt kënnt et vläicht besser oder méi schlecht eriwwer.

Dir sot mer, datt d'Musek verzerrt gewiescht wier. Et ass virdru kontrolléiert gi wou nach keng Leit um Kierfecht waren. Do ass vun eise Leit gesot ginn, datt alles funktionell wier.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech muss awer wierklech soen, datt et net an der Rei war. Well do ware Geräischer dran, an ech stelle mer d'Fro ob et net un de Lautsprecher géif leien. Well wann d'Musek ageschalt ass, dann ass jo kee Mikro ageschalt. An da si komesch Geräischer komm wann d'Musek an de Mikro sech ofgewiesselt hunn. A wann de Paschtouer geschwat huet, da war och esou ee Gekréckels. Entweder läit et um Kabel selwer, datt deen iergendwéi eng kleng Perte huet, oder et läit un de Lautsprecher.

Camille Bosseler (CSV):

Ech ka confirméieren, datt ech déi Deeg virdrun d'Musek vum Kierfecht ganz däitlech héieren hu bis bei mech heem.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir kucken dat doten no, fir datt et d'nächst Joer besser geet.

6.

Le point 6 de l'ordre du jour a été traité en séance à huis clos.